

# INFO BLAT

N°01 19

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng



## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 30. JANUAR 2019




**L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.**

# INFO BLAT 01 19


COMPTE-RENDU DU 30 JANVIER 2019

4-57

LE COLLÈGE ÉCHEVINAL PREND LA PAROLE

28-32

DÉMARCHES ADMINISTRATIVES

58



**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 10 500 exemplaires

**© PHOTOS** Couverture: Noé Steffenmünsberg

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 01/2019,** ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 30 JANVIER 2019

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)
Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communications du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Projets communaux:**
    a. Travaux de rénovation à la maison relais Woiwer — devis, article budgétaire 4/625/221313/18014;
    b. Construction d'un nouveau hall polyvalent à Oberkorn — devis pour la «Medien- und Bühnentechnik», article budgétaire 4/831/221311/16019;
    c. EIDE/École internationale à Differdange, école primaire — devis pour les travaux de démolition et d'assainissement du terrain du Hall de la Chiers, article budgétaire 4/910/2213111/16013;
    d. Décompte des travaux de huit projets communaux.
3. **Actes et conventions:**
    a. Vente d'un terrain de 3,44 a au lieudit «Cité Galerie Honsbësch» à Niederkorn;
    b. Vente d'un terrain de 0,79 a au lieudit «Rue de Hussigny» à Differdange;
    c. Contrat de location de deux parcelles d'une contenance de 24,40 a aux abords de la rue de l'Eau à Oberkorn;
    d. Trois contrats de bail d'un espace et un avenant dans les bâtiments A et C du 1535° Creative Hub;
    e. Convention pour la plantation et l'entretien d'arbres fruitiers par le SICONA Sud-Ouest au lieudit «Rue de l'Eau» à Oberkorn;
    f. Convention «Jugendwunnen am Quartier Arboria» avec la Croix-Rouge luxembourgeoise.
4. **Règlements communaux:**
    a. Relevé des nuits blanches officielles pour 2019;
    b. Adaptation des tarifs de l'école de musique pour l'année scolaire 2019/2020 et introduction de nouveaux tarifs de location des salles du Sonotron;
    c. Règlements temporaires de circulation.
5. **Personnel communal:**
    a. Adaptations ponctuelles de l'organigramme;
    b. Ajustement des indemnités versées aux collaborateurs de l'équipe de médiation et aux moniteurs des cours de sports-loisirs.
6. **Changements au sein des commissions consultatives.**

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance. Il informe les conseillers communaux que le 11 février à 18 h aura lieu une réunion d'information au 1535° concernant les plans du bâtiment B. Les conseillers communaux recevront une invitation.*
*Roberto Traversini passe à plusieurs rénovations et cède la parole à M. Ulveling.*

**TOM ULVELING (CSV)** *explique que le premier devis aurait dû être soumis au vote en décembre dernier. Des lavabos ont été repeints et la centrale d'intrusion et d'incendie adaptée. Les frais se montent à 215 000 €. Les rénovations du Woiwer ont déjà été faites. Le collège échevinal présente donc le devis après la réalisation des travaux. Il y a eu confusion.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souligne le fait que la maison relais en question n'est fonctionnelle que depuis environ huit ans. Il comprend que des rénovations sont parfois nécessaires, mais à quoi celles-ci sont-elles dues? Il était au courant des problèmes avec la centrale d'incendie et d'intrusion, car le signal ne passait pas. Mais les travaux de peinture et la rénovation des lavabos sont-ils dus au nouveau concept pédagogique? Cela représente tout de même 159 000 €.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *a des questions comparables à celles de M. Muller. De quoi dépendent ces rénovations? Il se souvient que peu après l'ouverture de la maison relais, il y avait déjà des fissures sur les murs et les plafonds. Gary Diderich craignait que les travaux aient été réalisés trop rapidement. Ces fissures se sont-elles étendues ou bien existe-t-il d'autres problèmes?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que cela n'a rien à voir avec les fissures de l'époque. Celles-ci avaient été réparées rapidement.*
*Les travaux actuels concernent la protection murale, qui manquait, et le remplacement de plusieurs lavabos.*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moie fir eis Gemengerotssitzung. Ech ginn Iech gär eng Informatioun mat, net datt ech et duerno vergiessen: Den 11. Februar géife mer eis am 1535° gesinn, fir zesummen iwwert d'Pläng vum Bâtiment B ze kucken. Dir hutt se virleien. Mir géife se duerno eréischt an de Gemengerot huelen. Da ka jiddweree kucken, ob et dee richtegen ass. Dir kritt nach eng Invitatioun. Den 11. Februar um 18 Auer. Da wësst Der scho Bescheed.

Da géife mer mat der Gemengerotssitzung vun haut ufänken. Mir kéimen zu de Renovatiounen. Dir gesitt, et sinn der e ganze Batz. Här Ulveling, sot Der eis, wat mer do geschafft hunn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et läit en duebelen Iertum vun eiser Säit vir: Mir hate vergiess, deen Devis hei am Dezember matzehuelen. Déi Aarbechte sinn am Fong scho gemaach. Dat wëll ech awer hei soen. Et handelt sech ëm Renovatiounsaarbechten. Haaptsächlech goufe Lavaboen ausgetosch an nei ugestrach. Plus d'Adaptatioun vun der Centrale d'intrusion et d'incendie. Dat Ganzt huet 215.000 Euro kascht.

Wéi gesot, gouf et eng Verwiesslung. Mer hätte sollten d'Renovatioun vum Woiwer virdrun hei hunn. Well mer den Devis vergiess haten eranzehuelen, hu mer gemengt, et wier besser, en nach post-festum wéi guer net eranzehuelen. Et ass e bëssen duerchernee gaangen. Ech iwwerhuelen dat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Muller huet d'Wuert.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Häre vun der Press, schéine gudde Moien. Ech erënneren drun, sou laang ass déi Maison relais nach net a Betrib, et wäerten zirka aacht Joer sinn. Dass Opfrëschungsaarbechte musse gemaach ginn, dat ass heiansdo néideg, mä ech wollt froen, wouduerch déi bedéngt sinn. D'Centrale d'incendie et d'intrusioun, dat war mer bekannt, well mer do Problemer hu mat der Zentral, fir deen Deel anstänneg unzepassen, dass déi Signaler duerchkommen. Dass do Handlungsbedarf bestoung, dat wousst ech.

Mä et ass dat anert, déi Usträichaarbechten an déi Lavaboen. Ech wollt froen: Ass dat bedéngt duerch d'Konzept, wat sech elo geännert huet vun der Maison relais? Oder firwat waren déi Aarbechten néideg? Och wann dat schéngt e bësse méi bescheiden ze sinn, mat 159.000 Euro. Mä trotzdeem, et sinn awer 159.000 Euro. Wann ee mer dat kéint soen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Moien alleguerten. Merci, Här Buergermeeschter fir d'Wuert. Ech hunn ähnlech Froe wéi den Här Muller. Duerch wat dat bedéngt ass, dass déi Renovatioune gemaach gi sinn. Ech erënneren drun, dass ech relativ fréi, nodeems déi Maison relais opgemaach hat, scho Froe gestallt hat. Well do ware scho ganz fréi Rëss ze gesinn tëschent de Maueren an de Plafongen. Do hat ech de Soupçon, dass et einfach ze schnell gemaach ginn ass an net dréchne konnt. Ech wollt froen, ob dat mat de Rëss ze dinn huet, dass déi sech weiderentwéckelt hunn, respektiv ob do nach aner Mängel entstane sinn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech kann Iech drop äntwerten. Et huet näischt mat de Rëss ze dinn, déi do waren. Dat war zimlech schnell duerno an d'Rei gemaach ginn. Dat eent ass d'Protection murale, op engem Meter Héicht. Dat war vläicht e Feeler, mä déi war net do. Dat ass dat eent. An dat anert: Et si verschidde Lavaboe bäigesat ginn, an anerer si gewiesselt ginn. Et huet op alle Fall näischt mam Kon-

zept ze dinn, firwat Lavaboe bäikomm sinn.

Mä Dir hutt gesinn, datt verschidde Protektioune gefeelt hunn, wann Der erakomm sidd. Do hutt Der recht, Här Diderich, et war knapps eng Woch op, do huet ee gesinn, datt et scho ganz knaschteg war, well d'Protektioun gefeelt huet. Déi ass awer elo an deem neien Deel gemaach ginn. Mä et ass net, datt wéinst engem Konzept Lavaboen ewechgeholl ginn oder bäigesat gi sinn.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux de rénovation à la maison relais Woiwer.*

Villmools Merci. Deen nächste Punkt ass méi e grousse Budget. Dat ass och nach net fäerdeg. Mir sinn do am Gaang. Et gouf stramm verhandelt. Mir si schonn e bësse mam Präis erofkomm. Ech wëll Iech awer soen, datt mer nach ëmmer net honnertprozenteg zefridde si mat deem Budget. Eis Leit, déi sech ëm d'Technik am Ale Stadhaus këmmeren, sinn och elo mat am Boot. Op alle Fall wäerte mer nach kucken, de Budget no ënnen ze drécken. Mir wëllen en awer scho mathuelen, fir verschidden Aarbechten, zum Beispill de Câblage, ze maachen, wa mer déi am September wëllen op hunn.

Här Ulveling, Dir hutt d'Wuert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, Dir hutt elo scho vill gesot. Dir hutt den Devis virleien. D'Bühnentechnik soll 637.000 Euro kaschten. D'Medientechnik 848.000 Euro. De Mobilier 140.000 Euro. An d'Honorairen 247.000 Euro. Dat mécht en Total vun 2,2 Milliounen Euro.

Am Ufank war et bei 2,4 Milliounen Euro lassgaangen. Déi 2,2 Milliounen Euro fanne mer ëmmer nach deier. Mir hunn et ëm 200.000 Euro reduzéiert kritt, well mer verschidde Saachen net esou heefeg kaaft hunn. Well mer gesot hunn, mir kënnen dat jo och ëmhänken, d'Motoren. Mir brauche keng 20 Motoren. Wa mer mat maximal, wat weess ech, 12 kënne fueren, da kënne mer dat jo ëmhänken.

Mam Kulturservice a mam Sportsservice hu mer zesumme gekuckt. Well mir kenne jo näischt vun esou technesche Saachen. Dofir hu mer eis do berode gelooss. Mir hu si den Devis nokucke gelooss.

Do sinn hinne verschidde Saachen opgefall, déi de Buergermeeschter elo gesot huet. Notamment, dass Devise vu Saachen dräimol esou deier sinn, wéi wa mer se géifen dobaussen am Buttek kafen, soen eis Leit. Soudass mer elo higinn a verschidde Saachen aus dësem Devis eraushuelen an déi net vun där Firma do ausschreiwe loossen. Mä dass mer kucken, dass mer déi selwer kafen. Soudass mer hoffen, nach eng gewësse Reduktioun domat ze bewierken.

Wat sinn d'Ännerungen? Dir kennt de Bau. De Bau selwer soll 7,5 Milliounen Euro kaschten. Et ass e grousse Sall do, geduecht fir 1.500 Leit. De Preau fir 500 Leit.

D'Philosophie ass, an där zukünfteger Hall de la Chiers, oder wéi se dann och heesche wäert, Ausstellungen, Expositioune stattfannen ze loossen, Kongresser, Generalversammlungen. Concerten, géif ech soen, éischter déi vu lokale Museken. Dofir ass et emol virgesinn. Fester vu Veräiner, Personalfeiere respektiv eisen Urban Living. Den Hobbymaart an Ähnleches, wat mer ëmmer traditionell hei organiséieren.

Mir hu versicht, gutt Material ze huelen. Mä mir hunn och versicht, nëmmen dat Material ze huelen, wat een dagdeeglech brauch fir esou Organisatiounen, wéi ech se elo opgezielt hunn. Fir déi organiséieren ze kënnen. Wann elo eng Kéier e spezielle Concert, e grousse Concert ze organiséiere wär, gi mer dovunner aus, dass mer dat da loune ginn. Da gëtt dat vun enger Firma opgestallt.

Esou huet een ëmmer dat lescht an dat bescht Material, wat zu där Zäit um Maart ass. Well Dir wësst alleguerten: Alles, wat mer hei kafen, déi Mëschpulter an esou, dat evoluéiert relativ schnell. Dat ass da relativ schnell demodéiert. Dofir gi mer am Fong op de

*Ces travaux n'ont rien à voir avec le concept. Mais M. Diderich a raison de dire que les problèmes sont apparus après une semaine, car les protections manquaient.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un point au sujet duquel le collège échevinal a dû négocier le prix. Celui-ci a fini par baisser. Les techniciens de l'Aalt Stadhaus participent aux discussions. Roberto Traversini espère pouvoir réduire le budget.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate que les conseillers communaux disposent du devis. Six-cent-trente-sept-mille euros sont destinés à la technique de scène, huit-cent-quarante-huit-mille euros à l'équipement média, cent-quarante-mille euros au mobilier et deux-cent-quarante-sept-mille euros aux honoraires pour un total de deux-millions-deux-cent-mille euros.*
*Au départ, le devis s'élevait à 2,4 millions d'euros. Il a donc baissé de 200 000 €.*
*Comme le collège échevinal ne s'y connait pas, il s'est laissé conseiller par le service culturel et le service des sports. C'est là qu'ils ont remarqué que certains éléments coutaient trois fois plus cher que le prix en magasin. La commune va donc acheter ces éléments elle-même. Cela devrait entrainer une réduction du prix.*
*La bâtisse coute 7,5 millions d'euros. La grande salle aura une capacité de 1500 personnes et le préau de 500 personnes.*
*Le futur Hall de la Chiers pourra accueillir des congrès, des expositions, des assemblées générales, des concerts d'harmonies locales, des fêtes d'associations, la fête du personnel, Urban Living, le «Hobbymaart»…*
*Le collège échevinal a essayé d'acheter du bon matériel utilisable régulièrement. Pour un concert exceptionnel, l'équipement pourra être loué afin de disposer constamment du meilleur. Les tables de mixage par exemple évoluent rapidement et sont donc vite obsolètes. C'est pourquoi tout ce qui n'est pas nécessaire quotidiennement sera pris en location.*

*Désormais, il sera possible d'installer une scène sur trois sites. La table de mixage professionnelle prévue initialement sur le balcon sera mobile. En effet, les spécialistes en acoustique préfèrent être installés directement dans la salle pendant les concerts.*
*Les grands projecteurs ont été remplacés par de grands écrans de télévision auxquels on peut relier un ordinateur.*
*Tom Ulveling va présenter le devis tel quel. Mais il rappelle que les prix pourraient baisser grâce aux négociations. En effet, le devis comprend des éléments que la commune pourrait acheter pour moins cher en magasin.*
*Le calendrier prévoyant une ouverture en septembre devrait pouvoir être tenu.*
*Tom Ulveling signale que tout à l'heure, il sera question de la démolition de l'ancien Hall de la Chiers.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *a constaté lui aussi que certains chiffres du devis sont extrêmement élevés. Les explications de M. Ulveling répondent aux questions des écologistes.*
*Frenz Schwachtgen se demande cependant si les honoraires sont liés au prix du matériel. En d'autres termes, les honoraires vont-ils baisser avec le prix? Frenz Schwachtgen remarque que M. Muller secoue la tête. Lui-même est novice. Il souhaite quelques explications.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se réjouit que le concept qu'il a élaboré quand il était échevin ait été maintenu. Le hall obtiendra tout le matériel de base nécessaire à son bon fonctionnement.*
*Erny Muller mentionne une salle polyvalente située non pas en direction d'Esch, mais de Luxembourg-ville, et qui est beaucoup plus chère que celle de Differdange. Le son y est catastrophique. Pour une salle évènementielle, c'est extrêmement important. Autrement, il est inutile de la construire.*

Wee, fir dat, wat net direkt fir den Alldag gebraucht gëtt, geleeëntlech ze lounen an ze léinen.

Mir hunn e puer Ännerunge virgeholl. Elo kann op insgesamt dräi Sitten eng Bühn opriicht ginn. Dofir sinn Ancragen an alles virgesinn. Dat professionellt Mëschpult, wat initialement hätt sollen op de Balkon kommen, wäert elo mobil sinn. Wéi mer eis berode gelooss hunn, krute mer gesot, hautdesdaags bei Concerten an esou Saachen, wëllen d'Akustiker léiwer am Sall sëtze wéi iwwert dem Sall, fir dass se dat besser matkréien. Soudass mer dat hingehend geännert hunn.

Am Ufank ware grouss Beamere virgesinn. Do ass et elo esou, dass d'Technik éischter higeet op esou grouss Televisiounsschiermer, wou een de Computer drun uschléisse kann a bei enger Generalversammlung, engem Kongress alles eriwwer ofspille kann. Soudass wann een eng Kéier e Beamer am grousse Sall bräicht, da misst een dee léine goen.

Dat Ganzt ass relativ komplizéiert, mat engem ganze Koup Kabelen a Saachen. Mir wäerten Iech deen heiten Devis elo virleeën. Mir ginn dervun aus, doduerch dass mer eventuell negociéieren, respektiv et net ausschreiwen, mä kucken, verschidde gréisser Saachen esou ze kréien, dass mer nach Suen aspuere kënnen. Well, wéi gesot, eis Leit eis Devisen ageholl hunn an drop hiweisen, dass awer Saachen, déi elo hei relativ deier am Devis stinn, dass een déi am Buttek vill méi bëlleg kréie kéint.

Ech géif Iech bieden, deen Devis hei ze stëmmen. Mir hunn e matgeholl, well mer gär hätten, dass dat prett ass. Am Timetable leie mer nach gutt, fir déi Hal am September kënnen opzemaache fir d'Veräiner. E bësse méi spéit haut, gesitt Der, stinn d'Käschte vum Ofrappe vun där aler Chiershal um Programm. Do kënne mer nach eng Kéier driwwer schwätzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Gudde Moien alleguerten. Ech wollt och déi Froe stellen, déi den Här Ulveling schonn zum Deel gestallt huet. Well effektiv, mir hunn eis déi Devisen ugekuckt, wou relativ hefteg Zuelen drastinn. Déi Explikatiounen, déi Dir ginn hutt, Här Ulveling, déi beäntwerten am Fong eis Froe schonn.

Mä et sinn awer nach aner Punkten. Ech denken ëmmer drun, wann ech déi ganz, ganz héich Käschte kucke fir Honorairen an esou virun, déi hei an deem Dossier sinn. Déi si jo an enker Verbindung mat deenen héije Präisser vun deem Material, wat veranschlagt ginn ass. Ech sinn do net genuch am Bild – den Här Muller rëselt de Kapp –, ech weess net, déi Honorairen, ginn déi herno och esou grouss, wa mer anert Material kafen? Oder sinn déi prozentual ugerechent un dat, wat elo op deene Pabeiere steet? Ech sinn do e Laien dran. Do wier ech awer frou, vläicht Explikatiounen ze kréien, wa mer elo op anert Material zréckgräifen, wat vill méi bëlleg ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Éischtens sinn ech emol frou, dass d'Konzept, wat ech sengerzäit ausgeschafft hunn als Bauteschäffen, bäibehale gëtt. An dass mer dat Grondequipement elo kréien, wat mer och néideg hunn, fir do eng anstänneg Hal funktionéieren ze hunn.

Well wann Der kuckt, net wäit vun hei ewech, ech kucken elo net Richtung Esch, mä Richtung Stad, déi aner Säit, do steet eng Hal, dat ass eng formidabel Hal, déi war iwwregens och vill méi deier wéi eis, a wann een do d'Konzept hëlt vun der Sonotechnik, dat ass eng Katastroph. Et ass null, et ass näischt. Do gëtt elo nogerüst.

Bei esou enger Hal, enger Eventhal, ass dat immens wichteg. Well soss brauch een dat Ganzt net ze bauen. An hei ass

d'Grondinstallatioun op jidde Fall do, fir alles ze maachen. Déi Variabilitéit, wéi den Här Ulveling gesot huet, mat deenen dräi verschiddene Bünenzeenen.

Ech muss iwwregens soen, dat hat ech mam Service culturel, mam Service des Sports pluridisziplinär ausgeschafft. Do ass gekuckt ginn, wat mir elo vun Organisatiounen hunn. Wat fir e grousse Concert mer an Zukunft hunn, a wat mer elo hunn.

Well déi Hal soll jo alles ofdecken, wat bis elo souwuel an der Sportshal wéi an der Hall de la Chiers war. Wéi nach e Plus op déi Awunnerzuel, déi mer elo hunn an nach kréien, iwwer 30.000 wahrscheinlech an deenen nächste Joren. Dat soll jo och eng Hal sinn, déi fir 30 a méi Jore geplangt ass. Mir wëssen, dass bei bestoend Sportshal schonn iwwer 50 Joer huet. Hei wär et interessant, och esou wäit ze denken.

Wa mer op d'Hall de la Chiers kommen, musse mer och e Wuert soen. Do gesi mer, dass ee vläicht awer heiansdo denkt, et mécht een zukunftsorientéiert, an dann ass et awer deemools net esou geschitt. Mä et waren och Grënn dofir.

Fir elo hei drop zréckzekommen, d'Grondequipement ass do: Hautparleuren, Mikroen an esou weider. Dass mer eise Besoin vun der Gemeng kënnen ofdecken. Wann dann elo extraordinär Organisatiounen, Eventer sinn, da gëtt selbstverständlech d'Material, wéi den Här Ulveling sot, zoukaf oder gelount. Dat musse mir maachen, wéi och den Organisateur vun deenen Evenementer.

Dir hat geschwat vun deene mobille Pulter. Um Balkon, eng sougenannten Zentral.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Regie.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Eng Regie. Elo gëtt et mobil Regiepulter. Esou eng Regie ass zum Beispill am Ale Stadhaus. Wou eng fest Bühn ass, ass dat ubruecht. Do hutt Der recht. Wou mobil Bühnen, verschidden Zeenarie si vu Bühnen, ass dat net méi esou ideal. Dofir dann dat heiten, mat där mobiller Regie. Wat eng tipptopp Variant ass. Leider, muss ech soen, déi meescht hunn dat net. Ech hat mer déi Ënnerlage gefrot, wéi dat ausgesäit. An och, wat fir ee Material do geliwwert gëtt. Do gesäit een, dat Material ass vu ganz héijer Qualitéit.

Ech wollt op d'Honorairen ze schwätze kommen. Do sinn Etüde gemaach ginn. Am Virfeld huet jo musse ganz vill gekuckt ginn, wat do vu Material muss geholl ginn an esou weider. A mir hu jo och eng ganz spezialiséiert Firma geholl. Ech mengen, do kënne mer soen, dass mer ganz gutt berode gi sinn, wat och immens wichteg ass. Wat natierlech och e Käschtepunkt ass. Well et gëtt der net esou vill an där Branche, déi wierklech gutt sinn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et sinn der zwou, dräi.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An déi kaschten dann och. Dat ass den Nodeel.

Op jidde Fall, de Schierm ass e bësse méi speziell, Video Wall nenne se dat. E Groussschierm, haaptsächlech am Foyer, wou Konferenzen, Generalversammlungen an esou weider kënnen ofgehale ginn. Ech wär frou gewiescht, wa mer esou en Ecran, oder ähnlech Ecranen, am grousse Sall hätten. Dat ass leider net esou. Dozou kënnt Der eis vläicht eppes soen. Vu dass dee Sall esou grouss ass, wann d'Zeen op der Kappwand ass, da kréien déi hannen am Sall net méi vill mat, wat op der Bün iwwerhaapt geschitt. Do wär et interessant, dat iwwer Videosystemer ze weisen.

Alles an allem sinn ech selwer, an och eis Partei, zefridden, dass mer elo op deen dote Wee ginn. De Käschtepunkt ass, wat en ass. Dir hutt jo gesot, Dir wëllt nach Vergläicher. Dee Moment, wou d'Material definéiert ass, kann ee jo nach eng Partie aner Fournisseuren ufroen a kucke fir dat gënschtegst Material. Dat ass jo alles geplangt. Domadder kënne mer zefridde sinn.

Ech muss nach eppes soen, zum Verständnis, an och vläicht eppes, wou ech

*Le nouveau hall disposera de tous les éléments pour être véritablement polyvalent avec trois différentes scènes. Erny Muller avait développé le projet de manière pluridisciplinaire avec le service culturel et le service des sports en tenant compte des grandes manifestations prévues actuellement et prochainement.*
*La salle polyvalente accueillera tout ce qui est organisé pour le moment dans le Hall de la Chiers et dans le centre sportif. Elle répondra aux besoins d'une population de plus de 30 000 habitants pour 30 ans et plus. Le centre sportif actuel a plus de cinquante ans.*
*L'ancien Hall de la Chiers est un exemple de structure que l'on croyait visionnaire, mais qui ne s'est pas révélé l'être.*
*La salle polyvalente qui sera construite disposera de l'équipement de base, des hautparleurs, des micros, etc. Pour les manifestations extraordinaires, le matériel sera soit loué, soit acheté ultérieurement.*
*M. Ulveling a mentionné les tables de mixage mobiles. Une centrale était prévue sur le balcon.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme les propos de M. Muller. La régie devait se situer sur le balcon.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute qu'une telle régie existe à l'Aalt Stadhaus. Mais pour des scènes mobiles, une régie mobile est plus adaptée. Le matériel qui sera livré est de très bonne qualité.*
*Pour ce qui est des honoraires, des études ont été faites pour estimer les besoins en matériel, etc. Le collège échevinal a recouru à une entreprise spécialisée. Erny Muller se dit convaincu que la commune a été conseillée comme il faut. Mais cela a un cout, car ces entreprises sont rares.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il y en a deux ou trois.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *répète qu'elles coutent cher.*
*L'écran géant est spécial. Il servira avant tout dans le foyer, où se tiennent les conférences et les assemblées générales. Cependant, Erny Muller aurait aimé disposer*

*de tels écrans aussi dans la grande salle. Celle-ci est tellement grande que sans écran géant, les personnes au fond risquent de ne rien voir.*
*D'une façon générale, les socialistes sont satisfaits du projet. Le devis est ce qu'il est. Il reste possible de contacter divers fournisseurs et de comparer les prix.*
*Malheureusement, Erny Muller a entendu dire que l'idée d'une paroi de séparation avait été abandonnée. La grande salle peut être divisée en deux parties d'un tiers et de deux tiers. Lors d'un grand évènement le weekend, il peut arriver que la salle avec la grande scène soit inutilisable pendant toute une semaine, car il faut monter et démonter l'équipement. Une paroi de séparation permettrait d'aménager la scène d'un côté et de conserver une salle de l'autre.*
*(Interruption)*
*Erny Muller explique qu'il est question de 100 000 €.*
*(Interruption)*
*Erny Muller convient du fait que c'est beaucoup d'argent. Mais une paroi de séparation rendrait la salle parfaite en tout point. La salle sans scène servirait à tenir des congrès ou d'autres manifestations.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rappelle que selon M. Ulveling, certains éléments du devis sont trop chers et que le collège échevinal s'est renseigné ailleurs. Il se demande pourquoi cette comparaison de prix n'a pas été réalisée au préalable. Car si le conseil communal approuve ce devis, il sait déjà qu'il ne correspond pas à la réalité.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert insiste sur le fait que le conseil communal ne peut pas savoir si le devis va augmenter ou baisser tant qu'il ne sera pas définitif.*
*Ali Ruckert reconnait qu'une paroi de séparation constitue quelque chose de positif. Mais des travaux de transformation dans une partie de la salle dérangeraient un concert ou une manifestation de l'autre côté même avec une telle paroi.*
*(Interruption)*
*Ali Ruckert constate que ce risque existe toujours, à moins que l'entreprise ne garantisse une parfaite insonorisation. Mais Ali Ruckert sup-*

net esou zefridde sinn. Ech hunn héieren, dass déi Trennwand soll ewechfalen. Déi Trennwand ass schallisoléiert. Dat heescht, dee grousse Sall kann een op zwee Drëttel an een Drëttel trennen. An deen een Drëttel ass do, wou d'Kappwand ass, wou déi grouss Bühn normalerweis steet, wann en Event ass.

Virausgaangen zu de Besoinen, déi een an esou enger Hal huet, si jo all déi Aktivitéite gewiescht, déi souwuel an der Sportshal wéi an der Hall de la Chiers ugefall sinn. An do ass opgefall, dass déi Hal oft Wochen oder eng Woch wéinst engem Event ausser Gefecht ass. Wéinst engem Weekend ass se dräi, véier, fënnef Deeg ausser Gefecht. Fir opzeriichten, ofzeriichten, Preparatiounsaarbechten an esou weider.

An do hu mer gesot, fir deem aus de Féiss ze goen ass esou eng Trennwand immens wichteg. Well da kann ee praktesch offline déi Bühn amenagéieren, alles virbereeden. An deen anere Sall kann nach viru bedriwwe ginn, wéi wann näischt wär. Dat heescht, wann d'Wand zou ass. Duerfir géif ech Iech bieden, …

(Interruptioun)

Dat sinn 100.000 Euro.

**ENG STËMM:**

200.000 Euro

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat sinn der vläicht vill, 100.000 oder 200.000 Euro, mä iwwerleet Iech dat gutt, ob dat net sënnvoll wär, ze hunn. Well dann hätte mer wierklech eng Hal, déi an alle Richtunge perfekt wär. Well dee Moment hu mer nach eng Variant méi fir Organisatiounen oder Kongresser oder aner Aktivitéiten, wou een d'Bühn net brauch. Ech wollt Iech dat just soen, fir dat mat op de Wee ze huelen. Ech mengen, dat géif zu där Hal gehéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Ulveling huet eis gesot, dass an deem Devis eng Rei Elementer sinn, déi vläicht iwwerdeiert sinn. An dass ausserhalb gekuckt gëtt, ob een net u méi bëllegt Material kéim. Do froen ech mech awer elo: Ass dann am Virfeld, wéi déi Firma den Zouschlag kritt huet, mat anere geschwat ginn, fir e Vergläich ze hunn, wéi deier dat Material gëtt? Oder ass dat am Virfeld net geschitt? A wann net, firwat ass dat net geschitt? Wa mer deen Devis hei stëmmen, da wësse mer elo schonn, dass en am Fong net stëmmt, dass do gréisser Verännerunge komme wäerten.

(Interruptioun)

Ob et erofgeet oder erop, dat wësse mer jo nach net. Dat gesi mer dann, wa mer en déi zweete Kéier presentéiert kréien.

Ech wollt nach e Punkt soen zu där Trennwand. Dat ass zwar richteg, dass dat kann eppes ganz Positives sinn. Mä ech selwer hu schonn erlieft, dass an esou Kultur- oder Sportanlagen, wann do Trennwänn sinn, an op där enger Säit fënnt e Concert oder eppes statt an op där anerer Säit gëtt ëmgebaut, dass dat immens stéiert. An dass am Fong déi Veranstaltung, déi dann do ass, net esou kann duerchgefouert ginn, wéi dat geplangt war.

**ENG STËMM:**

Richteg.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat ass ëmmer de Risiko. Et sief dann, et kritt een d'Garantie, dass dat esou ofgedämmt ass, dass een op där anerer Säit näischt héiert. Mä dat schéngt mer awer bei esou engem Präis vun 200.000 Euro net de Fall. Ech mengen, da géif et awer vill méi kaschten, wann een déi Garantie géif kréien.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Den Här Meisch François, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, mir begréissen de Bau vun enger neier Hal fir verschidden Zwecker. Dat well d'Hall de la Chiers der internationaler Schoul jo muss wäichen, domadder ausgedéngt huet a souwisou ni den Uspréch gerecht gouf, wa mer éierlech sinn.

Wéi scho viru längerem hei betount, ass de Site fir déi nei Hal zu Uewerkuer fir eis net ideal. Awer dat ass elo leider esou. Et geet elo ëm d'Technik am Komplex. Éischt Fro, déi ee sech do stellt: Wat hu mer wëlles? Wat soll an där neier Hal stattfannen an organiséiert ginn?

Um Material, wat am Dossier steet, hunn ech u sech näischt auszesetzen. Do ass top Material virgesinn. A wann dat esou ëmgesat gëtt, dann ass déi nei Hal besser equipéiert wéi eise Kulturzentrum Aalt Stadhaus – just ouni Bühn. Wat, wéi och schonn an der Hall de la Chiers, bedauernswäert ass. Da gëtt weider mat Podiume gewurschtelt a gebastelt.

Do gehéiert eng grouss Bühn hin, déi de Bedürfnisser no kann ugepasst ginn. Deemno och ka méi kleng gemaach ginn.

Deemno wat an där neier Hal soll geschéien, feelt an der Opléschtung nach eng Partie Mikrophonie, Monitoring an esou weider, mä dat ass net dee gréisste Punkt. Prinzipiell wäre gréisser Produktiounen, wou de Kulturzentrum ze kleng wär, do méiglech, mat deem dote Material.

Eng nächst Fro wär, wien d'Gerance vum ganze Komplex soll maachen a wien d'Technik soll bedéngen?

Eng grouss LED Video Wall ass virgesinn, wat mir, ofgesi vum Präis, begréissen.

**ENG STËMM:**

Déi ass méi bëlleg ze kréien.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech ginn dovun aus, dass dee Raum oder Espace, deen dofir virgesinn ass, ka verdonkelt ginn. Soss géif dat Ganzt net onbedéngt Sënn maachen.

Wa mer beim Präis sinn, sou sief bemierkt, dass déi meescht Punkte bis zu 30% iwwert dem normale Maartpräis leien. Dat ass leider extrem deier.

Schlussendlech muss ech feststellen, dass ech wahrscheinlech dee falschen Job erausgesicht hunn. Zumindest finanziell. Wann ee gesäit, dass eleng fir déi Opstellung an deen Job hei eng Véierelsmillioun Euro un Honorairen ufalen. Dat ass éierlech gesot degueulasse.

**ENG STËMM:**

Richteg.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Mat schwéierem Häerze stëmme mir deen Devis mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci. Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, 2,2 Milliounen Euro gi fir d'Medien, d'Bühnentechnik a fir de Mobilier ausginn, fir an déi nei Hall de la Chiers, loosse mer mol soen. Heibäi fale bal 10% u Beratungshonorairen un. Ech hoffen, oder mir hoffen, dass déi 250.000 Euro gutt investéiert sinn an d'Resultat herno stëmmt.

Eng Fro, déi do vläicht opkënnt ass: Wat geschitt, wa mir Saache selwer kafen? Net, dass déi herno net riicht sti fir déi Saachen, déi do sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Diderich, w.e.gl.

*pose que 200 000 € ne suffiront pas pour obtenir une telle garantie.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *salue la construction de la salle polyvalente. Il rappelle que le Hall de la Chiers, qui a fait son temps, fera place à l'école internationale.*
*Pour les démocrates, le site choisi à Oberkorn pour le nouveau hall n'est pas idéal. La première question qui se pose est celle de savoir ce qui y sera organisé.*
*François Meisch constate que le matériel choisi est parfait. La nouvelle salle polyvalente sera mieux équipée que l'Aalt Stadhaus. Mais comme le Hall de la Chiers, elle ne comprendra pas de scène et il faudra bricoler avec des podiums. François Meisch estime qu'il faudrait une grande scène pouvant être adaptée aux différents besoins.*
*Il ajoute qu'à ses yeux, il manque du matériel dans le devis, mais que ce qui est prévu devrait tout de même suffire pour organiser de grandes productions pour lesquelles le centre culturel est trop petit.*
*Qui s'occupera de la gérance et de la partie technique?*
*François Meisch salue l'acquisition d'une paroi vidéo LED malgré le prix.*
*(Interruption)*
*François Meisch se pose tout de même des questions quant à son utilisation.*
*Il signale que la plupart des éléments prévus dans le devis sont jusqu'à 30 % trop chers.*
*Il constate par ailleurs qu'il a choisi le mauvais emploi d'un point de vue financier. En effet, les honoraires se montent à 250 000 €.*
*Les démocrates approuveront le devis le cœur lourd.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que 2,2 millions d'euros serviront à aménager le nouveau Hall de la Chiers équipé. Les honoraires se montent à près de 10 % de cette somme. Guy Tempels espère que ces 250 000 € seront bien investis.*
*Qu'arrivera-t-il si la commune achète elle-même une partie du matériel? Il ne faudrait pas que l'entreprise refuse de le prendre en charge.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *s'associe à ce qui vient d'être dit: le devis est vraiment élevé. Il voudrait savoir quel devis le conseil communal doit approuver: celui préparé par les services communaux ou le devis détaillé. Les deux figurent dans le dossier.*
*Gary Diderich exige une réponse avant de voter. Il constate que même si le conseil communal approuve le devis des services communaux, il faudra lancer un appel d'offres compte tenu des prix. De toute façon, il a du mal à approuver un montant largement au-dessus des prix courants. Il mentionne notamment un lecteur Blu-ray à 3160 €, qui servira peut-être trois fois par an.*
*L'équipement technique prévu est adapté aux stades et aux théâtres. Gary Diderich se demande s'il s'agit du bon choix puisque Differdange compte déjà un théâtre équipé ainsi que l'Aalt Stadhaus. L'équipement technique devrait être choisi en fonction du type d'organisation. C'est pourquoi le collège échevinal ferait bien de réfléchir à ce dont on a besoin.*
*Il est possible d'acheter la paroi LED pour moins cher. Mais encore faut-il se demander si elle est vraiment nécessaire. Combien coute la location? Doit-elle se trouver sur place?*
*Par ailleurs, comment toute cette technologie sera-t-elle utilisée? Que signifie-t-elle pour le personnel communal et pour les associations? Les associations devront-elles payer un technicien? Ces questions sont importantes pour éviter que l'équipement ne serve finalement à rien.*
*Gary Diderich trouve le montant de 2,2 millions d'euros bien trop élevé. Le collège échevinal ferait bien de se lancer le défi de faire baisser le prix. Il est important de réaliser quelque chose de bien, mais il faut aussi penser à l'argent. Il est tout de même question d'un quart du prix de toute la salle.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Ech stëmmen deene verschiddenen Aussoen zou. Hei hu mer wierklech en héije Montant als Devis. Virun allem ass emol ze klären: Stëmme mir den Devis, dee vun eise Servicer ugefäerdegt ginn ass oder stëmme mir déi detailléiert Kostenberechnung, déi duerno kënnt? Ech mengen, dat ass ganz wichteg. Déi zwou Saache sinn am Dossier. An dat musse mir awer elo wëssen, ier mer hei ofstëmmen.

Mä souguer, wa mir elo den Devis stëmmen, sou wéi en intern mol ugeluecht ass, an ech dovunner ausginn, dass mer dann duerno am Fong als Gemeng ganz fräi sinn, fir nach ze kucken, wou mer déi Saachen akafen a wéi mer dat maachen, da bräicht et déi Detailer nach. Well do si mer jo awer bei Montanten, wou mer e Marché missten ausschreiwen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Also ech hunn e bëssen en ongutt Gefill, fir elo einfach e Montant ze stëmmen, wou mer den Detail scho gesinn an am Fong wëssen, dass mer do, wéi scho gesot, wäit iwwert de Präisser sinn. Do och Saachen dra sinn, wat weess ech, e Blu-ray-Player fir 3.160 Euro, dee wahrscheinlech dräimol am Joer benotzt gëtt, well dat am Fong kee méi benotzt. Dass mer do, mengen ech, solle gutt oppassen.

Den Här Meisch huet gefrot: Firwat ass dee Sall do? Firwat gëtt en haaptsächlech benotzt? Déi Technik, déi do elo ugeluecht ass, dat ass haaptsächlech fir Theater oder fir Stadionen ugeluecht. Ech weess elo net, ob mer vill an déi Richtung wäerte goe mat deem dote Sall. Mir hunn en Theater, deen als Theater equipéiert ass zu Déifferdeng. Mir hunn en Aalt Stadhaus, dat fir verschidde Saache konzipéiert ass. Ech mengen, et soll ee sech do scho gutt iwwerleeën, mat wéi engem Eventraum, souzesoen, mer a wéi eng Richtung ginn, an d'Technik och esou uleeën. Well wann ee probéiert, iwwerall alles ze maachen, da kritt een néierens dat Richtegt. Wann ee méi a Richtung Concerte wëll goen an der Hall de la Chiers, da soll een d'Technik duerno ausriichten a wierklech gutt kucken, wat mer do brauchen.

Am Devis steet eppes vu Construction Recording Room. Et geet jo awer elo net drëm, en Opnamestudio do ze maachen. Dofir wollt ech emol nofroen, firwat dee Begrëff do gelant ass. Well am detailléierten Devis hunn ech dee Begrëff net erëmfonnt.

D'LED-Wand. Et gëtt gesot, déi kritt een och méi bëlleg. An da muss ee sech nach froen: Wéi oft gëtt déi wierklech gebraucht? Wéi vill kascht et, fir esou eng ze lounen? Muss déi fix sur place sinn? A gëtt déi deementspriechend benotzt?

An dann ass eben och d'Fro, wann een all déi Technik do huet, wéi gëtt déi bedéngt? Wat bedeit dat un Opwand fir d'Gemengepersonal? Respektiv, wat bedeit dat u Käschte fir d'Veräiner, wa se iergendeppes dovunner wëlle bedéngen? Musse si den Techniker bezuelen, oder gëtt dee vun der Gemeng gestallt? Dat si relativ wichteg Froen, soss hu mer herno eng Technik do stoen, déi net benotzt gëtt, well d'Associatiounen déi Sue léiwer spueren, well dat zum Deel vläicht ze vill gëtt.

Ech si relativ kritesch, wat de Montant ugeet. 2,2 Milliounen Euro schéngt mer wierklech ze vill ze sinn. Wann ee scho weess, dass een do spuere geet, firwat gi mer dann net ënnert dee Montant a setzen eis domadder den Challenge, an deem Beräich eppes ze fannen?

Ech mengen, et ass wichteg, eppes Guddes ze maachen. Mä et ass awer och wichteg, d'Suen net … Also mir sinn hei wierklech bei engem Véierel vum Präis vun der ganzer Hal. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Léif Frëndinnen a Frënn, ech hätt nach eenzel Froen, wat d'Hal ugeet, un den Här Ulveling. Mer wëssen, datt déi Plaz virun der Hal amenagéiert gëtt fir vill Saachen, déi outdoor sinn. Ass virgesinn un där Hal Haut-parleuren oder eppes unzemaachen, wa Manifestatioune bausse sinn? Datt een iwwer Mikroen dat kéint maachen? Well ech hunn déi net fonnt. Mä et wier logesch, well jo och ganz vill Saache bausse sinn, wou een dann e Mikro braucht oder Musek kéint spillen, wann Haut-parleuren da baussen un der Hal ugemaach wieren. Dat wier meng éischt Fro.

Meng zweet Fro un de Schäfferot: Ass virgesinn, där Hal do en Numm ze ginn? Ass dat iwwerluecht ginn oder soll een e Concours ausschaffen oder iergendeppes ausmaachen, vläicht mam Kannergemengerot, fir en Numm ze fannen. Wat ech géif sexy fannen, wann déi sech de Kapp géifen zerbriechen, wéi esou eppes kéint heeschen.

An drëttens wollt ech wëssen – dat ass och schonn ugeklongen –, wat fir ee Gemengeservice dee bedreift. Well wann esou vill Technik dran ass, musse jo Leit do sinn, déi eppes dovunner verstinn. Dofir meng Fro, wien herno responsabel fir déi Hal ass. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Ganz vill Froen, Här Ulveling. Et ass net schlecht, wann Der déi all beäntwert kritt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Déi éischt Fro vun den Honorairen. Dat ass richteg, dass dat relativ deier ass, well et nëmmen e puer Firmen hei an der Géigend gëtt, déi esou eppes maachen. Ech mengen, zwou oder dräi ass gesot ginn. Et ass déi geholl ginn, déi scho Referenzen hei am Land huet. Et si keng OAI-Honorairen. Dat heescht, déi kënnen am Fong froen, wat se wëllen.

An ech fäerten, dat wäert net vill erofgoen. Ech hat och gesot, dass dat relativ deier wier. Mä ech krut gesot, dat wier mat vill Aarbecht verbonnen, fir esou en Devis opzestellen. Well een éischtens Pläng zeechne muss. Duerno muss een dat ausschreiwen. An drëttens muss ee mat deene Kabele kucken. Déi Leit aus dem Fach wëssen, et kann een net einfach eng Gaine zéien an da sämtlech Kabelen derduerch zéien, well dat gëtt dann Interferenzen, ee mat deem aneren. Soudass een dat praktesch als Ingenieursbüro berechent a kucke muss, dass et klappt.

En anert grousst Thema war d'Trennwand. D'Trennwand soll 200.000 Euro kaschten, krut ech gesot. Mir hunn eis dogéint entscheet, fir déi direkt ze installéieren. Mir hunn awer alles virgesinn, fir dass ee se kann norüsten. Well mer dovun ausginn, dass kaum dräi Saache beienee kënne stattfannen. Schonn eleng wéinst dem Floss vun de Leit, wär dat relativ komplizéiert.

Et soll awer esou sinn, dass mer eng mobil Trennwand wäerten installéieren, mat Panneauen, fir wann een de Raum gär e bësse méi kleng hätt. Dass een net brauch dee ganze Raum ze rëschten. Da gesi mer au fur et à mesure, wéi et gebraucht gëtt, firwat et gebraucht gëtt, ob mer esou eng Trennwand brauchen. An da kënne mer déi ëmmer nach norüsten, well alles dofir virgesinn ass. Vun der Technik hier, vun der Medien- a Bühnentechnik sinn och schonn Encragë virgesinn. Wann déi Trennwand eng Kéier kéim, dass een d'Bühn an der Mëtt vum Sall installéiere kéint. Dat ass virgesinn.

Zum Podium: „Gewurschtelt a gebastelt“, huet den Här Meisch gesot. Dat ass richteg. Mä well ebe vill verschidde Saachen do kënnen installéiert ginn, hu mer fonnt, et wär besser, mir géife mat Podiume verfueren, wéi wa mer eng fest Installatioun do hätte wéi am Stadhaus. Éischtens hätt dat erëm Plaz ewechgeholl. An zweetens, well een net weess, wéi déi verschidde Saachen, déi do organiséiert ginn, stattfannen – wou d'Leit gäre sëtzen, wéi ee se sëtzt –, hu mer gemengt, mat de Podiume wäre mer méi flexibel. Et ass méi schnell opan ofgeriicht. An et kann een et genau op déi Taille maachen, wéi een et brauch.

Et war vun der Verdonkelung rieds. Dat ass virgesinn. Am Preau muss natierlech eng Verdonkelung kommen.

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a quelques questions pour M. Ulveling. La place devant le hall sera aménagée pour des manifestations en plein air. Le collège échevinal a-t-il pensé à installer des hautparleurs? Fred Bertinelli n'a pas trouvé ce type d'équipement. Or il sera possible de jouer de la musique dehors.*
*Le collège échevinal a-t-il pensé à un nom pour le hall? compte-t-il organiser un concours — par exemple avec le conseil communal des enfants?*
*Fred Bertinelli se demande ensuite quel service communal gèrera le bâtiment.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme que les honoraires sont élevés, car ce type d'entreprises sont rares. Le collège échevinal en a choisi une ayant des références dans le pays. Comme il n'existe pas d'honoraires prédéfinis, ils peuvent demander ce qu'ils veulent. Apparemment, réaliser un tel devis représente beaucoup de travail, car il faut d'abord dessiner les plans et lancer ensuite l'appel d'offres. En plus, installer le câblage n'est pas évident, car il faut éviter les interférences. Le bureau d'ingénieurs doit donc tout calculer.*
*La paroi de séparation coute 200 000 €. Le collège échevinal a décidé de ne pas l'installer immédiatement, mais tout est prévu pour l'installer par la suite. De toute façon, il ne sera pas possible d'organiser trois évènements en même temps. En revanche, il est prévu d'acquérir une paroi de séparation mobile pour diminuer le volume de la salle.*
*Pour ce qui est du podium, M. Meisch a parlé de bricolage. C'est vrai. Mais les podiums offrent plus de flexibilité qu'une installation fixe. Par ailleurs, en fonction de la manifestation, les gens ne seront pas forcément assis au même endroit, etc. Les podiums sont alors plus faciles à monter et démonter. Leur taille peut aussi être adaptée.*
*Des mesures seront aussi prises pour assombrir les salles — notamment dans le préau. Et ce à cause du soleil et parce qu'il faut voir ce qu'il y a sur l'écran.*
*Le service culturel gèrera les locations. Mais comme le service des*

*sports dispose des techniciens nécessaires, il assurera le montage et le démontage de l'équipement. C'est ce qui est ressorti des discussions. C'est d'ailleurs la discussion la plus logique parce que le service des sports est sur place. Il dispose de femmes de ménage et du personnel adéquat. Le but du collège échevinal est que les personnes souhaitant louer le hall n'aient qu'un seul partenaire afin d'éviter qu'elles ne doivent téléphoner à plusieurs endroits.*
*M. Diderich a parlé de l'équipement technique. Le devis reprend tous les appareils en détail. Tom Ulveling cite l'exemple d'un sèche-cheveu AEG de cent watts. Il est possible d'en comparer le prix dans chaque magasin. Et c'est exactement ce que la commune a fait pour ce devis et elle a constaté que les prix ne correspondaient pas à ceux du marché. L'entreprise a alors expliqué qu'elle s'était basée sur le prix moyen d'appels d'offres similaires en Allemagne et au Luxembourg. Le collège échevinal ne voit cependant pas pourquoi la commune devrait payer deux ou trois fois plus. Il compte faire des économies sur des appareils spécifiques en ne commandant pas tout en bloc.*
*Le collège échevinal n'a pas encore réfléchi au nom du futur hall polyvalent. Tom Ulveling ne voit pas d'inconvénient à lancer un concours si le conseil communal le souhaite.*
*Il suppose que les prises à l'extérieur sont prévues pour un système de sonorisation.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling suppose qu'un système de sonorisation à l'extérieur est prévu, car il ferait partie d'un tout. Par beau temps, les fêtes peuvent avoir lieu dehors et par mauvais temps à l'intérieur.*
*Le devis représente une base. Le collège échevinal a une idée précise de ce qu'il recherche, mais trouve que les prix demandés sont trop élevés. Une partie des travaux, comme le câblage, doit être réalisée maintenant. En revanche, la table de mixage par exemple peut aussi être achetée plus tard. En tout cas, Tom Ulveling s'engage à ce que le devis n'augmente pas.*

Éischtens wéinst der Sonn, an zweetens, wann een eppes op engem Ecran spillt, da muss ee jo och gesinn, wat um Ecran ass. Dofir muss et kënne verdonkelt ginn. Dat ass virgesinn.

Vun der Gerance ass vill geschwat ginn. Mir hunn iwwerluecht, d'Gerance vum Lounen an esou, dat soll am Fong iwwert de Kulturservice gemaach ginn. Do soll nëmmen eng Adress sinn. Iwwert de Kulturzentrum soll de Sall kënne gebucht ginn. Mä vu dass de Sportsservice sämtlech Leit huet, fir op- an ofzeriichten, sämtlech Techniker huet, géif et awer duerno vun hinne gemaach ginn.

Dat war e Wonsch, dee mer mat hinnen diskutéiert hunn. An dat ass am Fong dobäi erauskomm, dass dat méi logesch wär, well si op der Plaz sinn. Si hunn d'Botzfraen, si geréieren déi Botzfraen, déi dat musse botzen, si hunn d'Personal.

Mir wëllen haaptsächlech, dass d'Leit, déi eppes wëlle lounen, nëmmen een Uspriechpartner hunn. Dass déi net op zwou, dräi oder véier Plaze mussen telefonéieren a gesot kréien: „Wann hei eppes net ass, da rufft Der do un. A wann do näischt ass, da rufft Der nach hei un". Soudass mer dat versichen, esou ze maachen.

Den Här Diderich huet vun der Technik geschwat, iwwert déi Präisser. Effektiv ass eis opgefall – bei Kabelen oder esou ass dat eppes anescht –, et sti jo ganz genau Geräter oder Apparater dran. An dat ass jo esou, wéi wann ech e Fön kafe vun AEG, deen 100 Watt huet, da kann ech an all Buttek kucke goen, wat dee kascht. An esou war et och hei.

Mir si kucke gaange bei verschidde Posten, déi Spezifizitéit, déi hei ugedeit ass, an do hu mer festgestallt, dass dee Montant, dee festgesat ginn ass, deem net entsprach huet. Dee war wesentlech méi héich. Do hu mer dat och nogefrot. Do hu si gesot, wéi si d'Valeuren huelen. Si gi kucken, wat bei leschten Ausschreiwungen erauskomm ass, déi an Däitschland oder och hei zu Lëtzebuerg eventuell gemaach si ginn, an dann huele si do e Mëttelpräis vun deem, wat am Fong an de leschten zwou oder dräi Ausschreiwungen als Präis bei esou Saachen erauskomm ass.

Mir gesinn am Fong awer net an, firwat een dann zwee- oder dräimol soll eppes kafen. Dofir hu mer gesot, punktuell bei verschiddene Saachen, an dat si ganz spezifesch Geräter, do kann een effektiv Aspuerunge maachen, wann een op de Wee geet, dass een dat net en bloc mat deem heiten ausschreift, mä kuckt, et anescht ze maachen.

Den Numm vum Hall de la Chiers, doriwwer hu mer eis am Fong nach keng Gedanke gemaach, ob mer dat esou nennen oder net. Wann Dir gär hätt, dass et anescht soll heeschen, hu mer kee Problem, fir e Concours ze maachen an ze kucken, wéi déi Hal soll heeschen.

Déi Steckeren, ech huelen un, dass virgesinn ass, fir baussen eng Beschallung ze maachen, wann iergendwéi baussen um Parvis ...

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Haut-parleuren

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo. Ech mengen, do brauch jo nëmmen e Stecker ze sinn, wann esou eppes ass, da gëtt dat agestach. Ech huele schonn un, dass dat virgesinn ass. Well dat soll jo Partie intégrante si vun deem Ganzen. Dat heescht, wa schéi Wieder ass, méchs de natierlech däi Fest baussen. Mä du hues awer d'Méiglechkeet, et no bannen ze verzéien, fir eppes ze maachen, wann et schlecht Wieder ass. Menger Meenung no ass dat virgesinn.

Ech verstinn Är Problematik. Ech hunn déiselwecht. Mä ech hunn awer gesot, dat ass jo eng Basis. Et ass genau beschriwwen, wat mer gär hätten. Just, mir alleguerte fannen, dass d'Präisser vu verschiddene Saache relativ héich sinn. Mä et wär awer wichteg, wa mer gär virukommen a wa mer dat gär fäerdeg hätten, datt haaptsächlech déi ganz Kabelen mussen elo geluecht ginn. Déi Geräter hunn Zäit. Ob mer dat Mëschpult elo haut hunn oder muer, do kënne mer eis nach, wann d'Ouverture ass, ee Mount laang iwwert d'Zäit retten. Ech ka mech just engagéieren, dass et net soll driwwer goen, mä dass éischter soll vers le bas revidéiert ginn. An dat mat

deene verschiddene Pisten, déi ech Iech elo opgezeechent hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Nach Froen? Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Et ass nëmmen en Detail, ech kommen nach eng Kéier op déi Honorairen zréck. Wann ech d'Stonneléin kucken, hei an deene verschiddene Positiounen, déi sinn heiansdo anescht opgefouert. Fir eng Hilfskraft eng Kéier op 40 Euro d'Stonn, eng Kéier op 55 Euro d'Stonn, eng Kéier op 60 Euro d'Stonn. Op dräi verschiddene Posten hei. Wann ech vun Hilfskraft ausginn, 60 Euro d'Stonn, ech weess net, ob do vill Qualifikatioun ass bei enger Hilfskraft, fir eng Stee opzeriichten an esou virun.

Ech fannen, et sollt ee wierklech Poste fir Posten eng Kéier kucken, wat dann do Sache ass. Ob dat gerechtfäerdegt ass. Well ech ka mer net virstellen, dass déi eng Hilfskraft 40 Euro kascht an déi aner 60. Dat ass een Drëttel méi. An dat spigelt sech duerch dee ganzen Devis hei erëm. Ech kennen näischt vun Technik, wéi d'Kolleege Meisch an Diderich, mä ech fannen, dat misst een alles eng Kéier op de Leescht huelen. Ech si mat deem zefridden, wat hei gesot ginn ass. Mä den Devis schéngt mer héich.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wëll just soen, dass et an deem Sënn keen Devis ass, mä et ass e Kostenvoranschlag. Dat muss jo ausgeschriwwe ginn. Do kann et sinn, …

(Interruptioun)

… dass et méi bëlleg gëtt. Et kann awer och sinn, dass et méi deier gëtt. Mir huelen un, dass et net méi deier gëtt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Éischtens emol gëtt et ausgeschriwwen. An da gëtt gekuckt, wie geholl gëtt. A verschiddene Saachen huet den Här Diderich ganz kloer recht. Dat muss ausgeschriwwe ginn, an da mussen d'Leit sech mellen.

Ech wëll just soen, datt hei net de Buergermeeschter dru geschafft huet an och net de fréiere Schäffen an deen heite Schäffen, dat sinn eis Techniker. Eis Techniker vum zweete Stack. A Gott sei Dank hunn ech och nach een anere mat bäigezunn. Mir hunn hei um zweete Stack Leit an Ingenieuren, an ech weess net, wat mer nach alles hunn, déi hunn eis gesot, dat do wier gutt.

Ech muss Iech soen, datt ech Är Bedenken all verstinn. An ech wier frou, wa mer eis eenege kéinten an der Deliberatioun, déi mer haut huelen, a soen, dat Ganzt muss no ënne revidéiert ginn. Ech si ganz Ärer Meenung. Mä eis Ingenieuren an Techniker soen eis, dat do ass et. Ech wier frou, wa mer kéinten hei e Vott huelen an an d'Deliberatioun géife schreiwen, w.e.gl., kuckt dat nach eng Kéier genau no, wat Der alles gesot hutt. Ech sinn do ganz op Ärer Wellelängt.

Här Diderich, ganz gären.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wat ass d'Ausriichtung dovunner? Geet et méi Richtung Theater, méi Richtung Concert? Dat musse souwuel eis Ingenieure gesot kréie vum Schäfferot oder vum Gemengerot.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dat hunn ech awer virdru gesot, Här Diderich. Den Detail, wat mer do wëlle maachen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Diderich ass nach net färdeg.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *revient sur les honoraires. Il constate que le tarif horaire pour les auxiliaires se monte tantôt à 40 €, tantôt à 55 € et tantôt à 60 €. Il se demande quelles qualifications sont requises pour un tarif horaire de soixante euros. Comment la différence de prix d'un tiers s'explique-t-elle? Frenz Schwachtgen ne s'y connait pas, mais estime qu'il faudrait réfléchir à ces questions.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que le document ne constitue pas un devis, mais une estimation des prix. Il faudra ensuite lancer un appel d'offres.*
*(Interruption)*
*Tom Ulveling constate que les prix pourraient augmenter, mais il n'y croit pas.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répète qu'un appel d'offres va être lancé.*
*M. Diderich a raison sur certains points. Le bourgmestre précise cependant que ce sont les techniciens du deuxième étage qui se sont occupés de ce projet. Heureusement, Il a fait vérifier le document par quelqu'un d'autre. Il partage les inquiétudes des conseillers communaux. Il estime que le devis doit être revu à la baisse et que cela doit figurer dans la délibération. Il répète que ce sont les ingénieurs et les techniciens du deuxième étage qui ont fourni l'estimation au collège échevinal.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si le futur hall polyvalent sera orienté davantage vers le théâtre ou les concerts. Les ingénieurs ont besoin de ces informations.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle à M. Diderich qu'il a fourni tous les détails tout à l'heure.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate que M. Diderich n'avait pas fini son intervention.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *estime que l'équipement semble plutôt orienté vers le théâtre. Il n'avait pas compris cela lors de l'intervention de M. Ulveling.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il s'agit d'un hall polyvalent. Celui-ci pourra donc accueillir des pièces de théâtre, de petits concerts, des foires… Une commune voisine a dû acheter du matériel pour un-million d'euros après six mois. Le collège échevinal de Differdange voulait que le hall soit réellement polyvalent dès le départ.*

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que l'équipement doit être facile à manier pour éviter que deux ou trois techniciens ne doivent être présents à chaque fête. En cas de grand concert, le matériel sera loué.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au vote en signalant que le devis sera revu.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe au Hall de la Chiers, qui sera démoli en été pour faire place à l'école européenne. Le nouveau hall polyvalent sera prêt avant cette démolition.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que le collège échevinal s'est engagé à ne démolir le Hall de la Chiers que quand le nouveau hall serait construit. Le calendrier semble le permettre.*
*Le site du Hall de la Chiers accueillera l'école primaire de l'EIDE et une maison relais pour 245 enfants.*
*Le terrain en question se situe à 11 m du CID. Ceux qui connaissent les lieux savent qu'il y a un abri pour les voitures. L'école primaire sera construite sur ce terrain jusqu'à l'abri.*
*Le terrain est contaminé par des hydrocarbures. Il faudra donc éliminer une partie du sol, qui sera ensuite recouvert d'un remblai ou d'une plaque de béton.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dann hunn ech dat net esou matkritt, dass dat esou gesot ginn ass. Well dat hei ass méi eng Theaterausriichtung. Ech hat dat net an Ärer Äntwert héieren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et ass gekuckt ginn – den Här Muller hat dat gekuckt gehat –, wat ass bis elo an der Chiershal gebraucht ginn. Dat kann Theater sinn, dat kënne kleng Concerte sinn. Den Numm seet et, et ass eng polyvalent Hal. A mir versichen, dat och esou polyvalent ze loossen, wéi et am Moment ass. Fir Theater, fir Concerten, fir d'Rentnerfeier, fir eis Foire, wou d'Leit kënne bei eis kommen, den Urban Living. Et ass zimlech polyvalent.

Wat eisen Optrag war, wou ech mech nach kann erënneren, datt een net op eemol no sechs Méint, wéi an eiser Noperschgemeng, fir eng Millioun muss norüsten. Et soll wierklech polyvalent sinn. An et soll ganz einfach sinn, datt eis Leit dat och betätege kënnen. Dat war op alle Fall de Wonsch gewiescht vum Schäfferot virun zwee Joer.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nach kuerz, well ech dat vergiess hat, et soll ganz easy ze bedénge sinn. Ech wëll net bei all Fest, wat do organiséiert gëtt, zwee oder dräi Techniker wärend Stonnen do ronderëm lafen hunn. Et soll esou basic sinn, an dofir hunn ech dat och gesot, dass et easy ze bedéngen ass. An alles dat, wat driwwer erausgeet, wou mer jo net dergéint sinn, wann iergendwann eng Kéier e grousse Concert ass, dat gëtt dann ebe gelount. Da gëtt dat dohinner gestallt an och vun deene Leit bedéngt, déi dat liwweren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen. Mam Wonsch vum Gemengerot, datt dat muss nach eng Kéier alles gekuckt ginn.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions d'approuver le devis pour les installations techniques dans la cadre de la construction du nouveau hall polyvalent d'Oberkorn.*

Villmools Merci. Da komme mer zum nächste Punkt, zu där aler Hal, iwwert déi mer elo grad geschwat hunn. Fir déi iwwert de Summer ofzerappen, fir d'Primärschoul vun der Europäescher Schoul dohinner ze setzen. Doriwwer hu mer an e puer Wochen eng Versammlung, fir ze kucken, ob et effektiv esou ass, datt déi nei Chiershal fäerdeg ass, ier mer déi al Chiershal ofrappen. Do kréie mer gesot, datt dat alles absolutt kee Problem wier, Här Ulveling.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir kennt all déi al Hall de la Chiers. Dir wësst och, dass mir eis engagéiert hunn, déi Hal eréischt ofzerappen, wann déi nei funktiounsfäeg ass, fir dass dat fléissend aneneeleeft. Wéi de Buergermeeschter gesot huet, dat schéngt am Timing méiglech ze sinn.

Wat geschitt do? Op dee Site vun där aler Hall de la Chiers soll eng Primärschoul vun der EIDE mat enger Maison relais fir 245 Kanner opgeriicht ginn. Dat ass den Terrain vun der rue du Gaz, dem Terrain vum Lycée, der aler Léierbud an dem Hall vun dem CID. Dee ganzen Terrain – fir déi Leit, déi sech e bëssen am CID auskennen – geet bis eelef Meter praktesch un eise CID erun. Fir déi, déi sech nach besser auskennen, do ass esou eng Rigole am Haff, wou d'Autoen ënner engem Iwwerdaach stoungen. Bis bei déi Rigole, plus ou moins, wäert déi Extensioun vum Terrain goen, déi si brauchen, fir déi Primärschoul opzeriichten.

Den Terrain ass kontaminéiert mat Hydrocarburen. ENVIRO Services hunn eis do begleet. Fir déi nei Schoul ze bauen, gëtt en Deel vum Buedem entsuergt. Mä et kann awer och en Deel bleiwen. Do hu mer d'Autorisatioun. Do gëtt dann en neie Buedem drop gemaach, Remblaien drop gesat respektiv duerch eng Bëtonsplack ofgedeckt.

Den Hall de la Chiers gëtt ganz ofgerappt. De Schapp hannen, wou d'Gefierer waren, wou mol eng Kéier e klengt provisorescht Déierenasyl war, gëtt ofgerappt. An och dat Lokal vun de Gäertner. Den Auvent, dee Schiet gemaach huet, gëtt deelweis ofgerappt. Dofir mussen déi Pottoen deplacéiert ginn, fir dass dat Stéck, déi eelef Meter, déi nach bleiwen, ofgestäipt bleiwen. Zousätzlech muss de Silo geréckelt ginn. Dee kënnt op den EFCO.

Den Accès vum Chantier wäert iwwert d'rue Emile Mark goen, iwwert den aktuellen Accès vum Chantier Lycée an dem Chantier Aurea. Aus Sécherheetsgrënn gëtt de Fousswee hannert der Léierbud an der Hall de la Chiers fir d'Foussgänger zougemaach.

De Käschtepunkt ass 1,43 Milliounen Euro. Dee gëtt vum Staat iwwerholl. Dat heescht, fir eis ass et eng Null-Operatioun. Mir finanzéieren dat vir a kréien d'Sue mat alle Chargen, déi mer dorop hunn, dann zréck.

De 15. Juli ass virgesinn, fir mam Ofrappen unzefänken. Dat géif bis Enn September goen. An den 1. Oktober sollen d'Aarbechte fir d'Maison relais an de Primär EIDE ugoen.

Wann Der de Plang kuckt, gesitt Der, dass d'Schoul wäert no vir geréckelt ginn. Beim Hall de la Chiers ass e Parvis. Dat heescht, dat Gebai gëtt no vir geréckelt, an hanne kënnt de Schoulhaff. Deen zitt sech praktesch bis bei d'Léierbud op déi Distanz. De Schoulhaff ass hannert der Schoul. An d'Gebai gëtt e bëssen no vir geréckelt par rapport zu deem, wat mer elo kennen.

Ech hoffen, dass Der mer dat guttheescht, dass mer kënne lassleeën. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert. Erlaabt mer, dass ech kuerz op den Historique vun der Hall de la Chiers aginn. D'Hall de la Chiers ass 1999 gebaut ginn, ënnert dem deemolege Buergermeeschter Marcel Blau an dem Här Erny Kass als Bauteschäffen deemools. Ech war och schonn am Gemengerot, wéi mer déi Hal a Betrib geholl hunn. Esou al ass ee schonn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech war och schonn do.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech mengen net. Waars du och schonn do?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Da ware mer allen zwee do.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Muller an den Här Ulveling och.

**ERNY MULLER (LSAP):**

An ech muss soen, deemools virun 20 Joer hate mer 18.000 Awunner an eiser Gemeng. Et war e Bedürfnis vun de Veräiner, eng Fuerderung iwwer eng gewëssen Zäit schonn. Vu dass, lues a lues, een nom aneren déi Säll alleguerte verschwonne sinn, déi mer fréier haten, déi mer nach kennen. Déi berühmten Danzsäll – mir haten der vill hei zu Déifferdeng. Do konnten d'Veräiner dann ëmmer auswäichen. Déi sinn een nom anere verschwonnen, well se oft net méi konform waren, och aus Sécherheetsgrënn. Dofir war déi Hal do gebaut ginn.

Ech muss soen, och wa se vläicht haut heiansdo schéngt, net méi eiser Zäit konform ze sinn, dass do immens vill Veranstaltungen dra stattfonnt hunn. An dass déi Hal eise Veräiner, Privatleit an der Gemeng, eise kulturelle Servicer an esou weider ganz vill Déngschter geleescht huet. Mir soe jo haut nach, mer

*Le Hall de la Chiers, l'abri pour les voitures et le local des jardiniers seront démolis, tout comme une partie de l'auvent. Les poteaux et le silo seront déplacés.*
*L'accès au chantier se fera par la rue Émile-Mark, à travers le chantier du lycée et d'Aurea. Pour des raisons de sécurité, le sentier derrière l'école professionnelle et le Hall de la Chiers sera fermé au public.*
*Les frais se montent à 1,43 million d'euros à la charge de l'État. La commune préfinancera les travaux et sera remboursée charges incluses.*
*La démolition commencera le 15 juillet et la construction de l'école et de la maison relais le 1er octobre.*
*Par rapport à la bâtisse actuelle, l'école sera construite sur le parvis. La cour de récréation se trouvera derrière le bâtiment.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *revient sur l'histoire du Hall de la Chiers. Il a été construit en 1999 alors que Marcel Blau était bourgmestre. Erny Muller faisait partie du conseil communal lorsque le hall a ouvert ses portes.*
*(Interruption)*
*Erny Muller constate qu'ils étaient donc deux à être présents à l'époque.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *suppose que M. Ulveling était là aussi.*
*(Interruption de M. Ulveling)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se souvient que la commune comptait 18 000 habitants. Les associations réclamaient un hall polyvalent, car les salles utilisées jusque-là disparaissaient petit à petit.*
*Même si le Hall de la Chiers n'est plus conforme aujourd'hui, il a accueilli de nombreuses manifestations. Les associations, les particuliers et le service culturel en ont bien profité. Le fait que le collège échevinal veuille la garder ouverte jusqu'à ce que le nouveau hall soit construit démontre l'importance de cette salle.*
*Erny Muller salue l'agrandissement du campus scolaire de l'école internationale. Il s'agira d'une école pri-*

*maire avec une maison relais. Elle est censée accueillir 50 % d'élèves differdangeois, mais il s'agit d'un accord verbal de la part de la direction de l'école. Ce serait une bonne chose pour Differdange.*
*M. Ulveling a expliqué qui prendrait les frais à sa charge. Il est question de frais de démolition, de dépollution et d'assainissement.*
*Les frais d'assainissement incombent généralement au vendeur.*
*Erny Muller rappelle qu'il y a vingt ans, le hall avait couté deux-millions d'euros.*
*(Interruption)*
*Erny Muller constate qu'aujourd'hui, il vaut 3,8 millions d'euros, une somme à réinvestir dans le nouveau projet.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Erny Muller se demande ce qu'il en est du terrain, qui vaut 15 000 € l'are, soit 1 050 000 €.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *précise que la commune ne recevra que 1,4 million d'euros pour la halle.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *s'étonne qu'elle n'ait pas plus de valeur pour le gouvernement.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *ajoute que la commune aurait normalement dû payer pour l'assainissement.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *confirme que la dépollution aurait couté 800 000 € à la commune.*
*(Interruption de M. Ulveling et discussions)*

---

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que M. Muller a la parole et demande aux conseillers communaux de ne pas discuter entre eux.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate donc qu'il est question de 800 000 €, plus 1,6 million d'euros.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit de 1,4 million d'euros, soit 2,2 millions d'euros en tout.*

---

**ERNY MULLER (LSAP)** *répète que la commune touchera donc 2,2 millions d'euros pour la halle.*

musse se onbedéngt ophalen, soulaang bis mer eng Alternativ hunn. Dat beweist jo, wéi wichteg se ass.

Elo zum Projet selwer. Et ass flott a mer begréissen absolutt, alleguer mengen ech hei ronderëm den Dësch, dass de Campus vun der internationaler Schoul erweidert gëtt, dass déi École primaire, wéi si se nach ëmmer nennen – si schwätzen net vun enger Grondschoul, mä vun der École primaire –, mat Maison relais, wat jo elo nach méi wäit geet, dohikënnt.

Mir hoffen, dass iergendwéi déi Formule, dass do solle 50% vun de Kanner vun Déifferdeng kënnen an déi Schoul goen, dass dat net nëmmen eng Zouso ass. Also et ass eng mëndlech Zouso, mir hunn am Fong keen Accord an där Richtung, mä et ass eng Zouso vun der Direktioun vun där Schoul. Mir hoffen, dass dat bäibehale gëtt. Da kënnt dat jo absolutt der Gemeng Déifferdeng, eiser Stad hei, zum Notzen.

Elo zum Käschtepunkt. Dir hutt et gesot, Här Ulveling dat war eng vu menge Froe gewiescht. Wien iwwerhëlt déi Käschten? Well dat si jo deelweis Ofrappkäschten am direkten Zesummenhang mat deem Neibau. An et sinn Depollutiouns- an Assainissementskäschten, wou den Terrain opbereet gëtt. Wat am Fong, wann een en Terrain verkeeft, ënnert der Responsabilitéit vum Vendeur ass an net vum Acquereur. Mä bon, wann hei een Accord fonnt gëtt …

Ech muss awer soen, mir haten eng aner Pist an der Zäit, wéi ech nach am Schäfferot war. Do hu mer gesot, déi Hal evaluéiere mer a mir soen, wat déi eis wäert ass. Virun 20 Joer huet déi zirka zwou Milliounen Euro kascht, ech mengen et waren der 2,1. Wann een dat bedenkt.

(Interruptioun)

An haut, 20 Joer duerno, mir hate gesot 3,6 oder 3,8 oder wéi vill Milliounen? Dat war fir eis de Wäert, wa mer eng nei bauen. An dee Wäert wollte mer iwwerhuelen a mat op deen neie Projet kënne verbuchen. Dovun hunn ech elo näischt méi héieren, wéi dat ausgaangen ass mam Staat, mat deene Gespréicher.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech soen Iech dat.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

A wéi ass et mam Terrain? Dat heescht, wa mer elo soen, si huelen dat hei ganz, dann hu mer déi Käschte jo net. Mä den Terrain ass 15.000 Euro den Ar wäert. Mol 70 Ar, hunn ech gekuckt. Dat wären zirka 1.050.000 Euro.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Just 1,4 Millioune fir d'Hal.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Méi ass se hinnen net wäert? Okay.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

An den Assainissement. Well deen hätte mir normalerweis da misste bezuelen.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Jo, mir hätte missten d'Depollutioun, also d'Terrainsopbereedung misste bezuelen. Dat sinn 800.000 Euro. Et muss een do relativéieren. Mat deem aneren hu mir näischt ze dinn.

(Diskussiounen)

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Muller huet d'Wuert. Mir fänken elo net un, eenzel Gespréicher ze féieren.

---

**ERNY MULLER (LSAP):**

Nee. Ech mengen, dass mer an der Verflichtung si fir déi 800.000 Euro an net fir déi 1,4 Milliounen. Dat ass fir mech 800.000 plus 1,4 Milliounen. Dat heescht, mir géifen dann 2,2 Millioune fir déi Hal …

(Diskussiounen a Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, schwätzt weider. Dir kritt herno d'Äntwert.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Plus eng Millioun wären 3,5. Voilà. Mat deem kéint ech trotzdeem liewen. Dat zum Ofschloss. Dat huet jo awer dann nach eng positiv Nott elo kritt. Ech soen Iech Merci.

(Gelaachs)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Den Här Schwachtgen wénkt of. D'Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Madamm, Dir Häre vum Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, Madamm an den Här vun der Press, zum Devis vun Demolitioun an Assainissement. Den Hall de la Chiers gëtt komplett ofgerappt an deen dozougehéieregen Terrain vun der Hal assainéiert. Dëst mécht Plaz fir de Bau vun der internationaler Primärschoul.

Wann ech, wéi den Här Muller, elo och an der Zäit zréckginn, deemools viru 17, 18 Joer ass den Hall gebaut ginn, ageweit am Joer 2000. Haaptsächlech multifunktionell a grouss genuch, fir méi Leit ze empfänken. Ob Receptiounen, Reuniounen, Ausstellungen, Concerten oder ze loune fir Baler, Basar an esou weider. D'Akustik war net grad immens, deemno fir wat fir eng Veranstaltung.

En neien Hall polyvalent la Chiers, den Numm ass ze gesinn, ass am Bau zu Uewerkuer. Virgesi si verschidde Mesuren, fir d'Exploitatioun vum CID a senge verschiddene Servicer oprechtzëerhalen. Dorënner och de jëtzegen Accès zum CID an der iwwergangs internationaler Primärschoul um fréiere Recycling.

Am Hierscht kéint de Bau vun der definitiver internationaler Primärschoul mat integréierter Maison relais ufänken. Fir aus der jëtzeger Iwwergangsléisung erauszekommen, déi sech awer bewäert huet, vu de Succès vun de villen Aschreiwungen an en adaptéiert neit Gebai. D'Demokratesch Partei stëmmt dësen Devis. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV ass frou, datt et mam EIDE hei zu Déifferdeng elo endlech ka virugoen. Natierlech war et richteg, datt mer hu misse waarden, bis déi nei Hall de la Chiers zu Uewerkuer fäerdeg war. Déi soll elo am September opgoen. Da kënnen d'Veräiner hir Aktivitéiten ouni Ënnerbriechung weider ënnerhuelen. Esou kann déi al Hal weechen, fir datt dee ganze Site – Lycée, EIDE, École primaire, Maison relais – ka fäerdeg gebaut ginn.

Mer hoffen, datt dat a plus-minus dräi Joer wäert de Fall sinn. Dat ass e wichtege Projet fir eis Stad Déifferdeng. Mir investéieren immens vill a Schoulen. Dat hei ass wierklech e flotte Projet vun enger ëffentlecher Schoul. Zwar mat engem anere System, mä wat wichteg ass, d'Elteren hunn de Choix. D'Schoul ass gratis, an et ass fir d'Kanner vun Déifferdeng. Mir si frou, datt et weidergeet.

D'Finanze goufen ugeschwat. Et war vill Hin an Hier. Den Här Ulveling huet ugedeit, datt dat alles an der Rei ass. D'Zuelen hu mer jo, e wäert dat wahrscheinlech herno nach eng Kéier widderhuelen.

Mir stëmmen elo iwwert den Devis, fir d'Hal ofzerappen an den Terrain ze preparéieren. E Puzzelstéck am ganze Projet, dee mer folglecherweis matstëmmen. Merci.

**TOM ULVELING (CSV)** *mentionne le terrain.*
*(Rires)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande à M. Muller de poursuivre. Il recevra les réponses à ses questions tout à l'heure.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *constate que si on y ajoute un-million d'euros, on arrive à 3,5 millions d'euros, une somme acceptable.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *rappelle que le Hall de la Chiers sera entièrement démoli et le terrain assaini. Cela permettra de construire l'école primaire internationale.*
*Le Hall de la Chiers a été inauguré en 2000. Il devait être multifonctionnel et suffisamment grand pour accueillir beaucoup de gens dans le cadre de réceptions, réunions, expositions, concerts, bals, bazars... L'acoustique n'était en revanche pas fameuse.*
*Un nouveau hall polyvalent va être construit à Oberkorn. Plusieurs mesures sont prévues pour préserver l'exploitation du CID et de ses services.*
*La construction de l'école primaire internationale définitive avec sa maison relais intégrée devrait commencer en automne. Le nouvel établissement remplacera la structure provisoire, qui a pourtant connu beaucoup de succès. Christiane Saeul annonce que le DP approuvera le devis.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se réjouit que la construction de l'EIDE se poursuive. Il a fallu attendre que le nouveau hall polyvalent d'Oberkorn soit terminé. Il ouvrira en septembre, ce qui permettra aux associations de poursuivre leurs activités sans interruption.*
*Le site de l'actuel hall polyvalent pourra alors servir à construire l'EIDE et la maison relais. Jerry Hartung espère que cela pourra être le cas dans quelque trois ans. Ce projet est important pour la Ville de Differdange, qui investit beaucoup dans ses écoles. L'EIDE reste une école publique, même si le système est différent. Ce qui importe, c'est que les parents aient le choix. L'école est gratuite et elle est*

*destinée aux enfants de Differdange.*
*Pour ce qui est des finances, M. Ulveling a laissé entendre que tout était en ordre. Il répètera probablement les chiffres tout à l'heure.*
*Jerry Hartung rappelle que le vote porte sur le devis pour la démolition du hall et la préparation du terrain.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *souhaite revenir sur la pollution du terrain. Il trouve important de construire des structures sur des terrains propres et non contaminés. Il y a vingt ans, la commune a commis l'erreur de construire un bâtiment sur un terrain contenant de nombreuses substances toxiques. Il aurait fallu l'assainir au préalable. Aujourd'hui, la commune est obligée de se débarrasser de cette terre. Le devis comprend quelques postes concernant le transport de la terre contaminée. Mais Frenz Schwachtgen suppose que le volume n'est pas connu. Qu'en est-il des mesures de sécurité? Il n'y a rien dans le devis.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que ces informations figurent dans le descriptif.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *réplique que le descriptif est vague. Quel type de surveillance du chantier est prévue? Le site comprendra une cour de récréation et des plantations. Frenz Schwachtgen espère qu'il n'y aura pas de mauvaises odeurs provenant de substances toxiques. La commune et l'État, qui sera le futur propriétaire, devront faire attention à cet aspect.*

**TOM ULVELING (CSV)** *cite le descriptif selon lequel le terrain sera assaini en accord avec la législation récente. Les masses polluées ne seront pas complètement excavées. Une partie pourra être recouverte de remblai.*
*La surveillance sera assurée par les services communaux puisque c'est la Ville qui construit la bâtisse avant de la céder à l'État.*
*Tom Ulveling remercie M. Muller, selon lequel le collège échevinal a bien négocié le prix. L'assainissement représente cependant un*

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Schwachtgen, Dir däerft.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Vum Prinzip hier si mer ganz d'accord mat deem Devis. Just eng kleng Stellungnam derzou, wat d'Pollutioun vun deem Terrain ubelaangt. Et ass dat, wou mer net midd ginn, ëmmer erëm ze soen, dass et wichteg ass, dass een op propperem Terrain baut an net op verseuchtem Terrain.

Virun 20 Joer war dee Feeler héchstwahrscheinlech gemaach ginn, dass e polluéierten Terrain, mat HAPen, also Hydrocarbures aromatiques polycycliques – déi ganz gëfteg sinn, also guer näischt Gesondes fir d'Ëmwelt, fir de Mënsch a fir d'Natur – am Fong nach viru benotzt ginn ass, amplaz en deemools ze depolluéieren. An dee Feeler rächt sech haut, well mer elo erëm mussen opwänneg dee Buedem entsuergen.

Wat elo net aus dem Devis erauskënnt, ass, wat do ofgedroe gëtt. Et sinn e puer Posten dran, déi awer relativ minimal sinn. Mä iren ech mech, wann ech soen, dass do vläicht mussen onbestëmmt Menge meterkibbweis an d'Ausland gefouert ginn? Ënner wat fir Konditiounen, wat fir Virsiichtsmoossnamen an esou weider? Am Devis fënnt een näischt eraus.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Well et am Descriptif steet.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Am Descpritif, deen hunn ech net esou studéiert. Mä et ass awer relativ vag gehalen, mengen ech. Do komme jo Mehrkäschten op eis zou, och op de Staat zou, déi mer awer erëmkréien.

An zweetens, ënner wat fir enger Surveillance gëtt dee Chantier do gemaach? Dass mer herno wierklech och sécher sinn, dass mer nei Schoulinstallatiounen, vläicht mat Schoulhaff, vläicht mat Begréngung, mat oppenem Buedem do installéieren. Well aromatique heescht jo, et kënnt vum fréiere Gaswierk hier. Et richt. A mer wäerte jo hoffentlech net herno an deem Schoulhaff oder op enger Gréngfläch nach Geroch hu mat gëftege Stoffer?

Ech géif soen, do misste mir alleguer, als Gemeng an natierlech och de Staat, dee jo herno Proprietär vun deem Stéck do gëtt, all Virsiicht walte loossen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech ginn dem Här Schwachtgen direkt eng Äntwert. Am Descpriptif steet: „Le terrain sera assaini au niveau requis pour permettre l'exploitation ultérieure prévue d'une école; néanmoins, en accord avec la législation récente, les masses polluées ne seront pas complètement excavées, mais" – dat hat ech gesot – „une partie de celles-ci peuvent être conservées en place et recouvertes par de nouveaux remblais (couches de protection) ou par le bâtiment futur".

D'Surveillance wäert vun eise Servicer gemaach ginn. Vu dass mir dat bauen an duerno dem Staat dat oftrieden. Soudass mer eng Kontroll hunn iwwert dat, wat do geschitt.

Dem Här Muller soen ech Merci, dass e seet, dass mer gutt verhandelt hu mam Präis. Déi ganz Assainissementsproblematik ass e grousst Fragezeichen. Et weess een duerno net, wat dobäi erauskënnt.

Mir hu mam Staat verhandelt, dass en eis d'Gebai ofkeeft fir 1,4 Milliounen Euro. Den Terrain fir 15.000 Euro den Ar, mol esou vill Ar. An e kënnt op fir d'Depollutioun a fir d'Ofrappen op deem Terrain. Soudass mer effektiv, wéi den Här Muller gerechent huet, ongeféier op 3,8 Milliounen Euro kommen, absolutt gesinn.

Wann een elo nach vläicht déi, wéi den Här Muller seet, 800.000 do ofrechent, da si mer iwwer 3,3 Milliounen Euro, déi mer da kréiche fir deen Hall de la

Chiers. Wuelwëssend, dass wa mer dräimol méi e groussen neien Hall de la Chiers bauen, mer dat net kënne fir deeselwechte Präis baue wéi fir deen Alen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei géint deen Devis stëmmen. Sou wéi ech dat virdru scho gemaach hunn, wéi déi Europaschoul um Niveau vum Lycée gebaut ginn ass. Ganz einfach, well mir als Kommunistesch Partei net mat deem Konzept d'accord sinn, dass d'Déifferdenger Schüler do einfach ausgeschloss ginn. Meng Fro: Geschitt dat och bei der Maison relais, dass do nëmmen d'Halschent vun de Kanner däerfen aus Déifferdeng kommen? Dat ass an eisen Aen eng Diskriminatioun. Vu dass och nach ëmmer net an Aussiicht gestallt ass, dass tatsächlech en technesche Lycée zu Déifferdeng gebaut gëtt.

Déi zweet Saach ass déi mat der Verseuchung vum Buedem. Ech wëll drun erënneren, dass op deem Deel, wou de Lycée gebaut gëtt – dat ass jo net ganz wäit ewech, dat hänkt jo zesumme mat dësem Deel –, 2011 13 Buerunge gemaach gi sinn, wou duerno festgestallt ginn ass, dass dee ganzen Terrain verseucht ass, mat polyzykleschen aromatesche Kuelewaasserstoffer, mat Arsen, mat Nickel, mat Zénk an esou weider an esou fort. An dass ugerode ginn ass, bis op eelef Meter Déift dee Buedem erauszehuelen.

Ech weess elo net, ob dat tatsächlech geschitt ass, dass e bis op eelef Meter Déift erausgeholl ginn ass. Mä wa mer hei gesot kréien, dee verseuchte Buedem géif bis op en Niveau requis erausgeholl ginn, wat heescht dat dann? Souwäit ech dat elo verstanen hunn, gëtt dee verseuchte Buedem net ganz erausgeholl, mä en Deel bleift leien an da gëtt eng Bëtongsplack drop geluecht. Ass dat wierklech d'Léisung, wéi en Terrain, en Industrieterrain soll sanéiert ginn? Dat wonnert mech awer elo, wa mer dat do unhuelen, dass mer op esou e Wee ginn, dass mer eng gewësse Verseuchung, do wou eng Schoul gebaut gëtt, do loossen. Doriwwer kann ech awer nëmme staunen, wëll ech soen.

Ech hu gesinn, dass de Staat der Gemeng 15.000 Euro den Ar wëll bezuele fir deen Terrain. Dat kann ee begréissen. Vu dass de Lëtzebuerger Staat d'Gemeng ugeschmiert hat, wéi den Terrain vum Lycée gebaut ginn ass. Wou d'Gemeng 15.000 Euro bei der Arcelor bezuelt huet an nëmmen 10.000 Euro vum Staat erëmkritt huet.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Genau.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Dat soll een net vergiesse bei där ganzer Affär do.

An da stellen ech awer fest, dass do, wou eng industriell Verseuchung gemaach gëtt, dass et awer erëm eng Kéier d'ëffentlech Hand ass, déi dofir opkënnt. An dësem Fall vläicht net d'Gemeng, mä et ass de Staat. Dat sinn och Steiersue vun de Bierger. An domat kann ech als Vertrieder vun der KPL iwwerhaapt net d'accord sinn, dass dat, wat d'Privatindustrie verseucht huet, vun der ëffentlecher Hand muss bezuelt ginn.

Domat schléissen ech of a soen, dass ech géint deen Devis do stëmmen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, den Här Ulveling huet eis e bëssen erkläert, datt déi Schoul wäit an den Terrain vun eisem bestoende Service technique erareecht. An esou déi Leit, déi do musse schaffen, immens beengt si mat deem grousse Service technique, deen eis Gemeng huet.

*point d'interrogation. L'État acquerra le bâtiment pour 1,4 million d'euros et le terrain pour 15 000 € l'are. Il financera également l'assainissement du sol. La commune touchera donc 3,8 millions d'euros en tout.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il votera contre le devis tout comme il avait voté contre la construction du lycée européen. En effet, les communistes ne sont pas d'accord avec le concept selon lequel des élèves differdangeois sont exclus. Qu'en est-il de la maison relais? Est-ce que seuls 50 % des enfants pourront être differdangeois? Si c'est le cas, il s'agit d'une discrimination. Sans oublier qu'un lycée technique à Differdange n'est toujours pas prévu.*
*En ce qui concerne la contamination du sol, Ali Ruckert rappelle qu'en 2011, 13 forages ont été effectués sur le site du lycée. Le site est pollué par des hydrocarbures polycycliques aromatiques, de l'arsenic, du nickel, du zinc, etc. Il faudra enlever la terre sur une profondeur de 11 m. Le reste de terre contaminée sera recouvert d'une plaque en béton. Ali Ruckert doute que ce soit la meilleure façon d'assainir un terrain industriel sur lequel sera construite une école.*
*L'État versera 15 000 € l'are pour le terrain. C'est une bonne chose compte tenu du fait que la commune s'est fait rouler par le gouvernement lors de la construction du lycée. À l'époque, la commune avait acheté le terrain pour 15 000 € l'are à Arcelor, mais n'avait reçu que 10 000 € l'are de la part de l'État.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Ali Ruckert constate ensuite que les services publics doivent une nouvelle fois financer une décontamination industrielle. Il s'agit de l'argent des citoyens. Ali Ruckert est absolument contraire au fait que le secteur public doive payer pour tout ce que l'industrie privée a pollué.*
*Il votera contre le devis.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *constate que l'école se situera sur une large partie du terrain des services techniques. Il demande au collège échevinal où en est le PAP pour la*

*construction du nouveau CID à Niederkorn. Il croit savoir que le PAP n'a toujours pas été réalisé. Il faudrait vraiment accélérer les choses pour permettre aux employés du service technique de travailler dans les conditions adéquates.*
*Fred Bertinelli salue le fait que l'école soit construite sur le site en question. Pour Differdange, il est important de créer un campus pour l'école européenne. D'un point de vue logistique, le site est idéal.*
*Pour ce qui est de l'assainissement, il s'agit d'un problème concernant tout le sud. Fred Bertinelli mentionne l'université à Belval, l'école sur le site de l'usine à Dudelange, etc. Grâce au coffrage, le sol contaminé n'entrera pas en contact avec les enfants. De toute façon, l'assainissement d'une friche industrielle est inévitable quand on sait que l'industrie y était établie pendant plus de cent ans.*
*Fred Bertinelli est satisfait du fait que les écoles soient réunies au sein d'un campus et que le Hall de la Chiers soit démoli. Au départ, d'autres pistes avaient été explorées. Mais celle-ci est la meilleure.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande s'il y a d'autres questions. Il plaisante sur le fait que l'ordre du jour est court et qu'il faut passer le temps.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *approuvera le devis. Mais il est d'accord en partie avec M. Ruckert.*
*Le collège échevinal a dit que les services communaux contrôleraient l'assainissement du sol. Mais Frenz Schwachtgen ne pense pas qu'ils soient habilités à suivre ces travaux. Une entreprise agréée devra évaluer les travaux et réaliser les analyses. Le collège échevinal devra recruter un bureau d'études.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le terrain où se situe l'école provisoire était aussi contaminé.*
*Il signale que les conditions sont toujours strictes dès qu'un terrain est contaminé. Sur le terrain de la structure provisoire, il a fallu demander une dérogation pour 0,5 %*

Dofir meng Fro, wéi et mam PAP vun der neier Hall, vum neie CID zu Nidderkuer virugeet. Sou vill ech weess, ass nach kee PAP gemaach. Dofir brauch ee praktesch bal ee Joer, deemno wéi eis PAPe viru ginn. A vu, datt dat heite jo soll gebaut ginn, ass meng Fro: Ass dat matenee gekuckt ginn? Datt een do zäitlech eens gëtt, wann een dat fir d'Schoul brauch.

Ech weess, datt eis Pompjeeën an eis Services de sécurité do fort sinn, datt mer do e bësse méi Plaz hunn. Mä et ass enorm beengt. Do misste mer wierklech Gas ginn, fir esou schnell wéi méiglech mat deem CID zu Nidderkuer virunzekommen. Soudatt mer Plaz géife maachen, fir datt déi Leit an deenen néidege Konditioune schaffe kënnen.

Ech begréissen enorm, datt mer et fäerdegbruecht hunn, déi Schoul op dee Site do ze kréien. Well dat fir Déifferdeng, fir mech, ganz, ganz wichteg ass. Datt mer e Campus kréien, wou déi Schoulen, déi Europaschoul, vu klengem un do beienee läit. An et och logistesch dat Bescht ass, wat mer konnte maachen, fir déi Schoul do derbäizesetzen.

An deem Konzept, wëll ech soen, ass dat och e bësse wéi am ganze Süden. Wann ee kuckt, op wat d'Universitéit um Belval steet. Wann ee kuckt zu Diddeleng op der Schmelz, déi Schoul, déi do steet. Wann ee kuckt, op all deenen ale Friche-industriellen.

Wéi gesot, wann dee Buedem sanéiert gëtt, soudatt do näischt un d'Kanner ka kommen. A wann deen, dat heescht jo haut Coffrage, gemaach gëtt. Dolaanscht kënnt een net. Dat sinn nun eben emol al Site-industriellen, wou iwwer 100 Joer eng Industrie drop war. An elo ass d'Schoul drop. Dat ass näischt, wat mech elo direkt vill opreegt, wann de Buedem sanéiert ass.

Ech si frou, datt mer et fäerdegbruecht hunn. Dat war jo ëmmer de Wonsch, datt mer e Campus hätten an eiser Gemeng, wou déi Schoulen all beienee wären. Duerfir begréissen ech dat extrem, datt se dann elo dohinnerkënnt. Datt déi Hall de la Chiers fortkënnt. Well am Ufank ware jo och nach aner Weeër, nach aner Pisten op, wat mat där Hall de la Chiers sollt geschéien. Mä dat heite war vun Ufank un dee bessere Wee, an ech begréissen dat extrem. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Nach e puer Äntwerten. Mir hunn haut ee klengen Ordre du jour, mir mussen d'Zäit opfëllen. Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech maache mech net gär schëlleg un Ärem Repère. Ech géif dat heite stëmmen, wierklech mat deem Zousaz – ech schléisse mech do zum Deel dem Här Ruckert un –, dass mer wierklech op dee Wee ginn. Et ass gesot ginn, eis Leit kontrolléieren doënnen, wéi wäit ausgebaggert gëtt, wou d'Pollutioun ophält a wéi déif se ophält an esou virun. Ech mengen, mir sinn net mat eise Servicer habilitéiert, net capabel, dat ze suivéieren.

Wann esou eng Depollutioun gemaach gëtt, da muss en agreéierte Betrib derbäi sinn, deen dat surveilléiert an deen och en cours de route déi Aarbechte begutacht respektiv Analyse mécht. Do musse mer e Bureau d'études astellen, fir effektiv op dee Punkt ze kommen, dass mer och sécher sinn, dass dat alles fort ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Ech wëll just soen, datt mer op deem Terrain niewendrun, wou déi provisoresch Schoul ass, och eng ganz héich Kontaminatioun haten. An datt e Kommodo gemaach gëtt, an et do ganz streng Oplage gëtt.

**ENG STËMM:**

Jo.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass bei all Projet esou. Ech hunn d'Gefill heiansdo, et denkt een ëmmer all Projet nei. Et ass esou: Bei all Projet, wou dat ass, gëtt et ganz héich Opla-

gen. An dat net eréischt haut. Dat ass net nëmme bei deem hei Projet esou, dat ass bei all Projet, wou eng Depollutioun muss gemaach ginn. A vis-à-vis, do ware mer op 99% an eppes propper. Fir déi 0,5%, déi gefeelt hunn, hu mer missen eng Derogatioun ufroen, an ob et iwwerhaapt méiglech wär, eng Autorisatioun ze kréie fir eng provisoresch Konstruktioun. Do sinn Experten op d'Plaz kucke komm.

Dat war bei véier, fënnef Meter Déift. Do war gesot ginn, well et effektiv esou déif ass, a well do nach e Remblai dropkënnt an nach eng Schoul, datt déi 0,5%, déi do net konnte gemaach ginn – wéinst wéi enge Grënn och ëmmer –, duerno vum Ministère begutacht ginn. Dat ass bei all Depollutioun de Fall.

Hei muss ee soen, datt emol hei erëm eppes berichtegt gëtt. Wien hat dat gesot, den Här Schwachtgen? Dir hat gesot, hei ass eppes gebaut ginn, wat ni hätt dierfte gebaut gi virun 20 Joer. Dat heescht, virun 20 Joer hätt dat scho misse gemaach ginn. Dat heescht, mir maachen eng Situatioun erëm esou, wéi se hätt sollte virun 20 Joer sinn. A selbstverständlech gëtt alles gemaach, fir datt dee Buedem herno propper ass. Dee meeschte Buedem wäert op déi historesch Deponie hei op den Déifferdenger Crassier kommen. Dat hu mer extra ugefrot, datt se net brauchen duerch d'ganzt Land oder soss wou ze fueren.

Anerersäits muss een awer och soen, kuckt Iech déi Plaz mol un, wéi se viru fënnef Joer war, mat engem Recyclingszenter, mat ech weess net wat. A gitt emol haut doduerch a kuckt, wat mer do stoen hunn. Et gëtt ëmmer gesot, dat waren déi aus der Stad, nee, dat war de Schäfferot vu virdrun. Dee sech agesat huet, fir iwwerhaapt e Schoulcampus ze kréien.

Well déi Schoul, déi donidde steet, wou de Recyclingszenter ass, déi hätt missen op Uewerkuer kommen, do, wou d'Chiershal steet. An do hate mer gesot, nee, mir wëllen e Schoulcampus. Mir haten eis wierklech dofir agesat. A mir si frou, datt dat elo dohinnerkënnt. Dat wäert dann och eis Primärschoulen entlaaschten.

Här Ruckert, Dir hutt recht, et si net grad 50% vun den Déifferdenger Kanner, déi do wäerten an d'Schoul goen. Et ass eng oppe Schoul. D'Leit schreiwe sech an a si hu Kritäre fir ze kucken. Mir leien ëm déi 49% oder bal 50% Déifferdenger Schüler, déi dohinnerkommen. Dat hat ech nogefrot. Mä ech mengen, datt et eng enorm Chance ass. A mir hunn dem Staat proposéiert, ob et méiglech wär, do, wou elo eise CID ass, eng technesch Schoul ze kréien. Eventuell eng europäesch technesch Schoul. Datt mer ganz gär bereet wären, dee Schoulcampus nach méi grouss ze maachen an eisen Terrain fir deeselwechte Präis hierzeginn.

An dann zum Präis: Et muss een awer fairerweis soen – ech hunn déi Argumenter natierlech och ëmmer gebraucht –, fir op déi Zomm ze kommen, déi mer dann och elo kréien, datt mer wierklech schonn en Effort gemaach hunn. Mä éierlechlechkeetshalber musse mer jo och gesinn, fir wéi vill mer deen Terrain, dee mer fir 10.000 Euro kaf hunn, awer erëm weiderverkaaft hunn, fir d'Stadentwécklung weiderzeféieren.

Ënnert dem Stréch mengen ech, datt d'Stad Déifferdeng do näischt verluer huet. Mä mir hunn eng grouss Liewensqualitéit, op alle Fall fir eis Kanner, do geschaaft. Dofir mengen ech, datt mer solle frou sinn, datt mer et fäerdeggbruecht hunn, wierklech e flotte Schoulcampus ze kréien, mat engem Park vu fënnef Hektar ronderëm, net wäit vun der Schoul, net wäit vun de Sportsinfrastrukturen. A mir wäerten eng Sportshal zur Verfügung gestallt kréien, owes, no enger gewëssener Auerzäit, wou mer och nach kee Frang dra gestach hunn.

Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Den Här Bertinelli hat gefrot: Et ass effektiv richteg, dass dat eis de Flux vun den Zirkulatiounen am CID wäert beanträchtegen. Mir hunn awer do schonn zënter Méint reagéiert. Wéi d'Pompjeeën eraus waren, hate mer alles ëmgebaut an d'Garage no vir gezunn. Déi ganz Plaz, déi fréier accessibel war fir jiddwereen, ass zougemaach ginn, fir déi Plaz ze recuperéieren, déi mer hanne verluer hunn. Et ass e bësse méi komplizéiert, mä et geet.

*du terrain. Des experts sont venus analyser la situation. Le sol a dû être recouvert d'un remblai. Bref, les décontaminations entrainent toujours des problèmes.*
*Comme l'a dit M. Schwachtgen, le Hall de la Chiers n'aurait jamais dû être construit il y a vingt ans sans assainissement préalable. La terre contaminée sera déposée dans la décharge historique du crassier de Differdange.*
*Roberto Traversini rappelle qu'il y a cinq ans, un centre de recyclage se trouvait sur le site. Ce n'est pas le gouvernement, mais le collège échevinal précédent qui s'est engagé pour la construction d'un campus scolaire. Car il était prévu de construire l'école à Oberkorn Roberto Traversini est content du site finalement retenu. La nouvelle école permettra de soulager les autres écoles primaires.*
*M. Ruckert a raison de dire que moins de 50 % des élèves seront differdangeois. Il s'agit de 49 %. Mais Roberto Traversini trouve la chance énorme. Le collège échevinal a proposé à l'État d'ouvrir une école technique européenne là où se trouve le CID. Il est disposé à agrandir le campus.*
*Il est vrai que le collège échevinal a dû faire un effort pour arriver à la somme qu'elle obtiendra de l'État. Mais ce qui importe plus, c'est la qualité de vie créée pour les enfants de Differdange. La commune peut être contente de ce campus entouré d'un parc de cinq hectares et à proximité d'infrastructures sportives. La salle de sport sera par ailleurs mise à la disposition de la commune le soir sans que cela lui coute un sou.*

**TOM ULVELING (CSV)** *confirme, comme l'a dit M. Bertinelli, que ce projet influencera le flux des circulations du CID. Mais il rappelle qu'après le déménagement des pompiers, des transformations ont été réalisées pour récupérer la place qui avait été perdue derrière.*

*Le collège échevinal essaiera de construire le CID aussi vite que possible. Mais entretemps, la commune a acquis un terrain supplémentaire. Les plans doivent donc être modifiés.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le collège échevinal a signé le compromis de vente. Il reste à aller chez le notaire.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à plusieurs décomptes.*

**TOM ULVELING (CSV)** *va les présenter en bloc, mais ils pourront être votés séparément le cas échéant.*
*Pour une fois, il est content de présenter des décomptes, car la commune a dépensé 508 000 € de moins que prévu. Cela démontre qu'il est possible de faire baisser les prix. Ce n'est pas forcément lié au travail du collège échevinal ou des fonctionnaires, mais par exemple aux appels d'offres.*
*Tom Ulveling commence par le décompte de la rue du Rail, où un canal a été installé. Il remercie les CFL, car les travaux ont couté 130 000 € de moins que prévu.*
*Les frais d'études liés à la mise en sécurité et à la mise en conformité du bâtiment C se montent à 103 000 €.*
*L'aménagement du parking des Hauts-Fourneaux a couté 10 000 € plus cher, car la commune a installé une station de vélos supplémentaires et des transformateurs.*
*Le chemin d'accès à la maison relais d'Oberkorn a couté 6000 € de moins que prévu. Une bosse bloquait la vue ce qui était dangereux lors des livraisons. Par ailleurs, la sortie a aussi été améliorée. Ces travaux ont été réalisés dans l'intérêt de la sécurité des chauffeurs et des piétons.*
*Le décompte suivant concerne les bornes de rechargement pour véhicules électriques. Il s'agit en fait des pantographes pour les bus électriques. La rue Michel-Rodange a dû être élargie.*
*Au départ, le pantographe devait se situer à côté des trottoirs, mais finalement, il a été installé au milieu de la chaussée. Le transformateur a été recouvert de bois. Le câblage est plus long que prévu. Il a aussi fallu*

Natierlech wäerte mer versichen, de CID esou schnell wéi méiglech ze plangen. Mir sinn am Gaangen. Mä, wéi Der elo matkritt hutt, hu mer en zousätzlechen Terrain kaf. Soudass mer elo erëm kënnen e bëssen anescht plangen. Awer mir sinn hannendrun, dass dat soll zügeg virugoen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir hoffen, deen Terrain ze kréien. Mir hunn emol de Compromis ënnerschriwwen. Mä beim Notaire ware mer nach net. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui, 1 voix non et 1 abstention d'approuver le devis relatif aux travaux de démolition et d'assainissement du terrain du hall La Chiers pour les besoins de l'EIDE.*

Villmools Merci. Da kommen e puer Dekonten. Ech géif soen, Här Ulveling, huelt Der déi all duerch, an da kucke mer, ob Froe kommen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wollt se alleguer explizéieren. A wann Dir de Besoin hutt, een erauszehuelen, fir se ofzestëmmen, da kënne mer dat nach ëmmer maachen. Ech mengen, et ass emol eng Kéier, dass ee frou ass, Dekonten ze presentéieren. Well wann ech déi sechs Dekonten zesummenzielen, an ech kucken, wat dobäi erauskomm ass, da stellen ech fest, dass mer 508.000 Euro, also eng hallef Millioun, manner gebraucht hunn, wéi mer hätte sollen oder wéi virgesi war.

Dat, fir ze soen, dass och emol ka geschafft ginn, dass et ënnert dem Präis läit. Dofir sinn net ëmmer eis Fonctionnairen oder mir responsabel, dat huet mat Ausschreiwungen ze dinn, dat huet mat anere Saachen ze dinn. Ech erklären Iech, Dekont fir Dekont, firwat dat eent oder dat anert méi deier ginn ass.

Ech géif ufänke mam Dekont, wou mer an der rue du Rail e Kanal geluecht hunn. Do muss ech emol eng Kéier der CFL villmools Merci soen, well dat huet eis 130.000 Euro manner kascht. Si hunn eis am Fong an hire Chantier gelooss, mir hunn et konnte parallel maache mat hirem Chantier. Si hunn eis d'Schinnen erausgeholl, mir hunn de Gruef gemaach, an dunn hu si d'Schinnen erëm drop gemaach.

Virdru war virgesinn, dass een dat ënnert d'Schinne misst maachen. Dat wär wesentlech méi deier an opwändeg ginn. Ech wëll der CFL villmools Merci soen, dass mer dat esou maache konnten. Mam Resultat, dass mer 130.000 Euro agespuert hunn.

Beim Bâtiment C hutt Der gesinn, dat ware Frais d'études liées à la mise en sécurité et la mise en conformité. Dat waren 103.000 Euro, fir dass mer kéinten ufänken, dat Gebai ze sanéieren. Dat waren Etüden. Dat war esou virgesinn. Do hu mer näischt gespuert.

Um Plateau des Hauts-Fourneaux hu mer de Parking amenagéiert. Dat hätt sollen 1,2 Milliounen Euro kaschten. Huet awer 10.000 Euro méi kascht, well mer zousätzlech eng Vëlosstatioun opgeriicht hunn, Trafoe gemaach hunn, fir d'Kiermes kënnen opzeriichten. Dat war eleng scho fir 300.000 Euro, all déi Aarbechten nieft dem Trafo. An dann nach d'Geliits, d'Stroossen, de Makadamm, dat war plus ou moins fir 10.000 Euro.

D'Maison relais Uewerkuer: De chemin d'accès ass 6.000 Euro méi bëlleg ginn. Do war eng Knupp, wann een eropgefuer ass, déi ganz schlecht iwwersiichtlech war. Vu dass Elteren a Kanner do an d'Schoul ginn, war dat geféierlech, wann do ugeliwwert ginn ass, well de Chauffeur net iwwert d'Knupp gesinn huet. Dat war geféierlech.

Déi Knupp ass entschäerft an de Wee e bësse méi flott ugeluecht ginn. Mir hunn och gekuckt, dass wann een an dee Wee erafiert, dass een do besser erauskënnt. Well dat war och ëmmer e Gemurks, fir do erauszekommen. Déi Sue si gutt ugeluecht. Dat ass am Interêt vun der Sécherheet vun deene Leit, déi do souwuel fuere wéi och ze Fouss ënnerwee sinn.

Een aneren Dekont ass dee vun de Bornes de rechargement pour véhicules

électriques. Dat ass e bësse komesch ëmschriwwen. Et handelt sech ëm déi Aarbechten, déi gemaach si gi fir de Pantograf, fir eis elektresch Bussen opzelueden. Deen ass e bësse méi deier ginn. Do hat mussen eng Verbreederung vun der rue Michel Rodange gemaach ginn. De Pantograf ass an d'Mëtt vun der Strooss gesat ginn. Am Ufank wa virgesinn, dass e sollt säitlech nieft den Trottoire kommen. Dofir ass et e bësse méi deier ginn.

Och ass den Trafo mat Holz agekleet ginn. Dat huet Méikäschten mat sech bruecht. Zousätzlech hate musse Gainen a Kabele geluecht ginn, well d'Distanz méi wäit war vum Trafo wéi initialement virgesinn. An et hat och musse mat der Hand eng Tranché laanscht d'Beem gemaach ginn, mat engem Saugbagger, fir d'Wuerzelen net ze beschiedegen. Dofir hu mer do en Iwwerschoss vu 70.000 Euro. Wat awer ze vertrieden ass, mengen ech.

Wat vill méi bëlleg ginn ass, dat ass am PAP Ancien Ateliers zu Nidderkuer, d'Travaux d'infrastructures et équipements collectifs. Mir hu Stroosse gebaut, Reseaue geluecht, Luuchten, Ënnerbau, fir dëse Quartier ze erschléissen. Do si mer praktesch 400.000 Euro ënnert dem initialen Devis bliwwen. Wat jo awer gutt ass.

Da kënnt eppes, wat 100.000 Euro méi deier ginn ass. Dat sinn déi zwou Brécken, déi mer gebaut hunn an der rue du Hussigny an an der Avenue de la Liberté. Déi Méikäschte sinn entstanen, well d'Fundamenter hate musse méi breet a méi déck gemaach ginn. Well den Ënnergrond relativ schlecht war.

D'Unzuel vun de Pieuxen hat mussen erhéicht ginn. Et ass e Blëtzschutz gezu ginn, dee méi wäit gezu ginn ass, wéi virgesi war. D'Reseaue fir d'Beliichtunge si matgemaach ginn. An de Bëschwee tëschent der Bréck an der rue du Hussigny an de Stengercherswee si matgemaach. Deen ass elo propper. Wéi gesot, 100.000 Euro huet et méi kascht.

Erëm e bësse méi eppes Erfreeleches: Nidderkuer Zentrum, wou an der Phas II den Devis praktesch bal 300.000 Euro méi bëlleg ass. Do ass zousätzlech nach eng Trap, déi vun der rue des Romains an d'rue du Kirchberg geet, matgemaach ginn an dësem Chantier. Insgesamt ass et e gutt Stéck méi bëlleg ginn, wéi mer virgesinn haten.

Dat wär et scho vu menger Säit. Wann Dir nach Froen hutt, da kënnt Der déi elo stellen. Merci.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Diderich, w.e.gl.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt froen, bei de Bornes électriques, firwat do …

(Interruptoun)

Am Dossier sti se elo als Bornes électriques, …

(Interruptoun)

… fir mech da kloer op den Ordre du jour ze bezéien. Do sti Restauratiounskäschten dran, wann ech dat richteg verstanen hunn, a Käschte fir Kommunikatioun dran, also eng Kommunikatiounsboîte, fir 21.000 Euro. Ech wollt froen, wat dat mam Installéiere vun esou elektreschem Geschir ze dinn huet.

---

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Ulveling, w.e.gl.

---

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Soll ech direkt äntwerten? Dat ass déi Campagne, déi mer mat den Elektrobusse gemaach haten. Dir erënnert Iech vläicht drun, Dir krut verschiddentlech esou …

(Interruptioun)

Jo, an déi ganz Pläng mat deem ganze Logo. Dat huet dat kascht.

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Dat heescht, et ass am Fong d'ganz Diffbus-Campagne – neien Horaire,

*aménager une tranchée à la main le long des arbres. En tout, le surcout s'élève à 70 000 €.*
*Le PAP des anciens ateliers de Niederkorn s'est révélé beaucoup moins cher que prévu. La commune a aménagé des routes, les réseaux, l'éclairage et les infrastructures souterraines, et a économisé 400 000 €.*
*Le devis pour les ponts de la rue de Hussigny et de l'avenue de la Liberté a été dépassé de 100 000 €, car il a fallu renforcer les fondations et installer plus de pieux. Les réseaux et l'éclairage ont aussi été aménagés. Le chemin forestier entre le pont et la rue de Hussigny a été refait.*
*La phase 2 de la rénovation du centre de Niederkorn a couté 300 000 € de moins que prévu. L'escalier entre la rue des Romains et la rue du Kirchberg a aussi été rénové.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *se pose des questions quant aux bornes électriques.*
*(Interruption de M. Ulveling)*
*Gary Diderich constate que le décompte comprend des frais d'agence de communication pour 21 000 €. Il demande une explication.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *explique qu'il s'agit de la campagne pour les bus électriques.*
*(Interruption de M. Diderich)*
*Tom Ulveling mentionne les plans et le logo.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *suppose qu'il s'agit de toute la campagne autour du Diffbus.*

---

**TOM ULVELING (CSV)** *répond que oui.*

---

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *mentionne les horaires et la promotion.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au vote.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un terrain de la galerie Honsbësch. Les frais d'infrastructure ont reculé. Il s'agit de l'avant-dernier terrain que la commune vend.*
*(Interruption et vote)*
*Roberto Traversini passe aux actes. La commune vend un terrain de 0,79 a, dont les services communaux n'ont pas besoin. Le prix est fixé à 50 000 € par are.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à la location d'une parcelle afin de rénover l'école du Bock. La commune a besoin de locaux pour installer les classes provisoires.*

**TOM ULVELING (CSV)** *remercie M. Morelli, car la commune avait besoin du terrain pour agrandir l'école du Bock. Une cour de récréation va y être aménagée. Le terrain est mis à disposition pour la somme modique de 150 € par an. Tom Ulveling remercie à nouveau le propriétaire.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *demande si la cour de récréation et l'aire de jeux seront installées sur ce terrain. Il y a une route à côté. Même s'il s'agit d'une solution temporaire, il y a quand même danger.*
*(Vote)*

Promotioun –, déi leeft dann do drënner?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Genau.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Okay.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Kënne mer déi aacht zesummenhuelen? Jo.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le décompte des travaux de huit projets communaux.*

Merci. Dat nächst ass en Terrain vun der Galerie Honsbësch. Dir hutt jo elo héieren, d'Infrastrukturkäschte sinn e bëssen zréckgaangen. Do ass e Compromis drop, an déi Famill waart op hir Suen. Dat hei ass deen zweetleschten Terrain, dee mer verkafen.

Mir géifen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente d'un terrain de 3,44 a au lieudit « Cité Galerie Honsbësch » à Niederkorn.*

Zu den Akten. Mir verkafen e klengt Stéck. Natierlech hunn eis Servicer gekuckt, ob mer déi 0,79 Ar brauchen. Mir hunn en Avis kritt, datt mer dat roueg kéinte verkafen. Vu datt mer zesummen e Präis vu 50.000 Euro den Ar am Bauperimeter festgehalen haten, hu mer dat dann och héichgerechent. Déi Zomm, déi Der am Akt erëmfannt, ass genau op déi 50.000 gerechent.

Da géife mer och do zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la vente d'un terrain de 0,79 a au lieudit « Rue de Hussigny » à Differdange.*

Merci. Deen nächste Punkt ass eng Locatioun vun enger Parzell, well mer d'Bock-Schoul wëlle frësch maachen. Mir brauchen eng Auswäichméiglechkeet, fir déi nei provisoresch Klassen hin ze setzen. Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Richteg, Här Buergermeeschter. Ech wëll dem Här Morelli villmools Merci soen, dass en direkt averstane war. Well mer brauchen deen Terrain do, fir d'Bock-Schoul auszebauen. Den Terrain ass hannendru geleeën. Do wäert e Schoulhaff entstoen. Mir brauchen deen Terrain, an hie war bereet, eis deen zur Verfügung ze stellen. Dir gesitt, fir déi modique Zomm vun 150 Euro pro Joer stellt en eis deen Terrain zur Verfügung. Dee mer awer wierklech brauchen, fir déi Container opzeriichten, plus de Schoulhaff, fir déi ganz Bock-Schoul ze renovéieren. Dofir nach eng Kéier Merci dem Här.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Dir Dammen an Hären, wann ech richteg verstinn, déisäit géif de Schoulhaff kommen an d'Spillplaz oder wéi? Do muss ee sech awer vläicht Gedanke maachen, d'Strooss kënnt do erof, dass de Kanner kee Misär geschitt.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo, jo, jo.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Well d'Kanner do vun A no B ginn. Provisoresch ass och geféierlech.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir géifen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de location de 2 parcelles d'une contenance de 24,40 a aux abords de la rue de l'Eau à Oberkorn.*

Dat nächst si Contrat-de-bailen. Ech weess, wéi eng Fro wäert kommen an ech versichen, Iech déi am Viraus ze beäntwerten: Esch2022 ass just provisoresch hei – leider –, bis se hir Lokaler zu Esch, a wie weess, vläicht an der Gebléishal um Belval, fannen. Op alle Fall mir si ganz frou, datt se heihinner komm sinn.

Déi aner zwou Saachen sinn en Avenant. Den neie Comité de sélection huet déi erausgesicht. Mir wiere frou, wann Der dat och esou géift gesinn.

Mir sinn um Wee, déi Commission économique op d'Been ze stellen. Do sinn e puer Versammlungen elo gewiescht. Ech géif mengen, datt de Comité nach virun der grousser Vakanz wäert zesummegeruff ginn, fir d'Iddie mol ze hunn, a wéi Dir dat gesitt. Dat misst nach virun der grousser Vakanz stattfannen. Dann hätte mer dat och um Lafen.

Jo, Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Mir sinn net géint déi Leit, déi kreativ Entreprisen oder eenzel Persounen, déi do wëllen erakommen. Do si mer net dogéint, mir si souguer dofir. Mä mir bleiwe bei eiser Positioun. En attendant, Dir hutt jo elo an Aussiicht gestallt, dass sech dat geschwënn eventuell kéint änneren.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ech weess, datt et net géint déi geriicht ass, mä méi géint d'Politiker. Dat weess ech.

(Gelaachs)

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Mir kréien elo ëmmer de Rapport an enger gewësser Grille virgeluecht vun deem Comité de sélection. Do si relativ systematesch verschidde Linnen ausgefëllt a verschiddener net. D'Représentativité de la branche sur le site, Caractère innovant an de Potentiel de croissance sinn zum Beispill net ausgefëllt, weder insuffisant nach suffisant. Déi sinn einfach opstoe gelooss ginn. Ech wollt nofroen, firwat.

Also ech fannen et gutt, esou eng Grille ze hunn an déi Transparenz vun deene Kritären och elo ze hunn, mä wa se net all ausgefëllt sinn, da si se net komplett. Dat heescht, dann ass et Appreciatiounssaach, wat déi aner Saachen ugeet. An dat ass an deem Sënn net ideal.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci fir déi Bemierkung. Ech wäert déi weiderginn. Da kéinte mer zum Vott kommen, w.e.gl.

*Le conseil communal décide avec 13 voix oui et 5 abstentions d'approuver les contrats de bail et les avenants relatifs au 1535° Creative Hub.*

Dat nächst ass eng Konventioun mam SICONA. Vu datt mer de President vum SICONA Sud-Ouest hei sëtzen hunn, géife mer deem d'Wuert ginn. Här Liesch, w.e.gl.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à des contrats de bail. Esch 2022 ne restera à Differdange que le temps d'emménager à Belval. En tout cas, le collège échevinal est content de les recevoir.*
*Roberto Traversini passe à un avenant.*
*Il explique que le collège échevinal est en train de créer une commission économique. Elle devrait être lancée avant les grandes vacances.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *explique que les socialistes ne sont ni contre les créateurs ni contre les entreprises s'installant dans le 1535°. Mais ils campent sur leur position.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *sait bien que la décision de M. Muller n'est pas contre les entreprises créatives, mais contre les hommes politiques.*
*(Rires)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que le comité de sélection remet un rapport au conseil communal sous la forme d'une grille. Certaines lignes sont remplies et d'autres non. La représentativité de la branche sur le site, le caractère innovant et le potentiel de croissance par exemple ne sont pas notés. Disposer d'une grille de critères est une bonne chose, mais si elle n'est pas remplie complètement, la situation n'est pas idéale.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *communiquera cette remarque.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à une convention avec SICONA et cède la parole à son président.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que dans la rue de l'Eau, où se trouve déjà un verger avec dix arbres, neuf arbres supplémentaires seront plantés.*
*Il rappelle que lors de la dernière séance du conseil communal, il a lancé un appel aux propriétaires de prairies et de terrains situés hors du périmètre de construction pour qu'ils contactent la commune ou SICONA afin de réaliser un projet comme celui-ci.*
*Pour le propriétaire, il n'y a pas de frais. SICONA entretient les arbres pendant neuf ans. Ce type de projets est important pour l'environnement. Georges Liesch se réjouit du fait qu'un particulier ait accepté de planter des arbres dans la rue de l'Eau.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *demande ce que l'on peut faire du terrain pendant ces neuf ans.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que la seule contrainte est l'interdiction d'utiliser des pesticides sur le terrain. Il n'est pas non plus permis de toucher aux arbres. Mais le propriétaire peut avoir une ruche ou une chèvre sur son terrain, ou y organiser des activités.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *constate que d'après le dossier, la commune est tenue de s'occuper des arbres et du dispositif de protection du pâturage. SICONA n'y est pas mentionné. Qu'en est-il?*
*Gary Diderich rappelle que SICONA a aussi planté des arbres le long de la piste cyclable. Mais ils ont été négligés longtemps et certains n'ont malheureusement pas survécu. La commune vérifie-t-elle que l'entretien est réalisé correctement?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *explique que le contrat est signé entre le propriétaire et la commune. La commune étant membre de SICONA, elle charge le syndicat de ces travaux. La formulation du contrat est donc correcte.*
*Pour ce qui est de la deuxième question, les gens de SICONA sont souvent à Differdange et collaborent avec le service écologique. Mais comme dans toutes les entreprises, il peut y avoir des pro-*

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech sinn och als Ëmweltschäffen heimadder befaasst. An der rue de l'Eau, wou schonn e Bongert ass mat zéng Beem ginn nach weider néng Héichstämmbeem geplanzt. Dat ass dat, wou ech schonn d'leschte Kéier am Gemengerot den Opruff gemaach hunn: Déi Leit, déi Terrainen ausserhalb vum Bauperimeter hunn, Wisen oder Terrainen, déi brooch leien, kënne sech gäre bei eis mellen oder direkt beim SICONA oder och bei eis op der Gemeng, fir e Projet wéi dat heiten ze maachen.

De Proprietär kascht dat dote guer näischt. Dat heescht, déi ganz Beem gi vum SICONA geplanzt a wärend néng Joer ënnerhalen. Si ginn och vun hinne geschnidden. De Proprietär kascht et näischt. Der Ëmwelt bréngt et awer ganz vill. Ech géif mengen, dass dat heiten eng ganz gutt Saach ass, dass mer hei e Privaten hunn, dee mat op de Wee gaangen ass, fir an der rue de l'Eau déi Beem ze planzen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Här Goffinet, ganz gären.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Just eng Fro: Däerf néng Joer soss näischt op deem Terrain gemaach ginn? Wann d'SICONA dat elo gemaach huet?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Um Terrain kann ee schonn nach Saache maachen. Dat eenzegt, wat am Kontrakt steet, ass, dass keng Pestiziden däerfen op deem Terrain benotzt ginn, an d'Beem an de Weidenschutz mussen natierlech erhale bleiwen. Dat heescht, déi däerfen net zerstéiert ginn. Mä wann elo een, ech soen emol, Beien nach drop setzt oder Schof dohinner setzt oder soss eng Aktivitéit mécht, d'Wiss hëlt, fir Hee ze maachen oder soss eppes, also dat ass alles kee Problem.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Am Dossier steet: „Die Gemeinde verpflichtet sich, den Unterhalt der gepflanzten Bäume und der dazugehörenden Weideschutzvorrichtungen sicherzustellen". Do hunn ech elo am Dossier näischt gelies vum Engagement mat der SICONA, dass si dat maachen. Do wollt ech nofroen, wéi dat da gehandhaabt gëtt.

An ech hat jo eng Kéier d'Fro gestallt, wou och vum SICONA eppes ugeplanzt ginn ass, laanscht de Vëloswee, wat laang negligéiert ginn ass an eréischt duerno den Ënnerhalt ugefaange ginn ass, assuréiert ze ginn. Well do einfach alles wuesse gelooss ginn ass an e puer Beem leider net iwwerlieft hunn. Do wollt ech nofroen, wéi dat gekläert ass, dass dat geschitt. An ob eis Leit och zum Deel nokucken, ob dat dann och geschitt. A wann net, dann eben intervenéieren. Well an deem Fall, deen ech no vir bruecht hat, do war dat, in der Tat, e puer Joer eben net geschitt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Diderich. Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Fir op déi éischt Fro ze äntwerten, de Kontrakt gëtt jo gemaach tëschent dem Proprietär an der Gemeng. Dat ass scho richteg, wat hei steet. D'Gemeng ass awer Member am SICONA a gëtt déi doten Aarbechte weider un de SICONA. Dat heescht, kontraktuell ass et scho korrekt, well mir de Kontrakt mam Proprietär maachen. An de SICONA gëtt da vun eis chargéiert, fir déi doten Aarbechten ze maachen.

Fir op déi zweet Fro ze äntwerten, déi Leit vum SICONA, déi responsabel sinn, zum Beispill fir de Bann Déifferdeng, déi si reegelméisseg hei, mat eisem Service écologique. Si ginn och

Projete kucken. Jo, do ginn och Saache schif, dat ass kloer. Wéi an all Betrib.

An ech mengen awer, dass eise Responsabele vum Service écologique do ëmmer mam Fanger op déi Plaze weist, wann eppes schifgeet oder eppes negligéiert gëtt, dass dat richteg gemaach gëtt. Wann Der esou Saache gesitt, mellt eis se. Da gi mer deene Saachen no, an da gi se redresséiert.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt eng Fro un den Här Liesch. Deen Terrain geet jo un en uleiend Haus, wat do steet a Gäert déi do sinn. Gëtt dat raimlech getrennt mat engem Drot? Gëtt dat zougemaach oder gëtt dat einfach op gelooss?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Dat ass zou. An dat bleift och zou.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Okay.

Schäffe Georges Liesch (déi gréng):

Do ass e Weidenzaun virgesinn. Dat bleift zou.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Tempels, w.e.gl.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, dës Plaz bitt sech un, fir e puer Beem ze planzen. Eigentlech eng gutt Saach. Ech vermëssen am Devis, wat dat Ganzt kascht. An eng Suggestioun hätt ech fir mat op de Wee: Op ville Plaze gëtt deen néidege Suivi vun all deene Beem net gemaach. Schneiden an esou weider vermëssen ech op ville Plazen. Net eleng déi SICONAs-Beem, mä och Kompensatiounsbeem, wou spéiderhin net méi gekuckt gëtt. Déi ginn eng Kéier geplanzt, an duerno geschitt weider net méi vill. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Liesch, w.e.gl.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech kann dem Här Tempels nëmme recht ginn. Also ech hoffen, dass d'Beem, déi de SICONA planzt, och well ech do President sinn, déi fachgerecht, also fachgerecht sécher planzt. Mir hu ganz gutt Leit do schaffen.

Mat der Konventioun hutt Der ganz recht. Do ass e vide juridique. Dat heescht Leit gi verflicht, Kompensatiounen ze maachen, an domadder gëtt ee Bam geplanzt an dann ass et eigentlech fäerdeg. Do mengen ech sinn awer elo ganz vill Ännerungen um Wee, fir dass dat net méi esou ka weidergoen. E Bam planze geet net duer, dat wësst Dir sou gutt wéi ech. An och jiddwereen. Et muss een no engem Bam kucken. Zumindest déi éischt zéng Joer. A wann dat net gemaach gëtt, dann ass et eigentlech zimlech eng Lotterie, ob en et packt oder net. Do hutt Der ganz recht, do muss gehandelt ginn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir hunn net fir näischt virun e puer Méint e Bamexpert agestallt. Iwwert de Wanter hunn déi kleng Nummeren ëmgehaange kritt. Dat heescht, déi sämtlech Beem ginn an de Computer agedroen. An dat doten ass och eng Aufgab vun eisem Bamexpert, fir d'Suivien ze maachen. Well mer genau dat constatéiert hunn. Deen Här huet am Moment vill Aarbecht.

En Opruff: Wann Der Leit kennt, déi en Terrain hunn, d'SICONA sicht nach ëmmer Plazen, fir entweder kleng Dëmpelen ze maachen, Weieren oder fir héichstämmeg Uebstbeem ze setzen. Si

*blèmes. Quand quelque chose se passe mal, le responsable du service écologique intervient systématiquement. Si M. Diderich connait de tels cas, il doit les signaler au collège échevinal.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *signale que le terrain jouxte une maison et des jardins. Une séparation va-t-elle être installée?*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *répond que le terrain restera fermé. Une clôture est prévue.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *constate que le site est parfait pour planter des arbres. Mais le devis ne mentionne pas les couts.*
*Il signale par ailleurs que le suivi des arbres n'est pas assuré partout. Il ne s'agit pas seulement des arbres de SICONA, mais aussi d'arbres plantés dans le cadre de mesures de compensation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *donne raison à M. Tempels. En tant que président de SICONA, il espère que le syndicat s'occupe de ses arbres de manière compétente.*
*Pour ce qui est des conventions, il existe un vide juridique. Dans le cadre des compensations, la seule contrainte est de planter des arbres. Mais des changements sont prévus, car planter un arbre ne suffit pas. Il faut s'en occuper au moins pendant dix ans. Autrement, sa survie n'est qu'une question de chance.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le collège échevinal a recruté un expert en arbres récemment. En hiver, les arbres ont été numérotés. L'expert en arbres en assure le suivi.*
*Roberto Traversini lance un appel: SICONA recherche des terrains pour aménager de petites mares et des étangs, ou planter des arbres fruitiers. Le propriétaire ne s'engage qu'à fournir le terrain pendant neuf à vingt ans.*
*(Vote)*

# NEUE CHANCEN FÜR MENSCH UND NATUR



**Roberto Traversini**

Député-maire
+352 58 77 1-1211
roberto.traversini@differdange.lu

**Ressorts**
Ressources humaines
Finances communales
Sport et associations sportives
Intégration
Communication
Logement et AIS Kordall
Sapeurs-pompiers
Commerce et industrie
1535° Creative Hub
Capitale européenne de la culture 2022

Als Bürgermeister der Stadt Differdingen begleitete ich die Kandidatur der insgesamt elf Pro-Sud-Gemeinden für das renommierte UNESCO-Programm „Der Mensch und die Biosphäre" (MAB) von Beginn an mit großer Begeisterung. Dieses Label ist meines Erachtens ein äußerst bedeutendes Instrument zur beispielhaften Lösung der Zukunftsaufgaben in unserer Gemeinde sowie in der gesamten Minette-Region. Nach der Eisenerzvergangenheit ist unsere Südregion heute für ihre einzigartige Flora und Fauna bekannt – kurzum ein beliebtes Ausflugsziel und Naherholungsraum für unsere Einwohner*innen und auch für Tourist*innen.

Gemeinsam ein UNESCO-Biosphärenreservat in der Minette-Region aufzubauen ist das erklärte Ziel der Kandidatur. Dabei ist dieses Reservat viel mehr als nur ein Schutzgebiet – es soll eine Modellregion für eine nachhaltige Entwicklung in Sachen Landwirtschaft, Wirtschaft und Tourismus werden. Das Label bringt den Stellenwert und eine größere Wertschätzung unserer Südregion zum Ausdruck. Es liegt so mehr im Blickfeld der Bürger*innen sowie der Politik und kann dadurch besser unterstützt und gefördert werden. Der internationale Status könnte unserer Region zudem neues Leben einhauchen, neue Arbeitsplätze (z. B. in der Gastronomie) schaffen und regionale Erzeugnisse stärker in den Fokus rücken.

Ich bin davon überzeugt und setze mich auch zukünftig dafür ein, dass unsere Minette-Region mit all ihren Naturschätzen dank des UNESCO-Labels (Entscheidung der Jury: Frühjahr 2020) eine erfolgreiche Entwicklung nimmt und bei unseren Bürger*innen vielleicht zu einem neuen Wir-Gefühl führt. Nur so können wir – gemeinsam mit allen Akteuren und Partnern – die neuen Herausforderungen der Zukunft angehen.

# EINE SAUBERE STADT GEHT UNS ALLE AN




**Tom Ulveling**

1er échevin
+35258 77 1-1215
tom.ulveling@differdange.lu


<u>Ressorts</u>
Bâtiments publics
CID
Affaires culturelles et associations culturelles
Festivités
Aires de jeux
Capitale européenne de la culture 2022

Es ist nicht das erste Mal, dass wir, als Verantwortliche der Stadt Differdingen, uns für eine saubere Stadt einsetzen. Leider ist es nach wie vor mehr als nötig, vor allem im Hinblick auf die Unmengen an Zigarettenstummeln, die sich im Zentrum häufen: auf der Straße, in Blumenbeeten, vor Sporthallen und Gebäuden, insbesondere den städtischen Cafés.

Deshalb appellieren wir 2019 erneut – und mit Nachdruck – an alle Raucherinnen und Raucher, dem ein Ende zu bereiten und ihre erloschenen Zigaretten in die dafür vorgesehenen Abfallbehälter zu werfen, welche sogar über eine kleine Metallplatte verfügen, die zum Ausdrücken der Zigarette dient. Wenn diese kleine Geste für alle Mitbürgerinnen und Mitbürger selbstverständlich wird, erzielt sie eine enorme Wirkung.

Es geht dabei um die Lebensqualität aller, denn in unserer Stadt möchten wir uns wohlfühlen. Außerdem stellen Ziaretten, vor allem die weggeschmissenen Filter, eine erhebliche Umweltvergiftung dar, und auch das geht uns alle etwas an.

**Was unternimmt die Gemeinde konkret?**

- Wir rufen alle Lokalbesitzer auf, Aschenbecher aufzustellen und die Gäste darauf hinzuweisen, dass diese zu benutzen sind bzw. diese Art des Littering eine Geldstrafe von 49 Euro nach sich zieht.
- Unsere Gemeindebeamten werden verstärkt kontrollieren und verwarnen.
- Wir behalten uns das Recht vor, den Cafébesitzern die Säuberung des öffentlichen Gehwegs vor ihrem Lokal durch unsere Gemeindedienste in Rechnung zu stellen.
- Wir behalten uns ferner das Recht vor, dem Lokal die Bewirtschaftung einer Terrasse zu verwehren.

Außerdem wird die Gemeinde mit entsprechenden Plakaten versuchen, die Menschen auf ihr Verhalten aufmerksam zu machen. Auch die Differdinger Schulkinder werden Aktionsschilder anfertigen, um die Raucherinnen und Raucher für ihr Verhalten zu sensibilisieren.

# DIFFERDINGEN, EINE SMART-CITY?



**Georges Liesch**

Échevin
+352 58 77 1-1221
georges.liesch@differdange.lu

__Ressorts__
Environnement
Urbanisme et développement urbain
Circulation
Énergie
Agents municipaux
Informatique

Wohl eher noch nicht. Aber wir arbeiten daran, denn die moderne Stadt von morgen wird sich genau daran messen lassen. Dabei steht die Lebensqualität an erster Stelle.

Kernziele einer smarten Stadt sind unter anderem:

**Effizienz der Dienstleistungen –** zur Optimierung der Nutzung öffentlicher Ressourcen und zur Bereitstellung eines hohen Niveaus an Bürgerdienstleistungen.

**Nachhaltigkeit** – Wachstum und Entwicklung einer Stadt unter Berücksichtigung der Umweltauswirkungen.

**Mobilität –** um es Bürgern, Arbeitern und Besuchern zu erleichtern, sich in einer Stadt zu bewegen, sei es zu Fuß, mit dem Fahrrad, dem Auto oder den öffentlichen Verkehrsmitteln.

**Sicherheit & Schutz –** zur Verbesserung der öffentlichen Sicherheit im Alltag und bei besonderen Anlässen sowie zur bestmöglichen Vorbereitung auf Notfälle und Katastrophen.

Um all dies zu ermöglichen, müssen wir heute schon ein Netzwerk und eine moderne IT-Infrastruktur schaffen. Sensoren werden in naher Zukunft den urbanen Raum erfassen und ihre Daten über dieses Netzwerk an Datenspeicher weiterleiten. Klar ist, dass die Datensicherheit und die Absicherung gegen Fremdzugriffe zeitgleich aufgebaut und gewährleistet werden müssen.

Beispiele wie die sensorgesteuerte Bewässerung von Bäumen, das Anzeigen von freien Parkplätzen im Zentrum oder eine intelligente Beleuchtung werden derzeit geplant. Andere wie die Bereitstellung von Anträgen auf unserer Internetseite sind schon fast ganz umgesetzt.

Vor einigen Jahren haben wir bereits die Entscheidung getroffen, unsere Informatikabteilung personell aufzustocken, um auf alle Bedürfnisse der Administration reagieren zu können. Diese Entscheidung hat sich bisher als richtig erwiesen.

# DIFFERDANGE SOUTIENT SES JEUNES



**Laura Pregno**

Échevine
+352 58 77 1-1213

<u>Ressorts</u>
Affaires scolaires et structures d'accueil
Jeunesse
Égalité des chances

En tant qu'enseignante, les questions liées aux jeunes m'ont toujours tenu à cœur. C'est donc avec beaucoup de fierté, mais aussi avec un grand sentiment de responsabilité que j'ai accepté de m'occuper, il y a deux ans, du ressort de la jeunesse au sein du collège échevinal.

J'ai vite constaté qu'un point me révoltait particulièrement. Idéalement, dans notre société, chaque jeune devrait avoir les mêmes chances de réussite. Malheureusement, nous sommes encore loin de cet objectif.

La plupart du temps, les problèmes majeurs rencontrés par les jeunes en difficulté tournent autour de deux domaines : le logement et l'emploi. Les deux sont d'ailleurs intimement liés puisqu'il est impossible de trouver un emploi sans disposer d'une adresse, mais qu'il est également impossible de louer un appartement si on ne travaille pas. L'absence de logement renforce par ailleurs l'isolement dans lequel le jeune en difficulté peut se trouver. Car comment par exemple inviter des amis à la maison si on n'a pas un chez-soi ? Tout ceci fait que beaucoup de jeunes désœuvrés passent leurs journées dans la rue.

Dernièrement, la Ville de Differdange a pris de nombreuses mesures. Je pense par exemple à l'ouverture d'une grande maison des jeunes au Fousbann l'année dernière et à la construction de logements pour jeunes en difficulté sur le plateau du Funiculaire. Mais c'est sur un autre point que j'aimerais insister : l'éducation de rue.

Differdange dispose depuis trois ans d'une éducatrice de rue, Tamara Jung, arpentant tous les jours les rues de la ville et entrant en contact avec les jeunes. À l'origine de cette initiative figurait un projet européen, « Outreach Youth Work ». Mais entretemps, Tamara travaille à plein temps pour l'ASBL Jugendtreff Déifferdeng et fait partie de l'équipe des maisons de jeunes de la ville. La particularité du projet, qui s'adresse aux jeunes n'allant plus à l'école et ne travaillant pas, réside dans le fait que l'éducatrice part à la rencontre des jeunes. Elle les aborde dans leur milieu, la rue, les écoute et, s'ils le souhaitent, met en place avec eux un parcours sur mesure pour leur offrir une perspective d'avenir. L'aide peut prendre plusieurs formes : intégrer une formation, trouver un logement ou un travail, résoudre des problèmes familiaux, rédiger un CV… Le tout se fait bien entendu dans la plus grande liberté. Le jeune décide lui-même s'il veut ou pas accepter l'aide proposée.

À un moment où il est beaucoup question d'insécurité et où les jeunes sont souvent stigmatisés dans ce contexte, je trouve essentiel de ne pas se limiter à des mesures répressives, mais d'apporter un soutien concret à ceux qui en ont besoin. La Ville de Differdange s'engage à multiplier les mesures allant dans ce sens.

# FAIRE DE DIFFERDANGE UNE VILLE SURE



**Robert Mangen**

Échevin
+352 58 77 1-1212
robert.mangen@differdange.lu

**Ressorts**
Affaires sociales
Sécurité publique
Tourisme
Séniors
Santé publique
Cultes
Capitale européenne de la culture 2022
Président du Comité de prévention

Pour une administration communale, aborder la question de l'insécurité et résoudre les problèmes qui y sont liés n'est jamais facile. En effet, il s'agit d'un sujet fortement subjectif. Un habitant peut parfaitement se sentir à l'aise dans un quartier ou une ville réputée peu sure alors qu'un autre éprouve peut-être de la peur alors même qu'il vit dans un endroit peu touché par la criminalité. Certains n'hésitent pas à promener leurs chiens tard le soir dans le parc ; d'autres se montrent méfiants dès qu'ils voient plusieurs jeunes discuter entre eux dans la rue.

Pourtant, l'insécurité, qu'elle soit réelle ou seulement ressentie, est à prendre au sérieux parce qu'elle entraine immanquablement une baisse de la qualité de vie des habitants. C'est pourquoi ce collège échevinal a décidé de prendre des mesures pour la combattre.

La première a été d'organiser une réunion d'information et de discussion publique il y a quelques mois. Celle-ci a permis au collège échevinal d'écouter et de comprendre les doléances des habitants, de délimiter les zones posant le plus de problèmes et de proposer des solutions concrètes, qui vont voir le jour au cours des prochains mois.

La première concerne l'éclairage des zones considérées comme « problématiques ». De nombreuses personnes se sont plaintes en effet du fait que le parc Gerlache et le parc Edmond-Dune étaient particulièrement sombres le soir. En tant qu'échevin à la sécurité publique, j'ai donc pris la décision de faire installer prochainement un éclairage approprié dans ces deux parcs. J'envisage également de faire aménager des réverbères dans la partie du parc de la Chiers la moins bien éclairée, et ce, dans le respect des maisons avoisinantes.

La deuxième mesure consiste à installer des caméras de surveillance dans le centre-ville, et plus précisément dans la zone autour du parc Gerlache. Cette mesure de prévention de la criminalité se fera bien entendu dans le plus grand respect de la vie privée. Les enregistrements seront conservés dans un coffre et effacés au bout de quelques semaines.

Enfin, nous allons collaborer avec une entreprise de sécurité et instaurer un système de gardiennage sur le parking du Centre-ville. Un gardien surveillera régulièrement le site et accompagnera les visiteurs du parking au centre de Differdange le soir. Il s'assurera aussi que l'ascenseur du parking, que nous allons réparer, ne sera plus vandalisé.

Il est clair que ces mesures ne peuvent pas suffire à elles seules et qu'il nous faudra aussi aborder les problèmes sociaux en amont. Cependant, je suis convaincu qu'elles sont nécessaires pour assurer la sécurité de nos habitants. À terme, nous dresserons un bilan de leur efficacité et nous les développerons le cas échéant.

maache bal alles. Et muss ee just den Terrain zur Verfügung stellen. A sech tëschent néng an 20 Joer engagéieren, dat net ewechzemaachen.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention pour la plantation et l'entretien d'arbres fruitiers par le Sicona Sud-Ouest au lieudit « Rue de l'Eau » à Oberkorn.*

Deen nächste Punkt, e ganz flotte Projet, dee virun zwee, dräi Joer esou ficeléiert ginn ass. Um Plateau funiculaire Arboria, wéi mer dat nennen, war eng Crèche virgesinn. Dat war schonn um éischte PAP virgesinn, datt do eng Inklusiounscrèche sollt hikommen. A viru gutt zwee Joer hate mer och festgehalen, datt mer dat ganzt Gebai géife kafen, fir Wunnengen draus ze maachen.

Wat elo genau geschitt, dorëms dréit dës Konventioun. D'Konventioun mat der APEMH wäert an den nächste Méint kommen. D'APEMH wäert herno déi sinn, déi de Foyer du Jour bedreiwe wäert. Här Mangen, Dir hutt d'Wuert fir eis dat ze erklären.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech stellen d'Konventioun vir, an d'Madamm Pregno wäert e puer Wuert iwwert déi Jugendlech, déi dohinner kommen, soen.

Wéi den Här Buergermeeschter gesot huet, ass um Plateau du Funiculaire d'Residence Sequoia gebaut gi fir 11 Milliounen Euro. Ënne kënnt d'Crèche Topolino dran. Um éischten, zweeten an drëtte Stack si 37 Wunnenge gebaut gi fir Jugendlecher a prekärer Situatioun. Dës si fir Jugendlecher tëschent 18 a 26 Joer virgesinn. Déi Wunnengen, dat gesitt Der an den Ënnerlagen, sinn ënnerschiddlecher Gréisst, vun 20 Quadratmeter bis 120 Quadratmeter. Fir een, zwee Jugendlecher. Och Persoune mat Mobilité réduite kënnen do ënnerbruecht ginn.

D'Präisser si sozial: 10 Euro de Quadratmeter plus d'Chargen. Wat en Endpräis mécht tëschent 335 a 790 Euro de Mount.

D'Gemeng ass Bauhär fir d'ganzt Gebai. Mat der Gemeng gëtt d'Locatioun gemaach. Déi, déi do erakommen, ënnerschreiwe mat der Gemeng d'Locatioun. D'Gestioun vum Gebai gëtt awer vum Roude Kräiz iwwerholl. Dat heescht, d'Rout Kräiz zitt monatlech d'Suen a fir d'Gemeng. Déi iwwerweist ons dat, d'Chargen och. D'Ënnerhale vum Gebai gëtt och vum Roude Kräiz gemaach. Dat gesitt Der och am Budget, deen opgestallt ass, an och deen éischte Budget, dee virläit. De Budget gëtt all Joer nei betruecht an ons virgeluecht.

Dat ass den administrativen Deel, deen d'Rout Kräiz mécht. Si betreit awer och déi Jugendlech, déi an deene 37 Wunnenge sinn. Këmmert sech ëm se, datt se korrekt wunnen an d'Gebailechkeete richteg ënnerhalen. Datt se eng Plaz fannen um Aarbechtsmarché, datt se do ënnerkommen, wou se weider betreit ginn.

Dee ganze Projet gëtt vun engem Comité de pilotage begleet, wou verschidde Leit dra vertruede sinn. Ënner anerem zwou Persoune vun der Gemeng, dräi Representante vum Roude Kräiz, ee vun der Maison des jeunes vun Déifferdeng an ee Responsabele vum Office social. Déi suivéieren de soziale Projet a kucken, wéi déi Jugendlech do ënnerbruecht sinn, wéi sech dat weiderentwéckelt.

D'Konventioun fänkt den 1. September un an ass fir dräi Joer virgesinn. Mat zweemol enger Verlängerung vun dräi Joer. Wann dat alles richteg leeft, kann et all Joer verlängert ginn.

De But vun dësem Projet ass – an ech huelen un, datt d'Madamm Pregno och e bëssen drop ageet –, fir de Jugendlechen eng Perspektiv ze ginn. Wann d'Jugendlech keng Adress hunn, hu se kee Recht op eng Aarbecht. Heimat gi mer hinnen d'Perspektiv, datt se sech kënnen umellen, woumat se dann och e Recht op déi sozial Leeschtungen hunn, déi se normalerweis zegutt hätten. An, datt se betreit ginn.

*Roberto Traversini passe à un projet ficelé il y a deux ou trois ans. Le premier PAP du plateau du Funiculaire prévoyait déjà une crèche inclusive.*
*Il y a deux ans, le collège échevinal a décidé d'acquérir le bâtiment pour y aménager des appartements. Une convention avec l'APEMH, qui exploitera le foyer de jour, sera signée au cours des prochains mois.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *va présenter la convention tandis que M^me^ - Pregno parlera des jeunes.*
*La résidence Sequoia a été construite sur le plateau du Funiculaire pour 11 millions d'euros. Elle accueillera la crèche Topolino. Trente-sept appartements sont prévus au deuxième et troisième étage pour les jeunes en situation précaire. Les appartements ont différents volumes: de 20 à 120 m$^2$.*
*Les prix sont sociaux: 10 € par m$^2$ plus les charges pour un prix total de 335 € à 790 € par mois.*
*La commune est maitre d'ouvrage pour tout le bâtiment. Les futurs locataires verseront leurs loyers à la commune. La gestion et l'entretien de l'immeuble seront assurés par la Croix-Rouge. Cela figure dans le budget, qui sera mis à jour tous les ans.*
*La Croix-Rouge encadre aussi les jeunes dans les 37 appartements et les aide à trouver du travail.*
*Le projet est accompagné par un comité de pilotage comprenant deux représentants de la commune, trois représentants de la Croix-Rouge, un représentant de la maison des jeunes et un responsable de l'office social.*
*La convention prendra effet le 1er septembre et portera sur trois ans. Ensuite, elle sera renouvelée régulièrement si tout se passe bien.*
*L'objectif du projet est d'offrir une perspective aux jeunes. Car sans adresse, ils ne peuvent pas être embauchés ou profiter des mesures sociales.*

*Il s'agit d'un projet social. Les loyers permettront de le financer plus ou moins. Pour la commune, il ne s'agit pas de gagner de l'argent, mais d'entretenir les locaux. Si nécessaire, la commune devra peut-être contribuer financièrement au projet.*
*Robert Mangen demande aux conseillers communaux d'approuver le projet.*

**LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)** *constate que M. Mangen a presque tout dit. Cela démontre la belle collaboration entre le domaine social et le domaine de la jeunesse.*
*Le problème des jeunes est double: le logement et le travail. Ce projet apporte une réponse au premier.*
*Laura Pregno précise que l'appartement le plus grand fait soixante mètres carrés. Il peut accueillir un couple ou une famille monoparentale, car il y a beaucoup de jeunes dans cette situation.*
*Laura Pregno souligne que les jeunes visés sont en situation précaire et proviennent de milieux sociaux défavorisés. Majoritairement, ils sont originaires de Differdange. La représentante de la maison des jeunes au sein du comité de pilotage travaille beaucoup sur le terrain pour aider les jeunes à retrouver une vie «normale».*
*De ce projet, Laura Pregno apprécie tout particulièrement le volet de l'inclusion grâce à la crèche de l'APEMH. Le bâtiment reflètera la mixité du plateau du Funiculaire, mais aussi de Differdange. Ce projet ouvre la voie à d'autres projets du même type.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a bien étudié le dossier, mais il ne reste plus grand-chose à dire.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch remercie M. Mangen et Mme Pregno pour leurs explications détaillées. Comme l'a dit M. Mangen, il s'agit de donner une perspective aux jeunes.*
*La conseillère communale souligne le fait que ce projet est inclusif. La Croix-Rouge est un partenaire fiable et disposant de suffisamment d'expérience dans ce domaine.*
*Grâce au comité de pilotage, la commune conserve une certaine mainmise sur le projet. Elle pourra*

Et ass selbstverständlech e soziale Projet. Mir hu gemaach, datt de Projet sech eenegermoosse selwer dréit mat de Loyeren. Mir wëlle keng Sue verdéngen un deem Projet. Mir wëllen, datt eben d'Wunneng an d'Ënnerhale vun de Gebailechkeeten, datt dat sech dréit. Dat geet ons duer.

Wann et vläicht finanziell net géif opgoen, dat muss een awer am Hannerkapp halen, well et e soziale Projet ass, da misste mer als Gemeng e bësse bäidroen. Ech perséinlech hu sécherlech keng Bedenken, fir dat ze maachen. An ech huelen un, datt de Gemengerot dat och géif matdroen.

De primäre But ass, datt et sech finanziell dréit. Et géif mech freeën, ons an och d'Rout Kräiz, wann Der Iech fir dëse Projet entscheede géift. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Madamm Pregno, w.e.gl. Et ass bal alles gesot. Ech si gespaant.

**SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):**

Et ass bal alles gesot. Merci, Här Mangen. Dat weist drop hin, wéi eng flott Kollaboratioun tëschent Sozial a Jugend hei stattfënnt. Well dee Projet achséiert déi zwee. Den Här Mangen huet et gesot, mir hunn zwee grouss Problemer bei deene Jonken: wunnen a schaffen. Heimat hëllefe mer um Wunnengsmarché, sou wäit mer kommen.

Wat ech vläicht ka präziséieren, et geet just bis 60 Quadratmeter. Dat ass awer méi kleng. 120 Quadratmeter ass jo scho richteg grouss. Dat virun allem, dass een och kann eng Koppel dra logéiere respektiv eng Famille monoparentale. Well där Jonker hu mer och a Situatiounen, dass se schonn e Kand hunn. An déi Situatioun ass nach vill méi schwiereg ewéi anerer.

Déi Jugendlech, déi cibléiert sinn, si ganz kloer déi a schwierege Situatiounen. An oft aus sozial schwaache Milieuen. A ganz kloer och vill Jonker vun Déifferdeng. Grad wéi mer et bei der EIDE, der Kollaboratioun mat virgesinn, gesi mer et och hei vir. Et sinn zwar net nëmme Jonker vun Déifferdeng, awer gréisstendeels Jonker vun Déifferdeng, déi do kënnen ënnerbruecht ginn.

Doduerch, dass mir selwer an deem Comité de pilotage vertruede sinn als Gemeng, als Staat, kënne mer dat garantéieren a suivéieren. Déi Persoun aus dem Jugendhaus an dem Comité de pilotage, ass eng Persoun, déi vill dobausse schafft, fir Jonker esou aktiv ze logéieren an hinnen ze hëllefen, e klengt Sprangbriet zréck a wat mir „normaalt" Liewen nennen ze ginn.

Wat ganz flott ass um Projet – dorop komme mer wahrscheinlech an engem nächste Gemengerot zréck – dat ass d'Inklusioun. Iwwerhaapt déi Zesummenaarbecht, déi op deem Plateau stattfënnt, wéi den Här Buergermeeschter scho sot, mat der Crèche vun der APEMH. Wou mer an der Konventioun am Gaange sinn, drun ze schaffen.

Do gëtt an engem Gebai eng relativ grouss Mixitéit vu Leit garantéiert, déi e bëssen dat Bild vum Plateau am grousse Ganzen an awer och dat Bild vun Déifferdeng erëmspigelt. Ech denken, dass dat do en Ufank ass, fir ganz flott nei Projeten an nei Weeër hei zu Déifferdeng anzeschloen. Villmools Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Pregno. D'Madamm Christiane Rausch-Brassel, w.e.gl.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, ech hu mech gutt virbereet. Et bleift net méi ganz vill ze soen.

Ech wëll dem Här Mangen an der Madamm Pregno villmools Merci soe fir déi ausféierlech Duerstellung. Ech kéint am Fong just widderhuelen, wat si gesot hunn. Dat eenzegt, wat ech schéi fonnt hunn, wéi den Här Mangen gesot huet: eng Perspektiv ginn.

Wichteg ass ze probéieren anzebannen, Inklusioun, an net auszestoussen. Ech

hoffen, dass eis dat mat deem Projet geléngt. An ech denken, dass mat der Croix Rouge en zouverlässege Partner fonnt ginn ass, dee schonn Experienz an deem Domän huet an de Projet gutt betreie wäert.

Zum Schluss kann ech soen, dass duerch de Comité de pilotage d'Gemeng eng gewësse Mainmise op dem Projet behält, de Suivi ka maachen an an d'Decisiounen agebonnen ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech weess elo net, waren et 39 oder 37?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

37.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Dann hat ech mech verrechent. 37 Wunnenge fir Jugendlecher tëschent 18 a 26 Joer. Mat der néideger Betreiung. Déi Iddi war schonn am leschte Schäfferot ausgeschafft ginn, souwéi ech dat gemierkt hunn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz richteg.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Dat ass eng wonnerbar Saach, dass d'Croix Rouge et mécht. Als Member vun der Croix Rouge sinn ech natierlech frou, dass et d'Croix Rouge ass, déi dat Ganzt geréiert. Dee ganze Projet soll Jugendwunnen am Quartier Arboria heeschen.

Ech komme kuerz zu de Loyerspräisser. Et ass scho frappant, wann ee seet, e Loyerspräis ouni Chargen fir 10 Euro de Quadratmeter ass bëlleg. Ech hat d'leschte Kéier, mengen ech, e puer Leit eppes geschéckt, Wien huet zum Beispill am soziale Wunnengsbau 200.000 Wunnengen als Stad, déi se zu 5 Euro de Quadratmeter verlount.

Just fir ze soen, Wien ass elo net déi bëllegst Stad, mä do gesäit een, dass wann eng Stad, oder wéi mir elo als Stad, sech engagéiert am soziale Wunnengsbau an hei an do, dass dat eppes bréngt. Dass een de Leit fir bëlleg Alternativen eppes kann ubidden. Wat definitiv momentan jo eent vun deene risege Problemer hei ass. An net eleng zu Déifferdeng.

Et ass eng super Initiativ, déi awer trotzdeem e ganz battere Bäigeschmaach huet. Fir nach eng Kéier op de Wunnengsbau zréckzekommen. D'Michèle Gantenbein huet viru Kuerzem am Lëtzebuerger Wort en Artikel iwwer Jugendaarmut geschriwwen, wou mir op zweetleschter Plaz an Europa leien. Wou mir miserabel ofschneiden, wou mir just nach Rumänien hannendrun hunn. Wat ee muss soen, d'Jugendaarmut huet sech zu Lëtzebuerg an deene leschten zwielef Joer verduebelt. Dat heiten ass eng wonnerbar Initiativ, fir deem entgéintzewierken.

Ech kann nëmme stolz sinn, dass dës Gemeng dat mécht. Als President vum Office social an als Conseiller sinn ech wierklech ganz houfreg, dass deen dote Projet duerchgezu gëtt. Ech hoffen natierlech, och wann ee mat sozialem Wunnengsbau net onbedéngt Stëmme gewënnt, dass mer an déi Richtung ginn. An dass mer definitiv nach weider gréisser Projeten als Gemeng maachen, fir deene Leit eng kleng Perspektiv ze ginn, déi d'Méiglechkeet net hunn, fir sech esou eppes ze leeschten. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Goffinet. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, betreit Wunne fir Jonker ass eng vu ville Forme vun der Wunnengshëllef a méi. Well hei eng glo-

*en assurer le suivi et participer aux décisions.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *ne sait plus s'il y aura 39 ou 37 logements.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond qu'il s'agit de 37.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *avait mal fait le calcul. Les logements sont destinés à des jeunes de 18 à 26 ans. L'idée a été développée par le dernier collège échevinal.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *en convient.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *se réjouit du fait que la Croix-Rouge gère le projet, qui s'appelle «Jugendwunnen am Quartier Arboria».*
*Pour ce qui est du loyer, Serge Goffinet s'étonne que dix euros le mètre carré sans charges soient considérés comme un prix faible. Vienne, par exemple, compte 200 000 appartements à cinq euros le mètre carré. Pourtant, ce n'est pas la ville la moins chère. Mais cela démontre que lorsqu'une ville s'engage pour les logements sociaux, cela fonctionne.*
*Serge Goffinet rappelle que Michelle Gantenbein a rédigé récemment un article dans le «Luxemburger Wort» sur la pauvreté des jeunes. Le Luxembourg se trouve à l'avant-dernière place. Seule la Roumanie fait pire. Au cours des 12 dernières années, la pauvreté a doublé.*
*C'est pourquoi cette initiative est extraordinaire. En tant que président de l'office social, il en est fier. Même si les hommes politiques n'engrangent pas de voix avec les logements sociaux, Differdange doit continuer à réaliser de tels projets pour offrir une perspective aux gens.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que le logement pour les jeunes est une des nombreuses formes d'aide au logement. Ce projet constitue une prise en charge globale. Car si les jeunes ne trouvent pas de travail, il devient difficile pour eux de sortir de la spirale des aides sociales leur permettant de subvenir à leurs besoins.*

*Jerry Hartung est content que la Croix-Rouge s'occupe de l'encadrement.*
*Les jeunes avec des enfants et les jeunes à mobilité réduite sont aussi ciblés.*
*Les jeunes en situation précaire obtiennent une chance de construire leur avenir. Ils peuvent emménager dans un appartement à loyer réduit, une condition nécessaire à la recherche d'un travail. Les jeunes doivent devenir autonomes, par exemple en poursuivant leurs études. La Croix-Rouge appelle d'ailleurs ce projet «Perspectives».*
*Le prix se monte à dix euros le mètre carré. Pour la Croix-Rouge, il est important que les jeunes soient confrontés à une situation réelle et qu'ils prennent leurs responsabilités. Un appartement gratuit ne contribuerait pas à leur autonomie.*
*Jerry Hartung salue l'emplacement central. Car les jeunes n'ont souvent ni voiture ni permis de conduire. À Arboria, ils seront à proximité du bus et du train.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *constate que des appartements pour jeunes verront le jour à Arboria sur 1652 m². La Croix-Rouge en assurera la gérance en concertation avec le Jugendtreff et l'office social.*
*Les studios seront loués à des jeunes en situation précaire au prix de dix euros le mètre carré. L'État subventionne les logements à 75 %.*
*Les démocrates soutiennent ce projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *salue expressément ce projet. Il est temps que la commune construise des logements.*
*Dix euros par mètre carré constituent le montant maximal défini par la gestion locative sociale.*

bal Prise en charge stattfënnt. Dat Ganzt ass wichteg, well wann de Jonken net um Aarbechtsmaart Fouss faasst, bréngt dat sozial a finanziell Problemer op laang Siicht mat sech, mat kaum Aussiichten, aus der Spiral vun de sozialen Hëllefen erauszekommen, fir seng Grondbedürfnisser ze decken. Mir si frou, datt e Partner wéi d'Croix Rouge, mat hirer jorelaanger Erfarung a gefestegte Strukturen, wat un all Jonken ugepasst ass, d'Encadrement iwwerhëlt.

Bei dëse 37 Wunnenge si mer frou ze gesinn, datt och un déi Jonk mat Kanner geduecht gouf. Eppes, wat ëmmer méi virkënnt. Souwéi Jonker à mobilité réduite.

Déi Jonk, déi an enger sozial prekärer Situatioun sinn, kréien d'Chance, sech selwer eng Zukunft opzebauen. Dëse Projet ass net nëmmen eng Wunneng, déi dee Jonken zu engem staark reduzéierten Tarif ka bezéien. Doriwwer eraus ass d'Wunneng e wichtegen éischte Schrëtt, ier dee Jonken iwwerhaapt an d'Beruffsliewe kënnt. U sech en Anker.

Et gëtt mam Jonke geschafft, an hie gëtt esou encadréiert a fit gemaach, datt hien no dëser Zäit autonom soll kënne sinn. Dozou gehéiert ënner anerem, datt dee Jonke wärend dëser Zäit seng Schoule weidermécht oder, wéi schonns ugeschwat, sech soll am Beruffsliewen integréieren, fir him eng Perspektiv ze ginn. Wann ech dat richteg gesinn hunn, heescht de Projet bei der Croix Rouge souguer Perspektiv.

De Präis war ugeschwat ginn, 10 Euro de Metercarré. Dat ass scho staark reduzéiert. Am Konzept vun der Croix Rouge steet, datt et hinne wichteg ass, datt déi Jonk autonom ginn, datt se scho mat reelle Bedéngunge konfrontéiert sinn, fir esou selwer ze léieren, Verantwortung ze iwwerhuelen. An eng gratis Bereetstellung vun enger Wunneng géif dëser Selbstännegkeet géintiwwer stoen.

Wat flott ass, datt mer esou eng zentral Plaz hunn. Well déi Jonk hunn oft net déi finanziell Méiglechkeeten, fir en Auto oder e Führerschäin ze hunn. Dofir ass et gutt, datt se op dësem Site, quasi matzen am Zentrum vun Déifferdeng, no beim Zuch an de Busser sinn. Soudatt se och mobil sinn.

Merci. D'CSV ënnerstëtzt dëse Projet.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Hartung. Här Meisch, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, ech widderhuelen dann och nach eng Kéier e puer Saachen. No laange Joren entsti Jugendwunnengen am Quartier Arboria. Et entstinn eng ganz Partie Studioe mat am Ganzen 1.652 Quadratmeter. D'Croix Rouge mécht d'Gerance dovunner, och no Récksprooch mat Leit, ënner anerem vum Jugendtreff a vum Office social, fir de Suivi ze maachen.

D'Studioe gi verlount u Jugendlecher a prekärer Situatioun, zum Präis vun 10 Euro de Quadratmeter plus d'Chargen. De Staat huet d'Logementer zu dräi Véierel subventionéiert. Wat mer natierlech begréissen. Sou wéi à la base sti mer voll hannert dem Projet a stëmmen d'Konventioun mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Meisch. Den Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Vun déi Lénk aus begréisse mir explizit deen heite Projet. All Wunnraum, dee vun der Gemeng ugefaange gëtt, selwer ze bauen, ass méi wéi néideg an iwwerfälleg. Dat hei ass an deem Sënn e ganz positive Projet, dee mir op jidde Fall ënnerstëtzen.

Am Detail hunn ech e puer Froen. 10 Euro de Quadratmeter, muss ee wëssen, dass dat de Montant ass, deen an der Gestion locative sociale als Maximum festgeluecht ass. Den Här Mangen huet geschwat vu sozialem Präis. Een deen d'Press elo an de leschten Deeg verfol-

legt huet, dee weess, dass et esou eng Definitioun am Fong net gëtt.

Dat heescht bei soziale Mietwunnengen oder sozialem Wunnengsbau ass net kloer, ob dem Polizist seng Déngschtwunneng oder deem vun der Spuerkeess seng Wunneng och soziale Mietwunnengsbau ass. Well op jidde Fall ass se subventionéiert vum Staat. Sou wéi dat och bei dësem Projet de Fall ass oder bei engem Projet vum Fonds de Logement.

Beim Fonds de Logement ass de Loyer kloer festgeluecht an och bei der SNHBM, opgrond vum Revenu. Dat ass eppes anescht, eng aner Clé de calcul wéi déi, déi elo zum Beispill hei festgeluecht ass.

Den Här Mangen huet gesot, och wann een net sécher ass, ob et opgeet oder net, ass et jiddefalls derwäert. Mat där Ausso sinn ech ganz averstanen. Ech wollt awer trotzdeem froen, ob et eng Ofschätzung gëtt mat deenen dote Montanten, …

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

… wann d'Loyere plus ou moins reegelméisseg erakommen? Ech mengen, mat där Konventioun huet ee jo am Fong eng Garantie, dass d'Loyeren erakommen. Wann ech dat richteg verstinn, bezilt d'Croix Rouge fix, soudass d'Loyeren all erakommen. A si geréieren dat. Oder ass et esou, dass wann d'Loyeren op hirer Säit net erakommen, dass einfach manner iwwreg bleift an da manner un d'Gemeng geet? Dat wär eng Fro.

Eng aner Fro ass och bei där Ofschätzung, ob et opgeet oder net, ob mer als Gemeng awer hoffentlech déi 75% vun de Constructions d'ensemble vum Ministère du Logement kréien. Wat jo awer dann e gudde Batz Suen ass, dee mer schonn emol kréien, ier et lassgeet. Soudass ech denken, dass 10 Euro de Metercarré, in der Tat, wann een elo vun engem Amortissement zum Beispill iwwer 20 Joer ausgeet, gutt gerechent ass. Dass net allze vill Risiko fir d'Gemeng besteet.

Sou wéi ech dat verstinn, ass och en Ënnerscheed ze maachen tëschent betreitem Wunnen a Jugendwunnen. Jugendwunnen ass éischter en neien Dispositif vum Educatiounsministère, wou de Service Jeunesse mat dran ass. Wou am Fong keng esou eng Betreiung 1:1 stattfënnt, mä wou op 13 Jonker en hallwen Educateur kënnt, dee schonn e Suivi mécht, awer et ass kee betreit wunnen, wou een dee ganzen Zäite quasi do ass, wéi dat an anere WGen de Fall ass, wou ee wierklech vu betreit wunne schwätzt.

Do wollt ech nofroen, an der Konventioun steet näischt dran, dass d'Croix Rouge esou een Educateur à disposition setzt. Ass dat awer de Fall? Well den Term vu Jugendwunnen ass jo awer hei kloer dran.

Bei de Chargë gëtt vun engem Forfait geschwat vun dräi Euro de Quadratmeter. Et gëtt geschriwwen, dass domadder d'Käschte solle gedeckt ginn. Ech kann elo verstoen, dass ee bei deem dote Modell elo net pro Zëmmer eenzel Compteure mécht an da jidderengem en eenzelnen Dekont ka maache vun de Chargen. Esou verstinn ech dat hei. Mä trotzdeem awer en Dekont op d'Joer, deen dann nach eng Kéier opgedeelt gëtt pro Quadratmeter.

Kréien déi Jonk, déi ee Joer do sinn, och en Dekont, wou se, deemno wéi, nach eppes rembourséiert kréien? Oder ass dat einfach Forfait, an et gëtt keen Dekont méi gemaach an dat gëtt net méi gekuckt? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Diderich. Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, als Vertrieder vun der Kommunistescher Partei wëll ech begréissen, dass 37 Wunnenge gebaut gi fir Jonker, déi a Schwieregkeete sinn. Ech wëll d'Gemeng och bègléckwënschen, dass se op deen do Wee gaangen ass.

*M. Mangen a parlé de prix social. Mais une telle définition n'existe pas. L'appartement de service d'un policier, par exemple, constitue-t-il un logement social? Car il est subventionné par l'État tout comme les habitations du Fonds du logement. Dans le cas du Fonds du logement et de la SNHBM, le loyer dépend des revenus.*
*M. Mangen a dit qu'il valait la peine de construire ces logements même s'il n'est pas certain que les loyers suffisent à couvrir les frais. Gary Diderich est d'accord, mais se demande s'il existe déjà des estimations. La convention garantit que les loyers seront versés, car ils seront gérés par la Croix-Rouge. À moins que celle-ci ne verse moins d'argent à la commune si les jeunes ne paient pas tous leurs loyers?*
*Gary Diderich rappelle dans ce contexte que la commune touchera une subvention de 75 %. Par conséquent, les risques sont de toute façon restreints avec un loyer de dix euros le mètre carré et un amortissement sur vingt ans.*
*Il existe une distinction entre «logement accompagné» et «logement pour jeunes». Le «logement pour jeunes» est un dispositif du ministère de l'Éducation nationale où un demi-éducateur s'occupe de 13 jeunes. Il n'y a donc pas un accompagnateur constamment sur place comme pour le logement accompagné. La Croix-Rouge met-elle un tel éducateur à disposition? La convention n'en fait pas mention.*
*Le forfait pour les charges s'élève à trois euros le mètre carré pour couvrir les frais. Gary Diderich comprend qu'on ne peut pas installer un compteur pour chaque chambre. Mais les jeunes recevront-ils un décompte une fois par an?*

**ALI RUCKERT (KPL)** *salue la construction de ces 37 appartements pour jeunes en difficulté. Il en félicite la commune. Ce type de projets sont très rares dans le pays.*

*Cependant, pour les communistes, ce projet ne peut être qu'un début.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *en convient.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *sait que la situation de certains jeunes est vraiment compliquée à cause des circonstances sociales dans lesquelles ils vivent et du chômage. Mais il tient à préciser qu'il ne faut pas prendre les études internationales sur le chômage des jeunes pour argent comptant. Car dans des pays européens comme la Grèce ou l'Italie, beaucoup de jeunes vivent dans des conditions qu'on n'arrive pas à s'imaginer. C'est pourquoi il faut relativiser les choses quand on dit que le Luxembourg est avant-dernier.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est du même avis.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *ajoute que d'un autre côté, chaque pauvre est de trop, surtout dans un pays aussi riche que le Luxembourg. C'est pourquoi Ali Ruckert invite le collège échevinal à se montrer plus actif.*
*Quand on parle de jeunes en situation précaire, qui les choisit? La Croix-Rouge? S'agit-il de chômeurs? Car s'ils dépendent d'allocations sociales, même un petit loyer représente une grande part de leurs revenus.*
*Selon la convention, la Croix-Rouge prend en charge les locataires. Il faudra faire preuve de doigté, car les jeunes placés sous tutelle constituent de véritables exceptions. La commune devra donc veiller à ce que tout fonctionne.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *essaiera de répondre aux questions. En ce qui concerne l'encadrement, la Croix-Rouge et le ministère signeront une convention. Il n'y a donc pas de raison pour laquelle l'encadrement devrait être financé par la commune ou les jeunes.*
*Les frais pour la gestion technique sont calculés sur la base d'expériences similaires à Luxembourg-ville.*
*Le loyer est fixé à dix euros le mètre carré. Le collège échevinal*

Dat si Projeten, déi ganz, ganz selten hei am Land sinn. Ech muss awer soen, och wann ech dat begréissen, an den Ae vun der Kommunistescher Partei kann dat do just en Ufank sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Well mer wëssen, dass d'Situatioun vun engem Deel vun der Jugend ganz kompliziéiert ass an de sozialen Ëmstänn, an deene se wunnen. Och duerch d'Aarbechtslosegkeet.

Ech géif do virdru warnen, esou international Etüden, wéi elo iwwer Jugendaarbechtslosegkeet, ëmmer fir bor Mënz ze huelen. Well, wann een d'Situatioun e bësse kennt an enger Rei vu Länner aus der EU, zum Beispill a Griichenland, zum Beispill an Italien, wou wierklech e ganz groussen Deel vun der Jugend a Verhältnisser lieft, déi mer eis hei iwwerhaapt net kënne virstellen, da géif ech dat relativéieren, wa Lëtzebuerg op déi zweetlescht Plaz gesat gëtt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Ganz richteg.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Obschonn ee muss soen, all Aarmen ass ze vill. Grad an engem räiche Land wéi eisem. Ech géif dofir de Schäfferot engagéieren, sech weider op dee Wee do ze beginn an ausser deem dote Projet an Zukunft nach méi an engem grousse Mooss an deem Beräich aktiv ze ginn.

Meng Fro wär nach: Wa vu Jugendlechen a schwierege Verhältnisser geschwat gëtt, wie wielt do aus? Ass dat d'Rout Kräiz, wat auswielt, wat fir Leit do eng Wunneng kréien? Sinn dat am Prinzip Leit, déi keng Aarbecht hunn? Oder kommen do och Leit eran, déi eng Aarbecht hunn, déi e Verdéngscht hunn? Wann et Leit sinn, déi keng Aarbecht hunn a just sozial Ënnerstëtzung, dann ass souguer dee klenge Loyer, deen do gefuerdert gëtt, natierlech nach ëmmer e groussen Deel vun hirem Akommes. An da misst een awer och verfollegen, wéi sech déi finanziell Situatioun vun deene Leit entwéckelt.

Eng zweet Saach, et steet hei an der Konventioun, d'Rout Kräiz géif d'Prise en charge vun deene Locatairen huelen. Dat ass vläicht eng gutt Saach. Mä do muss ee mat Fangerspëtzegefill virgoen. Well aus eegener Erfarung weess ech, dass et méi wéi Ausnamefäll sinn, wou esou Jugendlecher bevormund ginn, an dass se am Fong an hirer Entwécklung agëengt ginn. An ech mengen, do muss d'Gemeng dann awer kucken, dass dat klappt.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci. Et sinn e puer Froe gestallt ginn. Ech wäert versichen, op verschiddener ze äntwerten.

Et ass gesot ginn, an der Konventioun gesäit een net, ob déi Jonk betreit ginn. Dat ass richteg. Mä herno wäert d'Croix-Rouge mam Ministère sinn an déi Persoun gëtt integral dann iwwer eng Konventioun gestallt. Da gesinn ech net an, firwat déi Jonk dat musse verrechent kréien an d'Gemeng och net. Dat ass ganz kloer.

Dir gesitt och dran, datt verschidde Gestiounstechnike mat dra sinn. Déi berouen op der Erfarung aus der Stad, wou e grousse Komplex geréiert gëtt. Wat mer och kucke waren. Doropshin hat de Schäfferot virgeschloen, mat der Croix Rouge ze schaffen. Well et war och mat aneren Träger geschwat ginn.

Mir bleiwe bei 10 Euro de Quadratmeter. Mir hätte genau esou gutt kéinten AIS-Tariffer aféieren an op 550 Euro goen. Fir e Studio kann ee bis 550 Euro froen. Do ginn déi 10 Euro zum Beispill net gekuckt. Mir si bei 275 Euro, mir leien hei wäit ënner 300 Euro, ouni Chargen natierlech. Mä déi 550 bei der AIS sinn och ouni Chargen. Ech mengen, datt dat hei e Modell ass, wou hei zu Lëtzebuerg eis nach kee wäert nomaachen.

Ech si ganz gär bereet dat och nach op anere Plazen ze maachen an och ze bauen. Mä kommt mer dann, w.e.gl., net domat, datt mir alles géifen zoubauen. Heiansdo huet een d'Gefill, datt d'Kaz sech an de Schwanz bäisst. Dat heescht, mir mussen dat maachen. Mir musse just oppassen, wou mer et maachen. Datt mer wierklech Diversitéit a Mixitéit kréien.

Dee Projet hei ass esou flott, well et effektiv an engem neie Quartier ass, wou net vill Logement social am Moment ass. Wou s de sees, dat do passt extrem gutt dohinner. Ech mengen, datt mer dee Projet nach op anere Plaze maache sollen.

Mir sinn och am Gaang, mam Logementsministère ze verhandelen. Et gesäit aus, wéi wa mer déi Zomm, déi mer investéiert hunn, bal fënnef Milliounen Euro, erëmkréien. Mir versichen dat. Dofir hu mer och déi Präisser mam Logementsministère ofgeschwat.

Mir wollten och net méi froen, fir net de Risiko ze lafen fir déi 75%. A wann een da bedenkt, datt dat Ganzt 11 Millioune kascht, mat engem Foyer vu 84 Siègen. A wa mer herno esou vill erëmkréien, mat engem Surplus, datt mer kënnen d'Bedreiwung an deenen nächste Jore maachen, kleng Reparature maachen, mengen ech, datt mer hei wierklech eppes Eemoleges maachen. Haaptsächlech fir déi Jonk.

An dat ass eng Complementaritéit zu anere Gemengen. Aner Gemenge maachen aner Saachen. Mir versichen, dat ze maachen, wat si vläicht net maachen. Fir elo eng Gemeng ze nenne wéi Esch, déi eis Gemeng ëmmer gär nennt: Si hu vläicht eng Fixerstuff, mä mir hunn hei d'Méiglechkeet, verschidde Leit opzefänken. Dat heescht et ass complementaire. Et soll esou geschafft ginn. Et wier flott, wa mer am ganze Süde géife méi complementaire schaffen, amplaz een deen aneren unzekloen, e géif net genuch maachen.

Här Mangen, w.e.gl.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Ech wollt nach just e puer Präzisioune ginn. D'Auswahl mécht d'Rout Kräiz. Mir hate gefrot, datt se haaptsächlech Kanner aus onser Géigend huele sollen. Mä fir d'Mixitéit hu mer awer akzeptéiert, datt och Jugendlecher aus anere Gemenge kënne mat erageholl ginn. Si entscheeden, wien erakënnt, datt dat wierklech e Mix gëtt. An datt de Projet sech dréit.

Et kënne Leit aus anere Gemengen – net nëmmen Nopeschgemengen, mä Leit aus dem ganze Land – sinn, déi heihinner kommen.

Dekont: Ech mengen, dat gëtt scho versicht, korrekt ze maachen, datt jiddwereen do zu sengem kënnt.

D’Betreiung: Et ass een, dee reegelméisseg op d'Plaz kënnt, deen déi Jugendlech betreit. Déi si jo all volljäreg.

Op där anerer Plaz, wou se dee Projet och hunn, si Jugendlecher, déi net volljäreg sinn. Wou net een op der Plaz ass, wou do betreit ginn ass. Ech hat deemools am Roude Kräiz och meng Bedenken. Mä dat geet.

Et sinn Telefonsnummeren, déi verschidde Leit hunn, wann e Problem ass. Do ass ëmmer een ze erreechen. Dee kënnt dann direkt op d'Plaz. Also et ass elo vläicht net een, dee sur place ass, mä déi ginn awer ronderëm d'Auer betreit. Wann e Problem ass, ass ëmmer een, deen zoustänneg ass.

D’Loyeren: Mir mussen d'Loyeren huelen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn. Si kréie jo och finanziell Ënnerstëtzung, wou se vun deene Suen de Loyer bezuelen. Et ass och am Projet wichteg, datt se léieren, mat de Suen eens ze ginn. Déi Suen, déi si kréien, wa se déi an Usproch huelen, datt se dofir och Sue bezuelen. Fir hinnen dat ganz gratis ze maachen, fannen ech och net an der Rei vis-à-vis vun aneren. Si sollen och léieren, mat de Suen ëmzegoen. Dofir och de Präis, dee mer do froen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zur Ofstëmmung kommen.

*aurait aussi pu appliquer les tarifs de l’AIS et monter à 550 €. Mais il a opté pour 275 € sans les charges. Roberto Traversini est disposé à réaliser des projets similaires ailleurs. Mais dans ce cas, les conseillers communaux ne pourront pas se plaindre que Differdange est complètement bétonnée. Il faut construire des logements, mais faire attention à l’endroit où on le fait.*
*(Interruption)*
*L’objectif est de créer de la mixité. Ce projet est intéressant parce qu’il est situé dans un nouveau quartier avec peu de logements sociaux.*
*La commune négocie avec le ministère du Logement pour récupérer la somme de cinq-millions d’euros investis. Pour Roberto Traversini, ce projet pour les jeunes est vraiment unique dans le pays.*
*En outre, l’offre est complémentaire à ce que font les autres communes. Esch, par exemple, a un local d’injection et Differdange propose des logements. C’est la façon dont il faut travailler. Les communes du Sud doivent se montrer complémentaires au lieu de s’accuser les unes les autres de ne pas faire assez.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *ajoute que les jeunes seront sélectionnés par la Croix-Rouge. Il s’agira avant tout de jeunes de la région, mais l’objectif est d’obtenir une bonne mixité. Il pourra donc s’agit de jeunes de tout le pays.*
*Robert Mangen ne doute pas que décompte soit calculé de manière correcte.*
*Pour ce qui est de l’encadrement, une personne se rendra sur place régulièrement. Les locataires seront tous majeurs. Ils disposeront d’un numéro de téléphone en cas de problème. Bref, ils seront encadrés tout le temps.*
*Les loyers doivent correspondre à ce qui est demandé au Luxembourg. Par ailleurs, les jeunes sont soutenus financièrement. Mais ils doivent aussi apprendre à gérer leur argent. Leur donner un logement ne serait pas correct.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux tarifs de l'école de musique.*
*(Interruption de M. Ruckert)*
*Roberto Traversini constate qu'il a oublié les nuits blanches. Les conseillers communaux disposent d'un relevé des nuits blanches officielles et de celles qui doivent être demandées. Tous les locaux peuvent demander des nuits blanches supplémentaires.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *demande combien de nuits blanches sont refusées chaque année. Car dans certains quartiers, les cafés occasionnent des nuisances sonores. Fred Bertinelli rappelle que c'est le bourgmestre qui octroie les nuits blanches. Veille-t-il à ce que les cafés qui posent problème ne reçoivent pas d'autorisation?*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *explique que les écologistes ont commencé un débat qui mériterait d'être poursuivi au sein du conseil communal. Il s'agit de gérer de manière plus efficace les nuits blanches, le débit de boissons et les heures de fermeture. L'heure de fermeture est fixée à 3 h. Le cafetier peut-il servir une bière à 2 h 55 et permettre au client de la boire ou bien doit-il fermer le local à 3 h pile? Les clients ont-ils le droit de continuer à boire jusqu'à 3 h 30 sur le trottoir?*
*Combien de bruit les concerts peuvent-ils occasionner dans le parc ou sur la place du Marché? Et jusqu'à quelle heure? Qu'en est-il des boissons? Le conseil communal doit réfléchir à ces questions. C'est peut-être un peu autoritaire, mais il faut tenir compte des gens vivant autour du parc et de la place du Marché. Frenz Schwachtgen précise qu'il ne veut pas jouer les rabat-joies. Il fait lui aussi souvent la fête.*
*(Rires)*

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention « Jugendwunnen am Quartier Arboria » avec la Croix-Rouge luxembourgeoise.*

---

Villmools Merci. De véierte Punkt, d'Adaptatioun vun eisen Tariffer an der Museksschoul. Här Ulveling, sot eis dat.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Jo. Éischtens …

(Interruptioun)

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

D'fräi Nuechten. Entschëllegt, ech hat déi bei mir méi hannen dran. D'fräi Nuechte sinn net onwichteg. Dir hutt en neie Relevé kritt, wéini d'fräi Nuechten d'office sinn a wéini d'fräi Nuechte mussen ugefrot ginn. All Lokal ka fräi Nuechten ufroen hei op der Gemeng. Mä dat heite sinn déi, déi d'office gesat ginn.

Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Kann ee gewuer ginn, Här Buergermeeschter, wéi vill fräi Nuechten an deem leschte Joer refuséiert gi sinn? Vu datt mer a verschiddene Quartieren enorm Problemer hate mat eenzelne Caféen, wat den Nuetskaméidi ugaangen ass. Huet d'Gemeng do reagéiert? Sinn do fräi Nuechte refuséiert ginn? Well dat jo praktesch ëmmer nëmmen de Buergermeeschter ass, deen déi vergëtt.

Meng Fro ass einfach, fir ongeféier ze wëssen, wéi een dat handhabe kann. Ob Der do drop kuckt oder ob dat ausschlaggebend ass, fir eng fräi Nuecht ze kréien oder net?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Keng Froe méi? Här Schwachtgen, w.e.gl.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Vläicht eng Stellungnam an eng Suggestioun. Mir hate bei deene gréngen eng Grondsazdiskussioun gefouert, oder ugefaangen. An ech mengen, vläicht sollt een déi weiderféiere mat alle Leit hei ronderëm den Dësch. Wéi mer am Fong eis Nuechten, eis fest Nuechte besser geréieren, wat de Kaméidi ubelaangt, wat den Ausschank ubelaangt a wat d'effektiv Heure de fermeture ass.

Wann ech vun hannen no vir flueren, d'effektiv Heure de fermeture ass op dräi Auer festgeluecht. Dat heescht, däerf do de Wiert um fënnef fir dräi nach en Humpen zapen an d'Leit deen och nach ausdrénken? Oder ass Schlëssel dräi Auer? Ass dann dee Moment vläicht nach lustiges Weitertrinken bis hallwer véier virum Trottoir, mat Glas op Trottoir stellen an esou virun an esou weider? Wéi wäit gi mer do?

Dann, wa Concerte sinn, wat fir en Dezibel ass erlaabt am Park oder op der Maartplaz? Bis zu wat fir enger Stonn? Well do gëtt et Stied, déi ganz strikt Reglementer hunn. Esou vill Dezibel bis 23 oder 24 Auer. An esou vill Dezibel nach bis eng oder zwou Auer, an da Schluss mat Musek.

An dann um hallwer zwou oder um zwou Auer leschten Ausschank. An um hallwer dräi, dräi Auer Raume vum Lokal. Ech mengen, dat misst ee sech eng Kéier duerch de Kapp goe loossen. Ech weess, dass dat vläicht e bëssen autoritär klengt. Mä et ass awer esou, dass mer och musse Récksiicht huelen, zemools am Park an op der Maartplaz, wou ganz vill Leit ronderëm wunnen, déi och sonndes musse schaffen, wa samschdes eng Fête war an esou virun. Ech wëll kee Spaassverdierwer sinn, ech si selwer dacks derbäi.

(Gelaachs)

Ech wëll awer och soen, dass mer do Reegelunge brauchen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Ech kann Iech kee Montant nennen, wéi vill, mä et sinn der ganz vill refuséiert ginn. Dir wësst, datt och d'ganz rue Michel Rodange am Moment keng fräi Nuechte méi kritt. Si wësse jo, datt se gestrach gi sinn. Déi komme jo dann net méi froen. Ech ginn zwar net méi laanscht déi Strooss do. Dat ass wierklech deelweis och en Abroch, e finanziellen Abroch fir vill verschidde Saachen. Mä mir hu fonnt, datt awer d'Liewensqualitéit vun de Bierger méi wichteg ass wéi dat.

Ech wëll awer och soen, datt am Park, menges Wëssens no, nach dräi- oder véiermol maximal am Joer eng fräi Nuecht ass. Matzen an engem Zentrum. Dat fannen ech awer elo wierklech net direkt iwwerdriwwen. Mir sollen dat natierlech kënnen thematiséieren. An der Lescht mengen ech net, datt esou vill Fester bis dräi Auer an der Nuecht waren. E puer Fester am Summer an eisen Nationalfeierdag. Dat sinn dräi, véier Fester. Mir hunn do wierklech schonn e ganze Gang zréckgeschalt.

An dann de Rescht, um dräi Auer ass zou. Ech kucke keen, mä et misst ee wëssen, dass een um dräi Auer misst dobausse sinn. An dat ass dann d'Verantwortung vum Wiert, ob d'Police kënnt oder net. Um fënnef op dräi, wann dann nach Leit dobanne sinn, déi hunn do näischt méi verluer. Mir kënnen hei Reegelen aféieren, mä d'Police muss kontrolléieren, ob dat agehale gëtt.

Dir gesitt, datt mer wierklech net iwwerdreiwe mat de fräien Nuechten. Mä anerwäerts, wann een an enger Stad wunnt, wier een awer och heiansdo frou, e puermol am Joer ze feieren. Mä et ass, wéi Der sot, Här Schwachtgen, d'Leit déi ronderëm wunnen, déi schlofen och gär. Et ass déi éiweg Fro: Wéi mécht een alles gerecht?

Mir kucken awer no, wéi vill mer refuséiert hunn. Et sinn der vill. A si wëssen automatesch, wann do Buttek ass oder d'Police optaucht, datt se d'fräi Nuechten och ewechgeholl kréien.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Okay.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir géifen dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé des nuits blanches officielles pour l'exercice 2019.*

Merci. Da komme mer elo zu den Tariffer vun der Museksschoul.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dir Dammen, Dir Hären, Dir wësst, dass mer mat eiser Museksschoul an engem Verbund si mat Péiteng a mat Käerjeng. Déi zwou Gemengen hu schonn esou eng Augmentatioun beschloss. Et ass eng Augmentatioun vun ongeféier 20%. Déi lescht Tariffer, déi mer gestëmmt haten, war ongeféier virun 20 Joer. Et gëtt alles ëm 20% erhéicht. Ausser d'Location d'instruments, déi bleift wéi se ass. D'Eltere mussen do awer eng Assurance maachen, fir wa Schied un deenen Instrumenter sinn, dass déi dofir opkënnt.

D'Museksschoul kascht eis netto 1,1 Millioun Euro d'Joer. Dat si vill Suen. Mir maachen dat éischtens, well mer dervun iwwerzeegt sinn, datt d'Musek e wichtege Facteur ass am kulturellen Zesummeliewen. An zweetens, dass an eise Museken oder all Museksveräiner oder Gesanksveräiner Nowuess kann entstoen.

E klenge B-Moll bei där ganzer Saach ass, dass nach ëmmer eis Nopeschgemeng Bieles näischt bäidréit an där ganzer Organisatioun vun de Museksschoulen. Si hir Leit hei awer aschreiwen. Do sinn elo Gespréicher gefouert ginn. Et huet e puer Deeg esou ausgesinn, wéi wa se bereet wären, hire Bäitrag ze leeschten. Dat heescht, si géifen e gewëssene Montant bezuele fir all Schüler, deen aus hirer Gemeng an en-

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *n'a pas de chiffres précis, mais il a refusé de nombreuses nuits blanches. Dans la rue Michel-Rodange, aucun café n'en reçoit. Financièrement, cela coute cher aux cafés, mais c'est important pour les riverains.*
*Dans le parc, le nombre de nuits blanches se monte à trois ou quatre fois par an. Ce n'est pas exagéré. Il s'agit de quelques fêtes en été et la Fête nationale. C'est nettement moins qu'avant.*
*Les cafés doivent fermer leurs portes à 3 h. Cela signifie que les clients doivent être dehors à ce moment-là. Au cafetier ensuite d'alerter la police le cas échéant. La commune peut établir des règles, mais c'est à la police ensuite de contrôler.*
*Roberto Traversini ne pense pas qu'il y ait trop de nuits blanches à Differdange. Après tout, dans une ville, il faut pouvoir faire la fête de temps en temps — sans oublier cependant les riverains. Il s'agit de trouver le juste équilibre.*
*Roberto Traversini vérifiera combien de nuits blanches il a refusées. Les cafetiers savent que s'il y a du boucan et que la police doit intervenir, ils n'obtiendront plus d'autorisations.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux tarifs de l'école de musique.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle que l'école de musique de Differdange est associée à celles de Pétange et Käerjeng. L'augmentation des tarifs se monte à 20 %. C'est la première depuis vingt ans. Le prix de la location d'instruments n'augmentera pas. En revanche, les parents devront souscrire à une assurance.*
*L'école de musique coute 1,1 million d'euros par an à la commune. C'est beaucoup, mais la musique est un facteur culturel d'intégration. Il s'agit aussi de former de nouvelles recrues pour les associations musicales locales.*
*Malheureusement, Belvaux ne contribue pas à l'organisation des écoles de musique bien que ses habitants y soient inscrits. Des négociations sont en cours, mais il n'y a pas eu de véritable avancée. Tom Ulveling ne trouve pas normal que*

*les trois communes financent leurs écoles de musique et que Belvaux en profite sans participer aux frais. Un «résident» est une personne vivant dans une des trois communes, une commune conventionnée ou un membre d'une association de musique. Un «adulte» doit avoir plus de 25 ans.*
*Pour un cours collectif, un résident paye 30 €, un adulte résident 60 €, un non-résident 120 € et un non résident adulte 180 €. 20 % ne représentent pas grand-chose. Tom Ulveling demande aux conseillers communaux d'approuver l'augmentation et d'adapter ainsi les tarifs à ceux des autres communes de la vallée de la Chiers pour la nouvelle saison. Cela simplifiera les choses.*

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)** *constate que M. Ulveling a tout dit. Pétange, Käerjeng et Differdange ont des tarifs communs pour leurs écoles de musique. Il a aussi été décidé de regrouper les élèves si un cours est peu fréquenté dans une des communes. C'est un avantage pour les élèves et les professeurs.*
*L'école de musique de Differdange connait un beau succès. Ce projet est une bonne chose.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *demande si le Sonotron sera traité séparément. (Interruption)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à M. Diderich.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande si des modifications sont prévues au niveau national.*
*Il comprend l'argumentation concernant les communes voisines et la soutient. Mais l'augmentation est-elle pertinente en ce moment alors que l'enseignement musical pourrait devenir gratuite dans le pays?*

ger vun deenen dräi Gemengen an d'Museksschoul geet.

Elo ass do e bëssen e Stëllstand entstanen. Mer mussen also nach kucken, wéi dat weidergeet. Mä ech fannen et eben net normal, dass mir als dräi Gemengen hir Museksschoul oprechterhalen a si einfach hir Schüler aschreiwe loossen an déi dann och nëmme sollen 30 Euro bezuelen. A mir als Gemeng bezuelen d'Differenz. Dat kann net sinn. Dofir si mer am Gaang ze kucken, fir dat ze reegelen.

Wat ass e Resident? Ma dat ass een, deen net nëmmen an der Gemeng Käerjeng, Déifferdeng oder Péiteng wunnt oder an enger konventionéierter Gemeng, wéi dat eventuell da kéint Bieles sinn. Mä dat sinn och all déi aktiv Membere vu Museksveräiner oder aus enger Chorale oder aus engem Theater aus dëse Gemengen. An d'Definitioun vum Adulte, dee fänkt am Fong un ab 25 Joer, fir et elo emol einfach ze maachen.

Wa mer d'Tariffer kucken: Fir e Cours collectif bezilt de Resident 30 Euro, den Adulte résident 60 Euro. Den Non-résident bezilt 120 Euro an den Adulte non-résident 180 Euro. Dir hutt d'Tariffer virleien. Et ass eng Augmentatioun, no 20 Joer, vun 20%. Ech mengen, an deene Montanten, wou mer eis befannen, maachen déi 20% net esou vill aus.

Dofir mengen ech, wär et gutt, wa mer dat géife stëmmen. Well mer dann am ganze Kordall déiselwecht Tariffer wäerten hunn an Zukunft, fir déi nei Saison, déi elo am September ugeet. Vu dass d'Inscriptioune geschwënn, am Juni oder Juli ufänken. Dann hu mer en eenheetlechen Tarif. Wat d'Saach méi einfach mécht.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Madamm Richartz, w.e.gl.

**YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Buergermeeschter. Wéi ëmmer, den Här Ulveling huet elo schonn erëm alles gesot, wat d'Museksschoul ugeet. Déi dräi Gemenge Péiteng, Käerjeng an Déifferdeng haten e gemeinsamen Tarif fir d'Museksschoulen. Dee gouf elo gemeinsam erhéicht.

Et gouf och decidéiert, zum Beispill, wann an enger Uertschaft nëmmen zwee Schüler an engem Cours sinn an an där anerer Uertschaft sinn der méi, da kënnen déi Schüler regruppéiert ginn op eng Plaz. Dat ass e Virdeel fir d'Professeren, well déi d'Schüler aus deenen dräi Gemengen an engem Cours kënnen ënnerriichten.

Eis Museksschoul ass e grousse Succès mat ganz ville Mouvementer. Mir fannen de Projet eng gutt Saach. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Meisch François, w.e.gl.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Ech hunn eng kuerz Fro: Maache mer de Sonotron separat?

**MÉI STËMMEN:**

Jo.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Okay, separat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt d'Fro opwerfen, awéiwäit Ännerungen um nationalen Niveau kommen. Wann een de Koalitiounsaccord kuckt, awéiwäit et sënnvoll ass elo, ier déi Ännerunge kommen, nach déi do Ännerung ze bréngen?

Ech verstinn d'Argumentatioun, wat d'Schüler aus Nopeschgemengen ugeet, déi sech net bedeelegen un der Museksschoul. Dat kann ech och mat ënner-

stëtzen. Ech froe mech ebe just, ob déi generell Augmentatioun grad elo néideg ass, wa mer geschwë vläicht do eppes ganz aneres wäerten hunn, nämlech d'Gratuitéit vun der Musek. Wat menger Meenung no an der Kultur och nëmme justifiéiert ass an ech op jidde Fall ënnerstëtzen.

Ech weess awer net – dat gëtt wahrscheinlech am Moment nach verhandelt –, wat dat da fir d'Gemenge bedeit a wien do wéi eng Käschten iwwerhëlt. Vläicht wësst Dir do scho méi. Op alle Fall hunn ech e bësse meng Bedenken, ob dat elo dee richtege Moment ass. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, de Gros ass scho gesot gi vun der Madamm Richartz an dem Här Ulveling. Als Vertrieder vun der CSV schléisse mer eis deem un. Mir begréissen dës Offer, déi mer zesumme mat Péiteng a Käerjeng ubidden.

Bei den neien Tariffer vun der Museksschoul gesäit een, datt dës Offer nach wie vor staark subventionéiert gëtt. Ech denken, am Sport fënnt ee keen esou e bëllegt Abonnement iwwert d'Joer. Mir si frou, datt eng gutt Qualitéit ugebuede gëtt.

D'CSV stëmmt dës Tariffer mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Muller, den Trompettist

**ERNY MULLER (LSAP):**

Nee, ech war ni Trompettist.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

E Blosinstrument awer.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Saxophon a Fagott

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Dat ass eppes aneschters, dat ass richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Just eng kleng Korrektur, Här Hartung. Et ass eng hallef Stonn pro Woch. Am Sport sinn et vill méi där hallef Stonne pro Woch. Hei ass pro Woch eng hallef. Mir wëllen elo keng Diskussioun doriwwer ufänken. Nëmme fir kloerzestellen.

Elo zur Saach. Mir als LSAP ënnerstëtzen dat, obwuel mer eis soen, déi Tariffer, et geet erëm vun därselwechter Keess. Dat heescht, et sinn d'Kanner vun eise Familljen, an elo gëtt et erëm deier. Mir hunn e Konzept entwéckelt, fir de Sportsveräiner ënnert d'Äerm ze gräifen. Och bei de kulturelle Veräiner. Mä elo gi mer erëm an d'Luucht. Do misst een awer kucken, wéi …

(Interruptioun)

Mir si prinzipiell d'accord, dass mer uniform sinn am Kordall, fir dass och déi Echangë kënne stattfannen, an dass mer do eng gemeinsam Linn hunn. Dat ass kloer.

Ech hätt awer nach eng Fro. Virun enger Woch hat ech eng flott Säit am Tageblatt gesinn, wou eis Gemeng sech op d'Schëller klappt, an de Schäfferot seet, mir si formidabel, déi bescht an esou weider.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Wou Der recht hutt, hutt Der recht, Här Muller.

(Gelaachs)

**ERNY MULLER (LSAP):**

Et soll jo op Basis vun Annoncë goen, ech hunn déi awer net direkt fonnt. Op

*Gary Diderich suppose que des négociations sont en cours et qu'il faudra voir ce que cette gratuité signifiera pour les communes.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *constate que Mme Richartz et M. Ulveling ont presque tout dit. Le CSV salue cette offre en collaboration avec Pétange et Clemency.*
*(Interruption)*
*Jerry Hartung s'est trompé: il s'agit de Käerjeng et non Clemency.*
*Il souligne le fait que l'offre soit subventionnée. Car les tarifs sont moins élevés que pour le sport.*
*Jerry Hartung est satisfait de la qualité proposée.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *cède la parole à M. Muller, un trompettiste.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *proteste. Il n'a jamais été trompettiste.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *se souvient pourtant que M. Muller joue d'un instrument à vent.*
*(Interruption de M. Muller)*
*Roberto Traversini convient du fait que c'est différent.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *signale à M. Hartung que la comparaison avec les clubs de sport n'est pas pertinente, car les cours ne durent qu'une demi-heure. Mais il ne veut pas entrer dans les détails.*
*Les socialistes soutiennent les nouveaux tarifs, mais constatent que les prix vont augmenter pour les enfants et leurs familles. Erny Muller rappelle que la commune a élaboré un concept pour soutenir les clubs sportifs et les associations culturelles. Et voilà que les prix augmentent.*
*(Interruption)*
*Erny Muller est d'accord en principe avec l'uniformisation des prix dans la vallée de la Chiers. Cependant, il y a une semaine, il a lu dans le «Tageblatt» que le collège échevinal se félicitait d'être formidable.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *constate que quand M. Muller a raison, il a raison.*
*(Rires)*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se souvient avoir lu qu'une nouvelle école de musique allait être construite. C'est bizarre.*
*(Interruption)*
*Erny Muller constate qu'il n'y a donc rien de nouveau.*

**TOM ULVELING (CSV)** *répond qu'il s'agit de ce que M. Muller avait déjà planifié.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se dit rassuré. Il pensait que l'école de musique allait quitter le centre culturel.*
*(Interruption)*
*Erny Muller pensait à une nouvelle école de musique.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *précise que le cours de solfège dure une heure et les cours d'instrument une demi-heure.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ajoute que ces cours peuvent durer jusqu'à 45 minutes selon le niveau. Le bourgmestre explique que quand les discussions en vue d'augmenter les tarifs ont commencé, l'accord de coalition n'avait pas encore été signé. Par ailleurs, le calendrier n'est toujours pas certain. C'est pourquoi il propose d'approuver les tarifs et de voir au cours des prochaines années ce qui deviendra gratuit.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux tarifs pour la location du Sonotron fixés à huit euros par heure. Les applications servant à réserver les locaux fonctionneront bientôt. Il sera à nouveau question du Sonotron lors des discussions sur l'organigramme, car il faudra des gens pour s'en occuper.*

eemol hunn ech en aneren Artikel fonnt, e puer Säite méi spéit. An do waren dann e puer Annoncen. Dat just niewebäi bemierkt.

Ech wollt awer nach soen, wat ech do gelies hunn, dat ass am Zesummenhang mat der Museksschoul. Do hunn ech eppes gelies, wat mer komesch virkomm ass. Ass et esou, oder war dat vläicht falsch verstane ginn, dass sollt eng nei Museksschoul gebaut ginn?
Dat wollt ech froen,

**ENG STËMM:**

Zousätzleche Raum.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat ass also näischt Neies par rapport zu deem, wat mer scho geplangt hunn?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee, et ass datselwecht wat Dir och scho geplangt hat.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Dat berouegt mech awer elo. Ech hat elo geduecht, mir géife vläicht de Kulturzenter opginn an …

**ENG STËMM:**

… an eng nei Schoul bauen.

**ERNY MULLER (LSAP):**

… an eng nei Museksschoul kréien. Dann ass et gutt. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Zu de Stonnen: De Solfège ass normalerweis eng ganz Stonn d'Woch, an da kommen nach zousätzlech d'Instrumenter, déi effektiv da just eng hallef Stonn sinn.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Bis eng Dräivéirels kënne se eropgoen.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Bis eng Dräivéirels.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jee nodeem, op wéi engem Stadium s de bass.

Et war eng Fro gestallt ginn. Wéi mer d'Diskussioun ugefaangen haten, fir d'Tariffer ze adaptéieren, stoung de Koalitiounsaccord nach net. An dee steet elo. Et ass awer nach keen Timing gesat ginn, wéini dat ass. Selbstverständlech, wann dat elo géif kommen, da falen d'Tariffer jo souwisou flaach. Dofir mengen ech, datt een dat hei elo emol sollt stëmmen an da kucken, wat nach alles an den nächste Jore gratis gëtt.

Mir géifen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 abstentions d'adapter les tarifs de l'école de musique pour l'année scolaire 2019-2020.*

Merci. Da komme mer zum nächste Punkt, den Tarif fir d'Locatioun vun eisem Sonotron. Dir gesitt, datt dat op Metercarré, op Gréissten opgesat ass. Mir leien do bei aacht Euro d'Stonn. Et kann ee reservéieren, awer net laang virdrun. Déi ganz Software misst drop an dru sinn, ze fonctionnéieren. Technesch ass bal alles fäerdeg. Mir kéinten am Fong geholl lassfueren.

Mir kommen herno nach am Organigramm drop zréck. Well wa mer lassfueren, brauche mer och Leit, déi sech drëm këmmeren. Am grousse Ganzen ass et eng flott a gutt Saach. Si mer just gespaant, wéi dat dann elo och wäert ugoen.

Eng Saach wëll ech nach soen, well dat awer zimlech onüblech war déi lescht fënnef Joer vum Kulturministère. Hei hu mer elo eng Konventioun mam Kulturministère, déi eis 50.000 Euro u Fonctionnementskäschte wäerte bäileeën. Dat ass zwar elo emol op ee Joer. An da musse mer kucken, ob dat da weidergefouert gëtt.

Et ass mat de Museker geschwat ginn. Si fannen, am grousse Ganzen, datt et eng positiv Saach ass. Loosse mer mol ofwaarden, wéi dat da wäert goen. Mä et geet elo haaptsächlech ëm d'Tariffer. Ech maachen d'Ronn op fir eis Diskussioun.

Här Meisch, Dir wollt jo schonn.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Elo däerf ech. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, säit der Grënnung vun der Bluesschoul virun zwielef Joer schwätze mer dervun. Mir si frou, dass d'Iddi vun de Proufsäll endlech Realitéit ginn ass. Sou wéi bei der ganzer Kreativfabrik sti mer och voll hannert der Soundfactory, oder wéi et elo heescht, dem Sonotron.

An deem Kontext hätt ech eng Fro: Wou si mer mam groussen Tounstudio drun? Wéini ass do mat der Ausschreiwung ze rechnen? An ech wollt froen, ob eng Léisung fonnt gouf mat de Problemer vum Toun am grousse Studio? Dee groussen Träger leet den Toun jo weider a mécht doduerch Problemer.

Mir stëmmen d'Tariffer awer natierlech mat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Villmools Merci, Här Meisch. Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Här Buergermeeschter. Mir begréissen natierlech och als LSAP déi doten Initiativ, déi ville jonke Gruppen an eenzelne Musikanten zur Faveur kënnt. Mir hunn eng Fro: Wéi sti mer elo par rapport zu der Rockhal? Wou jo ähnlech Studioen, Proufsäll sinn. Et ass mer zu Ouere komm, do wär et méi bëlleg. Ech weess awer och, dass hei méi Prestatioune sinn. Sti mer do gutt? Si mer do an der Rei? Well do ass jo och de Kulturministère am Spill.

A mer hunn eng Fro zu deem Grand studio d'enregistrement professionnel. Do gëtt jo en Appel public gemaach mat engem Cahier des charges. An eis Fro ass: Dee Cahier des charges, gëtt deen ofgestëmmt mam Ministère de la culture, eventuell och vun der Ekonomie? Déi Leit, déi eis am Fong d'Ënnerstëtzung ginn, déi eng fir d'Gebailechkeeten déi aner vläicht fir d'Exploitatioun, kréien déi dee Cahier des charges ze gesinn? Oder kënnen déi vläicht nach Saache mat afléisse loossen?

Well, ech mengen, mir sollen awer prioritär hei fir eis lokal Lëtzebuerger Musekszeen schaffen. Mir hunn eng immens Evolutioun. Den Här Meisch weess dat elo besser wéi ech, hie kënnt aus deem Milieu, mä do ass eng Evolutioun.

Wann ee kuckt, wat alles geschitt ass an deene leschte Joren an der Musekszeen, op Lëtzebuerger Plang, mat Lëtzebuerger Lidder. Ob dat um Rapper-Niveau ass oder aner Saachen, wéi Legotrip a wat et net nach alles gëtt. Immens vill Leit, och aus eiser Gemeng, déi Musek schreiwen an ophuelen.

Wann een dat alles kuckt, dat ass eng flott Evolutioun. Duerfir mengen ech perséinlech, dass mer missten eng Prioritéit op d'Lëtzebuerger Musekszeen setzen. An dat soll och e bëssen d'Zil sinn. Bei de Chargen ass dat schwéier ze definéieren, wann een et och nach vläicht europäesch mécht. Mä ech mengen, dat soll d'Zil e bësse sinn, wat hannert där ganzer kreativer Iddi ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Richteg.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Fir mat d'Lëtzebuerger Kreativzeen – dat hei ass jo och kreativ – z'entwéckelen.

*Le ministère de la Culture contribuera aux frais de fonctionnement à hauteur de 50 000 € la première année. Ensuite, il faudra voir comment cela se poursuivra.*
*Le collège échevinal a discuté avec des musiciens, qui dans l'ensemble sont satisfaits du Sonotron.*
*Les débats d'aujourd'hui portent sur les tarifs.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle qu'il est question de salles de répétition depuis l'ouverture de l'École du blues il y a 12 ans. Les démocrates soutiennent le Sonotron tout comme ils ont soutenu la fabrique créative.*
*Mais où en est le studio d'enregistrement? Quand la soumission sera-t-elle lancée? Une solution a-t-elle été trouvée concernant les problèmes de son dans le grand studio? Les démocrates approuveront les tarifs.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *salue à son tour cette initiative. Il rappelle cependant que la Rockhal dispose de studios similaires. Les tarifs y sont moins élevés, mais le Sonotron offre plus de prestations. Qu'en est-il effectivement?*
*Un appel d'offres sera lancé pour le grand studio d'enregistrement. Le cahier des charges devra-t-il être approuvé par le ministère de la Culture et le ministère de l'Économie, qui soutiennent la commune pour les bâtiments et l'exploitation?*
*Erny Muller est d'avis qu'il faut soutenir prioritairement la scène musicale luxembourgeoise. M. Meisch, qui connait bien le milieu, le sait: l'évolution de la scène luxembourgeoise au cours des dernières années est impressionnante. Des gens de Differdange écrivent et enregistrent des morceaux. C'est pourquoi Erny Muller répète que le Sonotron doit donner la priorité aux musiciens du pays.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *est du même avis.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *ajoute que l'évaluation des musiciens dépasse les compétences du comité de sélection. Ce comité va-t-il être élargi?*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *trouve que le projet du Sonotron s'inscrit dans la dynamique de la ville et se destine avant tout aux jeunes. Des musiciens et des groupes peuvent y louer des salles de répétition et un studio d'enregistrement.*
*Le principe de la location en temps partagé est bien choisi, car il permet d'éviter que les salles ne soient vides trop souvent. Tous ceux qui le souhaitent peuvent profiter du projet, qu'ils soient professionnels, amateurs ou débutants.*
*Comme l'a dit M. Muller, il faudra veiller à donner la priorité à la scène musicale differdangeoise ou luxembourgeoise.*
*Jerry Hartung estime que des synergies avec les maisons relais, la maison des jeunes ou l'éducation de rue sont possibles. Il remercie ceux qui ont contribué à l'élaboration du projet.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *trouve le concept du Sonotron intéressant. Le Sonotron est organisé d'une façon unique au Luxembourg puisqu'on pourra y louer une salle de répétition ponctuellement.*
*Généralement, un à quatre groupes peuvent louer une salle et stocker leur matériel. Les salles sont donc occupées régulièrement, mais pas tout le temps. Le Sonotron est différent, puisqu'on peut y louer une salle pour une ou plusieurs heures, voire pour une semaine. Les musiciens pourront donc répéter même sans véritable projet. Il s'agira peut-être parfois de formations temporaires ou de musiciens provenant de l'étranger, de professionnels ou de débutants. Un tel concept manquait au Luxembourg. Differdange a donc fait le bon choix.*
*Les tarifs sont corrects. Le matériel est mis à disposition et la commune en assurera l'entretien. En outre, la gestion est un peu plus complexe que lorsque les salles de répétition sont fixes. C'est pourquoi les prix sont adaptés et Gary Diderich espère que la location en ligne et l'utilisation fonctionneront sans problèmes.*
*Gary Diderich salue le fait que les prix seront moindres pour des projets sans but lucratif.*

Eng aner Fro: D'Auswäertung geet jo iwwert d'Kompetenze vum aktuelle Comité de sélection eraus. Gëtt de Comité de sélection fir deen dote Fall erweidert? Dass mer Kompetenz erakréien, déi eng Bewäertung kënne maache vun deene verschiddenen Offeren, déi mer dann do kréie fir d'Exploitatioun vun deem grousse Studio? Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och, Här Muller. Den Här Hartung, w.e.gl.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, zum Sonotron muss ee fir d'éischt festhalen, datt esou e flotte Projet immens zur Dynamik vun onser Stad passt, fir déi Jonk a manner Jonk. Awer wuel virun allem flott fir déi Jonk hei zu Déifferdeng an hei zu Lëtzebuerg ze hunn.

Museker a Bands kënne Säll lounen, fir reegelméisseg hir Musek ze maachen, elo mat der Méiglechkeet vun engem Tounstudio. De Prinzip vum Timesharing, deen hei ugewannt gëtt, ass richteg. Well esou gëtt verhënnert, datt verschidde Säll de Gros vun der Zäit kéinten eidel stoen. Esou huet jiddwereen, deen heihinner komme wëll, d'Méiglechkeet dofir. An dofir war dëse Projet jo och geduecht, souwuel fir professionell Museker, wéi fir Hobbymuseker, bis hin zu den Ufänger.

Mir deelen d'Meenung vum Här Muller, datt ee soll herno e bëssen oppassen, datt déi vun Déifferdeng respektiv d'Lëtzebuerger Musekszeen hir Plaz sécher fënnt.

Mer kënnen eis flott Synergien zu anere Projete vun der Gemeng virstellen. Zum Beispill mat de Maison-relaisen, mat de Jugendhaiser oder de Streetworker.

Am Numm vun der CSV soen ech de Leit, déi dëse Projet mat ausgeschafft hunn, e grousse Merci. A mir stëmmen dëse mat.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kolleegen a Kolleeginnen aus dem Gemengerot, de Sonotron, wou mer elo haaptsächlech iwwert d'Proufsäll schwätzen an iwwert d'Tariffer ofstëmmen, ass vum Konzept hier ganz interessant. Et ass organiséiert op eng Aart a Weis, wéi et dat zu Lëtzebuerg am Moment tel quel nach net gëtt. Fir sech ganz punktuell e Proufsall ze lounen. Üblecherweis ginn d'Proufsäll esou verlount, dass sech eng, zwou oder Maximum véier Bands ee Sall deelen, hiert Material fest do stoen hunn. A sech dann einfach opdeelen, wie wéini do am Sall ass. An déi Säll da scho relativ vill benotzt ginn. Awer natierlech och elo net déi ganzen Zäit. Vu dass et jo ofhänkt, wéini déi verschidde Bands hir Prouwe fest organiséieren.

Dat hei ass elo e ganz anert Konzept. Hei kann ee sech eng Stonn, zwou Stonnen, véier Stonnen den Dag oder souguer, wann een dat en résidence mécht, eng Woch laang e Proufsall lounen. Dat heescht, hei gëtt de Leit et méiglech gemaach, relativ onkomplizéiert un e Proufsall ze kommen. Déi einfach emol wëlle probéieren, déi nach guer kee wierkleche Projet hunn.

An et gëtt deene méiglech gemaach, déi vläicht einfach just temporär zesumme sinn, wou vläicht och Leit aus dem Ausland kommen, déi ee Proufsall sichen. Dat kënnen also ganz professionell Leit sinn, wéi och Leit, déi ebe knapps ufänken. Esou e Konzept feelt zu Lëtzebuerg. Wou mer hei, mengen ech, de richtege Choix maachen, fir dat ëmzesetzen.

D'Tariffer schénge mer an der Rei ze sinn. Et muss ee jo wëssen, dass hei d'ganzt Material gestallt ass. Dass mir och wäerte mussen den Entretien maache vun deem Material. Do kann ëmmer erëm eppes sinn. Do sinn ëmmer erëm Froen, wann do ëmmer erëm aner Leit kommen. Da leeft dat manner autogeréiert, wéi wann dat e fixe Proufsall ass.

An deem Sënn denken ech, ass dat adaptéiert. An ech hoffen, dass dat ouni ze vill Problemer vu sech geet, souwuel de Booking, deen online stattfënnt, wéi och eben, dass d'Benotzung dovunner ka klappen.

Ech begréissen, dass virgesinn ass, dass fir Projeten ouni but lucratif aner Präisser kënne virgesi ginn. Virun allem, wann ee länger esou e Raum am Sonotron bräicht.

An da wollt ech och déi Fro vum Tounstudio stellen, u wat et do nach hänkt, dass déi Ausschreiwung nach net gemaach ass a wéini mer do weiderkommen. Well dat soss e bëssen e Lancement an zwou Phasen ass. A béides jo awer, vum Konzept hier, zesumme gehéiert, déi Proufsäll an dee Studio. Ech soen Iech Merci.

### BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och. Wa keng Wuertmeldung méi do ass, da versichen ech op déi Froen, déi gestallt gi sinn, eng Äntwert ze ginn. De Projet huet ganz evoluéiert. Wann ee gesäit, wou mer fortgaange sinn, deemools war geduecht ginn, alles outzesourcen.

A lues a lues ass awer gemierkt ginn, datt et vläicht méi gescheit wier, an datt een herno kéint ganz aner Tariffer uwenden, wann een et an Eegeregie géif maachen. Dat huet natierlech aner Nodeeler. Mä dat war am Fong geholl dat, wat an deenen Diskussioune mat de Museker, mat deene betraffene Leit, mam Ministère erauskomm ass.

Et ass wierklech en eemolege Projet, wou ee wierklech muss wäit siche goen, fir esou eppes ze fannen, esou temporär Proufsäll. An och ouni ze kucken, wéi gutt oder wéi schlecht ee Musek mécht, datt do jiddweree ka kommen. An och net nom Alter gekuckt gëtt. Dass et onofhängeg ass, wéi al een ass. Am Jugendhaus hu mer schonn e Proufsall. Dee gëtt ganz gutt benotzt. Mä do ass et natierlech vun 12 bis 26 duerch eng Konventioun. Wou een net méi eropgoe kann.

Mir hate schonn e puer Versammlunge mat der Rockhal. Si hate gefrot, fir eng Konventioun mat eis ze ënnerschreiwen. Mir hunn awer du gesot, mir géife gär elo emol e bëssen Erfarung sammelen, ier mer eng Konventioun mat der Rockhal ënnerschreiwen.

Här Muller, Dir hutt recht, déi sinn e bësse méi bëlleg. Mä si si ganz selektiv. Dat heescht, do kritt net jiddwereen e Proufsall, well se och e Package hunn. Hiert Konzept ass och net schlecht. Op alle Fall wiere si frou, deemnächst méi enk mat eis zesummenzeschaffen. Virum Summer wäerte mer eis nach eng Kéier gesinn, fir eventuell déi Konventioun ze ënnerschreiwen.

Ech soen ëmmer: Wann een eng Konventioun ënnerschreift, dann heescht dat jo net nëmme ginn. Dat heescht dann och, eppes amplaz kréien. Wa mer da géifen amplaz hiren Knowhow oder de Suivi vu verschiddene jonke Bande kréien, wat vun hinne géif da gekuckt ginn, da kann ee roueg esou eng Konventioun agoen. Mä déi misste mer dann nach iwwerschaffen.

Dee grousse Sall ass nach net ausgeschriwwe ginn, well nach verschidden technesch Problemer musse geléist ginn. Deen Träger, Här Meisch, wat Der gesot hutt, dee gëtt elo opgebuert a mat Sand gefëllt. Well do sinn duebel Téin.

Mir haten eng Sängerin do, an déi hat gesot, et sinn zwee Téin, wann et déi gesongen huet, si Vibratiounen entstanen. Dat muss nach fir d'éischt nogekuckt ginn. A wann dat alles geschitt ass, da kann een déi Ausschreiwung maachen, datt Leit sech kënne mellen.

Mä bei der Ausschreiwung wäert net de Präis ausschlaggebend sinn, mä d'Konzept. Dat heescht, mir sinn der Meenung, datt et eng Persoun muss sinn, déi d'Lëtzebuergesch Musekszeen gutt kennt, an datt et herno nach bezuelbar bleift fir d'Gruppen oder déi eenzel Museker, fir Saachen opzehuelen. D'Konzept wäerte mer Iech nach virstellen. Wann Der wëllt, kënne mer dat ouni Problem an eng Kulturkommissioun ginn, fir ze kucken. Datt déi kënne soen, ob dat an der Rei ass oder net.

Wichteg ze soen, wat et, mengen ech, och nach net esou hei gëtt: Virun e puer Deeg hate mer eng éischt Sitzung, fir Leit mat Handicap d'Méiglechkeet ze ginn, Musek ze maachen. Dat ass e rise-

*Il demande pourquoi l'appel d'offres pour le studio d'enregistrement n'a pas encore été lancé. Car le studio d'enregistrement et les salles de répétition font partie d'un même concept.*

### ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

*constate que le projet a évolué. Au départ, il était prévu de privatiser la structure, mais les tarifs auraient été différents. D'un autre côté, tout gérer en interne a d'autres désavantages, mais la décision a finalement été prise avec les personnes concernées et le ministère.*

*Le projet est unique. Les salles de répétition seront ouvertes à tous indépendamment de l'âge ou de l'expérience.*

*La Rockhal a demandé à signer une convention avec la commune. Mais la commune préfère accumuler un peu d'expérience d'abord. Il est vrai que la Rockhal est moins chère, mais elle est très sélective. Roberto Traversini ajoute qu'une nouvelle rencontre est prévue avant l'été. Il n'est pas contraire à une convention — à condition qu'elle soit donnant-donnant. La commune pourrait alors profiter du savoir-faire de la Rockhal ou bien suivre quelques jeunes groupes.*

*L'appel d'offres n'a pas été lancé pour la grande salle à cause de problèmes techniques. Une chanteuse a remarqué des vibrations en fonction des notes. Il faudra donc vérifier où se trouve le problème avant de lancer la soumission. La priorité sera accordée au concept et non au prix. Il faudra quelqu'un connaissant bien la scène musicale luxembourgeoise. Les prix devront rester raisonnables. Le collège échevinal présentera le concept au conseil communal. La commission culturelle pourra donner son avis.*

*Le Sonotron sera aussi accessible aux personnes handicapées. Il ne s'agit pas seulement d'un problème d'accessibilité. Il faut aussi trouver des professeurs compétents. Une réunion avec la Philharmonie, l'UGDA et le directeur de l'école de musique est prévue prochainement à ce sujet.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux règlements temporaires de circulation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite en mentionner deux en particulier.*
*Les travaux vont bientôt commencer à Lasauvage. Le dossier des conseillers communaux comprend plusieurs règlements dans ce contexte.*
*Georges Liesch remercie ensuite ArcelorMittal pour leur collaboration lors des travaux dans le boulevard Émile-Krieps. La voie de bus a été construite sur leur terrain alors que celui-ci n'a pas encore été cédé à la commune.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *souhaite présenter une requête d'un commerçant de la commune. La nouvelle pharmacie à côté d'Auchan ne dispose pas d'un parking. Ne pourrait-on pas installer des bornes permettant de se garer pendant dix minutes? Il faudrait aussi quelques places de stationnement pour les personnes à mobilité réduite.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *trouve pertinent d'aménager des places de stationnement pour les personnes à mobilité réduite devant une pharmacie. Il ajoute que les horodateurs à 15 minutes sont utiles là, où les gens peuvent entrer dans un magasin et en ressortir rapidement.*
*(Vote)*

ge Problem. Éischtens d'Accessibilitéit, awer och Professeren a Professorinnen, fir Coursen ze ginn.

Do hu mer deemnächst eng Versammlung mat der Philharmonie, mat der UGDA, mam Direkter vun eiser Museksschoul, fir och Leit mat engem Handicap d'Méiglechkeet ze ginn, fir Musekscoursen ze huelen oder d'Proufsäll ze benotzen.

Ech wollt Iech just soen, wann Der esou eppes héiert, datt dat stëmmt, datt mer am Gaange sinn, dorunner ze schaffen.

Mir géifen dann zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les nouveaux tarifs de location des salles du Sonotron.*

Exzellent. Mir kommen zum nächste Punkt, dat sinn eis Règlements temporaires de circulation. Här Liesch, do sinn der nach gëschter bäikomm.

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, et sinn der nach eng Partie bäikomm. Et sinn déi üblech. Ech géif der just zwou wëllen ervirhiewen. Dat eent ass zu Lasauvage, wou Der gesitt, dass d'Aarbechten elo ufänken. Do si verschidde Reglementer schonn am Dossier.

An dat anert, do wollt ech ArcelorMittal Merci soe fir hir Kooperatioun. Dass mer um Boulevard Krieps Richtung Nidderkuer, wou mer am Gaange waren ze bauen – op hirem Terrain, dee si eis wäerte cedéieren –, op hirem Terrain awer scho konnten eng Busspur realiséiere fir de BHNS. Dofir ass e Reglement am Dossier. Dat heescht, am Moment ass dat nach Arcelor-Terrain. Deen Terrain geet awer un eis iwwer.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Net zu deem Thema, mä well et doranner passt. Eppes, wat mer ugedroe ginn ass a wou mer déizäit, wéi ech mech drëms gekëmmert hat, driwwer geschwat haten. Do hätt ech eng Fro, oder éischter eng Demande, vun engem Geschäftsmann aus eiser Gemeng.

Déi nei Apdikt beim Auchan, déi sinn e bësse gehäit, well se praktesch kee Parking do hunn, kee Parking à mobilité réduite, och net fir an d'Apdikt ze goen. Do war d'Propositioun, fir do och där Bornen hinzesetzen, déi Maximum op zéng Minutte blockéiert sinn. An och fir e Parking dohinner ze kréie fir Personnes à mobilité réduite. Dat sollt ech dem Här Liesch mat op de Wee ginn a kucken an der Verkéierskommissioun, wat se do kënne maachen. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Här Liesch, wëllt Der drop äntwerten?

**SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo. Mir huelen dat gäre mat. Ech mengen, virun enger Apdikt mécht et sécher Sënn, eng Mobilité-réduite-Parkplaz ze hunn. Dat ass ganz richteg. Eis Horodateuren à 15 Minutte maache sech iwwerall do gutt, wou esou Commercë sinn, wou d'Leit eraginn a séier erëm eraus sinn. Dat ass eng gutt Suggestioun. Mir kucken, wou mer se am beschten himaachen. Mä dat ass eng gutt Suggestioun.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Exzellent. Merci. Deen nächste Punkt ass eng Adaptatioun vum Organigramm. Mir brauche Leit, Techniker.

Dës Persoun huet den Exame gemaach. Mä et ass mat enger Sprooch net esou gaangen. Déi aner Saache waren exzellent. Just eng Sprooch ass net esou gutt gaangen. Mä eise Service technique brauch onbedéngt schnell gutt Leit.

Iwwregens ass elo virun enger gudder Stonn de Bréif erakomm vum Ministère, datt mer d'Police-Gebai finanzéiert kréien. Dat heescht, et kënnt ëmmer Aarbecht bäi. Et ass plafonnéiert op 19 Milliounen Euro. Mä do misst sech eppes maache loossen. Elo wou mer fir de Staat bauen, brauche mer schnell Leit.

Déi Persoun ass gutt, déi war an e puer Virstellungsgespréicher, plus Tester huet se musse maachen. Mir géife virschloen, dee Posten einfach ëmzeänneren, datt mer déi Persoun herno eventuell nominéiere kéinten.

Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech wollt éischtens emol froen, wat fir eng Sprooch et ass.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Däitsch.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Däitsch. Gëtt Lëtzebuergesch …

**ENG STËMM:**

Et ass e Portugis, en huet Problemer mat Däitsch.

(Diskussiounen)

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Däitsch. Okay. Ech kennen deen dote Problem vun der Eisebunn aus. Normalerweis wa se dee Problem hunn, an dee Problem gëtt net behuewen, dann hu se deen hiert Liewe laang.

Mir hu Leit agestallt, déi net déi néideg Kenntnisser haten am Däitschen an och am Lëtzebuergeschen, an deenen do …

(Interruptioun)

Ee Moment just. An deenen do gesot ginn ass, duerno huelt Der dat no. Dat war awer ni nogeholl ginn. Dat ass eis Psychologin, fir et esou ze soen, dat war op héijem Niveau. Dat war en Ingenieur, deen duerno de Betrib sollt geréieren an esou weider an esou virun. Ech fannen et ebe schued, wann déi Persoun déi néideg Kenntnisser net huet.

Ech wollt froen: Stëmmt dat, ech hunn dat elo e bëssen nogekuckt, dass dat u sech e Statiker ass vun der Ausbildung?

(Interruptioun)

Déi zweet Fro: Wat si seng Kompetenze fir déi Plaz?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Am Organigramm geet et am Fong geholl ëm e Posten, dee mer wëllen ëmänneren, haaptsächlech eis responsabel Leit vum zweete Stack, net de Schäfferot. Well d'Decisioun en fin de compte hëlt natierlech de Gemengerot.

Mä et ass selbstverständlech, datt déi Responsabel vum Service technique déi Gespréicher féieren. An datt déi déi Kompetenz bei sech wëllen hunn, wou d'Leit dann hunn. Dat heescht, wann dat esou ass, wéi Dir dat alles sot, an et läit jo e CV och dran, dat ass selbstverständlech ofgeschwat gi mat de Servicer.

An d'Sprooch, wat Der ugeschwat hutt: Dir gesitt jo, wou dee Mann seng Schoule gemaach huet an datt e perfekt Lëtzebuergesch kann. Mä wann ee jorelaang Berichter op Franséisch mécht an et ass en héijen Niveau verlaangt am Däitschen, ass awer ze verstoen, datt een da vläicht net déi néideg Punkte kritt. Ech kann Iech just soen, datt déi um zweete Stack, de Service technique, frou wären, wann déi Persoun do kéint kommen. Méi kann ech net soen.

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe à une adaptation de l'organigramme. La commune recherche des techniciens. Une personne a raté son examen dans une langue. Or le service technique a besoin de quelqu'un rapidement. Le collège échevinal a d'ailleurs reçu une lettre du ministère il y a une heure lui annonçant qu'il financerait le commissariat de police avec un plafond fixé à 19 millions d'euros.*
*Roberto Traversini propose de modifier le poste en question. En effet, le candidat a passé plusieurs entretiens d'embauche et a fait des tests.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *demande de quelle langue il s'agit.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que c'est l'allemand.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *demande ce qu'il en est du luxembourgeois.*
*(Interruption et discussion)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répète qu'il s'agit de l'allemand.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *connait bien ce problème, qui se présente aussi aux CFL. S'il n'est pas résolu rapidement, ces personnes y seront confrontées toute leur vie.*
*Les CFL ont aussi recruté des personnes ne maitrisant pas l'allemand ou le luxembourgeois.*
*(Interruption)*
*Serge Goffinet explique qu'on leur a proposé de combler leurs lacunes plus tard. Mais cela n'a jamais été fait. Il s'agissait d'une psychologue et d'un ingénieur. Serge Goffinet trouve dommage de recruter quelqu'un n'ayant pas les connaissances requises.*
*Serge Goffinet croit savoir que dans ce cas-ci, il est question d'un spécialiste en statique.*
*(Interruption)*
*Serge Goffinet demande quelles sont les compétences requises.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *explique que les entretiens sont menés par le service technique et non par le collège échevinal. Les responsables définissent les compétences.*

*La personne en question parle parfaitement le luxembourgeois. Mais il a longtemps rédigé des rapports en français et n'a pas le niveau requis en allemand.*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *voudrait savoir si la personne en question pourra à nouveau essayer de passer l'examen de fonctionnaire. La délégation a-t-elle remis un avis à ce sujet?*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *ne sait pas si l'avis de la délégation a été demandé.*
*Le collège échevinal pense qu'il s'agit de la bonne personne. Mais Roberto Traversini comprend qu'un conseiller communal puisse s'abstenir lors du vote parce qu'il préfèrerait un fonctionnaire.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'un appel à candidats a été lancé. Une commission, dont lui et les responsables du service technique faisaient partie, a reçu les candidats. Le profil de la personne retenue était le meilleur. Les lois étant en français, il est plus important qu'il maitrise cette langue.*
*Par ailleurs, il parle allemand, mais il n'a pas réussi à répondre suffisamment bien à la question posée. Il a beaucoup d'expérience et a travaillé longtemps pour une entreprise. Mais Tom Ulveling ne peut pas entrer dans les détails, car il n'a pas encore démissionné.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *trouve problématique d'adapter l'organigramme en fonction d'un candidat. L'organigramme remplit un rôle précis et il a été fixé à la suite d'une réflexion.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que personne ne correspond au profil.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *ajoute que cette réflexion ne peut pas reposer sur des considérations politiques ou personnelles.*
*Il rappelle que déi Lénk demande depuis des années la création d'un conseil de recrutement disposant de critères et comprenant des représentants de l'opposition. Cela permettrait de mieux comprendre ce genre de situations.*

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech hätt nach eng Fro.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo, Här Goffinet.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech wollt froen, éischtens: Kritt déi Persoun nach eng Kéier d'Méiglechkeet, dee Fonctionnairesexamen ze maachen? An zweetens: Ass en Avis vun der Delegatioun do, fir dat esou ze maachen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Avis vun der Delegatioun läit net bäi. Ech weess och net, ob en ugefrot ginn ass oder net. Mir sinn der Meenung, datt et déi richteg Persoun ass. Mä ech verstinn awer, datt wann ee just gär Fonctionnairen hätt, datt ee sech kann do enthalen a soen, ech hätt gär onbedéngt e Fonctionnaire. Dat verstinn ech ganz gutt.

Här Ulveling, w.e.gl.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Dee Poste war jo ausgeschriwwen. Mir hunn eng Kommissioun gehat, wou ech dobäi war. Mir hunn all déi Kandidate gekuckt. An dat hei war deen, deen eis am beschten an de Profil gepasst huet, respektiv de Leit vum zweete Stack, déi mat an där Kommissioun waren.

Et war gesot ginn, dass déi sämtlech Gesetzestexter all ëmmer op Franséisch sinn, dofir wär et e bësse méi wichteg, dass ee Franséisch ka wéi Däitsch. Et ass och elo net esou, dass de Mann keen Däitsch kann. Mä et ass esou, dass en eben déi Fro, déi do gestallt ginn ass, anscheinend dann net zur Genüge richteg beäntwert huet. An dofir eben net duerchkomm ass.

Mä ech mengen, de Mann passt relativ gutt bei eis, en huet vill Erfarung, wéi Der gesitt, e schafft scho laang an engem Betrib. Ech mengen, mir wëllen elo net hei doriwwer schwätzen, well de Mann jo nach net gekënnegt huet. An de Mann ass och nach net agestallt. Dofir musse mer dat awer e bëssen diskret behandelen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Wann ech mir dat esou ulauschteren, dann ass schonn emol prinzipiell d'Fro, en Organigramm ze adaptéiere wéinst enger Persoun an engem Sënn kritesch. En Organigramm ass do, well en e gewëssene Sënn erfëllt, well do eng gewëss Iwwerleeung hannendrun ass.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et ass awer keen do.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

An déi soll am Fong onofhängeg vu politeschen, vun eenzelne Considératiounen gëllen an net sur mesure ugepasst ginn.

Wat ech awer och observéieren an dëser Diskussioun dat ass, dass déi Propos, déi mer als déi Lénk scho laang Jore maachen, fir e Conseil de recrutement anzeféieren, wou et Kritäre gëtt an eng Bedeelegung och gëtt vun deem engen oder deem anere Vertrieder aus der Oppositioun, gutt wär, fir an esou Situatiounen en anert Verständnis ze hunn an en aneren Degrès d'informatioun. Dee mer elo net hunn.

An deem Sënn gesinn ech dat relativ kritesch. Ech verstinn déi Argumenter. Ech mengen, et ass prinzipiell e Problem, dass duerch d'Sproochen zum Deel Carrièrë verbaut ginn. Awer heiansdo si se och net onnëtz. An hei war op jidde Fall emol vun der Demande, also vun der Kandidatur hier, keng Indikatioun, dass an deem Sënn d'Sproochen net esou do wären, wéi dat gefrot war.

Dat si fir mech déi Elementer, déi ech als Gemengerotsmember elo präsent

hei hunn an déi mech net immens confident stëmmen, fir elo hei en Organigramm ze ännere bei deem Oflaf a bei deem Informatiounsstand. Ech soen Iech Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Et geet jo drëms, dass de Mann kann …

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Dee Poste besteet am Organigramm. Et ass just, fir ee Posten ze switchen. Dat heescht, et ass elo net ee bäikomm. Am nächste Fall, do froe mer, fir Leit bäizekréien. Mä Dir maacht all, wéi Der et fir richteg fannt.

Ech wëll just soen, déi héich qualifizéiert Leit stinn net Schlaang, fir hei oder op aner Plaze schaffen ze kommen. Am Moment sicht all Gemeng, all Betrib héich qualifizéiert Leit, mä si fanne keng. Mä maacht, wéi Der …

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Pardon, nach eng Fro: Gëtt et keng aner Kandidature fir deen dote Posten?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech hunn Iech et dach elo virdru gesot, Här Diderich. Da lauschtert awer wéinstens no, wat ech soen. Ech hu gesot, mir haten eng Astellung, mä dat war offiziell ausgeschriwwen. Do waren, ech weess net méi, fënnef, sechs, siwe Kandidaturen do. Mir hunn déi Leit gekuckt. Mir haten e Choix gemaach vun zwee, déi gläichwäerteg waren. Deen een hat do e Plus, deen aneren hat do e Plus. A mer hunn eis schlussendlech fir deen doten entscheet. Méi war et net.

An do waren déi Leit vum zweete Stack dobäi, do war ech dobäi. Dat ass a voller Transparenz geschitt. Ech kennen de Mann net. An ech mengen, et kennt keen en hei.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Muller, w.e.gl.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech hunn nach eppes ze ergänzen. An ech mengen, do muss de Sekretär mer recht ginn. Dee Poste muss nei ausgeschriwwe ginn. Well dee Posten, dee war jo ausgeschriwwen ënner gewësse Prämissen. Wou Konditiounen hannendru waren. An déi ginn elo geännert.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Nee.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech soen dann eppes dozou.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Ech wëll nach soen, mir haten eng Kéier en Architekt agestallt, an do sinn eng Partie Leit eliminéiert ginn aus deem Grond, well se Problemer am Examen haten. Déi sinn einfach eliminéiert ginn. Et kann een elo eng aner Meenung hunn. Mä ech fäerten, dass mer domadder net duerchkommen, wa mer net erëm frësch ausschreiwen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Ech soe kuerz eppes dozou. Also wat een Effet ass fir d'Land, net nëmme fir eis Déifferdenger Gemeng, mä och fir de Staat a fir vill Nopeschgemengen, d'Zilgrupp vum Ingénieur industriel, also d'Bachelor-Zilgrupp, do hu mer e risege Manko hei am Land. Dat weess den Här Diderich och vläicht. Et ass immens schwéier.

An ech héieren vu vill Echecken. Déi Fonctionnairen ausschreiwen, an du fënns keng. Deen heite Posten hate mer schonn e puermol ausgeschriwwen. Mir haten en am Ufank ausgeschriwwen, wou mer eng Personne à expérience professionnelle schonn aus dem Metier gesicht hunn. Also dee scho fonctionariséiert war, sief et beim Staat oder op enger Gemeng. Mir haten eng

*Gary Diderich comprend les arguments avancés. Parfois, la méconnaissance d'une langue empêche quelqu'un de poursuivre une carrière. Dans ce cas-ci, la candidature ne laissait pas entendre que les langues demandées n'étaient pas maitrisées.*
*Sur la base des éléments dont il dispose, Gary Diderich n'a pas vraiment envie de modifier l'organigramme.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *rappelle que le poste a déjà été créé. Il ne s'agit donc pas de créer un nouveau poste.*
*Chaque conseiller communal est libre de faire ce qu'il veut. Mais les personnes hautement qualifiées ne sont pas légion.*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *demande s'il n'existe pas d'autres candidatures pour ce poste.*

**TOM ULVELING (CSV)** *demande à M. Diderich de bien écouter, car il a déjà répondu à cette question. Les différents candidats ont été reçus. Deux candidats disposaient de compétences similaires. Finalement, il a fallu faire un choix. Tom Ulveling et des gens du deuxième étage ont participé aux entretiens. Le tout s'est fait dans la plus grande transparence. Le collège échevinal ne connait pas la personne en question.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime qu'un nouvel appel à candidatures va devoir être lancé. En effet, les conditions vont changer.*

**TOM ULVELING (CSV)** *proteste.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *reviendra sur ce point.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *se souvient qu'un architecte a été recruté récemment. Certains candidats avaient été rejetés parce qu'ils avaient raté leurs examens. Quelle que soit l'opinion des uns et des autres, Erny Muller pense qu'il faudra lancer un nouvel appel.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *constate que le pays connait une pénurie en ingénieurs industriels. Il*

*rappelle que ce n'est pas la première fois qu'un appel est lancé pour ce poste, mais les profils ne correspondaient pas. Le deuxième appel ne précisait pas clairement qu'il devait s'agir d'un fonctionnaire. Henri Krecké en a discuté avec M. Hildgen du ministère de l'Intérieur et la procédure est en ordre.*
*Par ailleurs, le candidat en question pourra devenir fonctionnaire plus tard. Il dispose de l'expérience professionnelle nécessaire.*
*Henri Krecké trouve dommage d'échouer à des examens ne correspondant plus au système scolaire actuel. Il n'est pas normal de mettre en doute les compétences de quelqu'un ayant dix ans d'expérience parce qu'il a raté une traduction en allemand. Cette personne est censée gérer des chantiers, pas traduire des textes en allemand. Il faut revoir la structure des examens.*
*Henri Krecké répète que du point de vue de la procédure, il n'y a pas de problèmes.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *demande au bourgmestre si le fait que cette personne maitrise l'allemand moins bien que le français représente un handicap professionnel.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *répond que non.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *dit que c'est tout ce qu'il voulait savoir.*

**TOM ULVELING (CSV)** *rappelle qu'il travaille dans ce métier depuis 15 ans.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe au vote.*

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *lui signale qu'il y a d'autres créations de postes.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *avait compris qu'elles seraient votées séparément.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe à un poste et demi pour le Sonotron. Les conseillers communaux disposent des horaires d'ouverture. Si tout se passe comme prévu, il faudra bien-*

Kandidatur deemools an déi hat eis vum Profil hier net gefall.

Duerno hate mer breetgefächert ausgeschriwwen an am Fong net ganz kloer gesat, dass et géif ee Fonctionnaire ginn. Mir haten de Statut opstoe gelooss. An ech hu Récksprooch gehat mam Jean-Lou Hildgen am Innenministère. An et ass an der Rei esou.

Dee Jong hei, dee kéint – dat kann een och dobäi soen – och nach fonctionariséiert ginn après coup, well en eng Expérience professionnelle huet. Also et wär och nach méiglech, ëm de Beamtestatut eng Kéier nozereechen.

Ech perséinlech fannen et schued – an dat ass eng Tendenz, déi méi a méi opkënnt –, dass een duerch d'Echecken an enger Examensstruktur, déi deelweis nach virsintflutlech ass, déi net méi up-to-date ass par rapport zum Schoulsystem vun haut, a Fro gestallt gëtt.

Et ass net normal, dass ee Mënsch, deen iwwer zéng Joer Beruffserfarung huet, dee seng Bewäertung um Schantje scho bewisen huet, duerch eppes – eng däitsch Iwwersetzung oder wat och ëmmer – seng Expérience professionnelle a Fro soll gestallt kréien. Ech fannen dat e wéineg komesch, muss ech éierlech soen. Entweder sinn ech wierklech apte fir dee Posten, wou ech soll agesat ginn, dat heescht op Schantercher an als Gestionnaire de projet, an net fir eng däitsch Iwwersetzung ze schreiwen.

Also ech fannen et perséinlech schued, dass mer op deem Wee sinn an eiser Examensstruktur. Mir sollen hei eis net selwer eng Brems an eppes ginn. Also prozedural, fir dorobber nach eng Kéier ze äntwerten, ass déi Saach an der Rei.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, w.e.gl.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Här Buergermeeschter, ech hu just eng kleng Fro an där Saach do: Ass dat fir de berufflechen Asaz vun deem Mann en Handicap, wann en am Däitschen net grad esou gutt ass wéi am Franséischen?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Selbstverständlech net.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Okay. Dat wollt ech just wëssen.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

E schafft jo scho 15 Joer am Metier.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir kommen zum Vott. Déi aner Kreatiounen, ech géif menge verstanen ze hunn, datt mer dat separat wäerten ofstëmmen.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Stëmme mer just dës Ëmännerung?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Jo.

*Le conseil communal décide avec 14 voix oui et 5 abstentions d'approuver la modification du poste de fonctionnaire du groupe de traitement A2, sous-groupe technique, en poste d'employé communal à plein temps.*

Villmools Merci. Dat anert ass annerhallwe Poste fir d'Gestioun vum Sonotron. Mir fänke mat annerhallwem un, fir emol ze kucken, wéi et fonctionnéiert. Dir hutt gesinn, wéi d'Ëffnungszäite sinn. Wann dat herno alles esou fonctionnéiert, wéi et elo fonctionnéiert, da wäert nach deen een oder deen anere Poste bäikommen. Mä mir sinn der Meenung, datt mer solle mat annerhallwem Posten ufänken. Dat sinn nei Kreatiounen am Organigramm.

Virun der Ouschtervakanz wäerte mer dee kompletten Organigramm nach

eng Kéier am Gemengerot hunn, well et stinn nach déi eng oder déi aner Posten op, déi mer am Budget hunn, wou mer nach näischt konnte maachen, well mer den Organigramm nach net ugepasst haten.

Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la création d'un poste de salarié à plein temps au sein du 1535° Creative Hub et d'un poste de salarié à mi-temps au sein du 1535° Creative Hub.*

Merci och. Déi Plaze wäerte fir d'éischt intern ausgeschriwwe ginn.

Da komme mer zu verschiddenen Upassunge vun Tariffer fir Leit, déi freelance fir eis schaffen. Sief dat an der Mediatioun, sief dat am Sport. Et läit e Bréif vun der Stad Diddeleng bäi. Mir wëllen net eng Gemeng géint déi aner ausschluechten, datt déi eng méi bezuelen oder manner. Déi sämtlech Tariffer sinn ofgeschwat ginn, och mat eisen Nopeschgemengen, datt mer do en eenheetlechen Tarif kréien.

Gëtt et dozou Froen? Madamm Saeul, w.e.gl.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Här Buergermeeschter, e Merci de Mediateuren aus der Equipe vun der Maison des conflits fir hiren Engagement all déi Joren. De Service de médiation stellt d'Gemeng Déifferdeng hire Bierger gratis zur Verfügung, ob dëst elo am Team mat der Médiation familiale oder Médiation de voisinage ass. D'Büroe vun deene Leit fanne mer an der Groussstrooss am Centre médico. Merci och de Moniteure vun de Sport-Loisir-Coursen hei an der Gemeng, déi hiren Enthusiasmus fir de Sport an hire Course weiderginn.

Ech wollt froen: Huele mir den Tarif vu 60 Euro un oder vu 65 Euro? 60, okay.

D'DP géif dësen Ajustement vum Stonnentarif ënnerstëtzen. Ech soe Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Kéinte mer déi zwee Tariffer zesummen huelen? Här Hartung, ganz gären.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Hei hu mer zwee gutt Projeten aus eiser Stad. Ech wëll net ze vill an den Detail goen, ech wëll just präziséieren, bei der Mediatioun hautdesdaags gi vill méi Qualifikatioune vun de Leit gebraucht. A se mussen och Formatioune maachen. Wat fir si Onkäschte bedeit. Duerfir denken ech, ass dat méi wéi gerechtfäerdegt. D'selwecht beim Sportsservice. Deene Leit soe mer natierlech och Merci fir hir Aarbecht. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'ajustement des indemnités versées aux collaborateurs de l'équipe de médiation et aux moniteurs des cours de sport-loisirs.*

Zu de Kommissiounen: Mir hunn dräi Stéck hei, ass soss keng do? Nee. An der Kommissioun vun der Égalité des chances ersetzt den Här Mike Marnach den Här Pol Flesch, och als President.

Den Här Pol Flesch gëtt ersat an der Sportskommissioun vum Här Guy Wagner. An d'Madamm Denise Weyland gëtt an der Chancëgläichheetskommissioun ersat vun der Madamm Manon Schwickert-Schütz. Domadder ass dat aktéiert.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Da kéime mer elo zu der Froestonn. Här Muller, Dir hat am Ufank gefrot,

*tôt créer l'un ou l'autre poste supplémentaire.*
*Avant les vacances de Pâques, le conseil communal reviendra sur l'organigramme, car il faut encore créer plusieurs postes.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini précise qu'un appel à candidatures interne sera lancé d'abord.*
*Il passe à l'adaptation de tarifs pour les personnes travaillant en indépendant pour le service médiation et le service des sports. Les tarifs ont été négociés avec Dudelange, car il ne s'agit pas de se faire de la concurrence aux communes voisines.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *remercie l'équipe de la maison des conflits pour son engagement. Elle rappelle que le service médiation est mis à disposition des citoyens gratuitement. Les bureaux se trouvent dans le centre médicosocial dans la Grand-rue.*
*Christiane Saeul remercie aussi les moniteurs de sport pour leur enthousiasme.*
*Elle demande si le tarif se monte à 60 € ou 65 €.*
*Les démocrates approuveront l'adaptation des tarifs.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *demande si les deux tarifs peuvent être votés ensemble.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *souligne l'importance des deux projets. Sans entrer dans les détails, il constate qu'aujourd'hui, les médiateurs doivent être qualifiés et suivre des formations. Cela coute de l'argent. L'adaptation des tarifs est donc justifiée.*
*La même chose est vraie pour le service des sports. Jerry Hartung remercie toutes ces personnes.*
*(Vote)*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *passe aux commissions. Dans la commission de l'égalité des chances, M. Mike Marnach remplace M. Paul Flesch et devient président. Dans la commission des sports, M. Flesch est remplacé par M. Guy Wagner. Mme Denise Weyland est remplacée par Mme Manon*

*Schwickert-Schütz dans la commission de l'égalité des chances.*
*(Vote)*
*Roberto Traversini passe aux questions.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *a entendu dire que le Science Center allait proposer une initiation aux métiers. Les jeunes pourront découvrir les compétences requises pour différents métiers. Comme le Science Center ne dispose pas d'assez de place, la construction d'une annexe est envisagée. Quelle est la position du collège échevinal?*
*Erny Muller trouve qu'une telle initiative est parfaitement adaptée à l'ancienne école professionnelle. Differdange a besoin d'ingénieurs et d'artisans. Quelles sont les chances de voir cette initiative s'implanter à Differdange? Que compte faire le collège échevinal concrètement?*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que l'échevin à la culture se plaint constamment que la commune ne reçoit pas de subvention du ministère de la Culture. Or il a lu que le collège échevinal avait rencontré la ministre. Qu'en est-il?*
*Est-ce qu'à l'approche de 2022, les activités culturelles de Differdange seront mieux rémunérées? Que s'est-il passé dans cette réunion? Seul le collège échevinal y a participé. Les conseillers communaux pourraient-ils recevoir des informations?*

**SERGE GOFFINET (LSAP)** *revient sur le dernier marché de Noël. Les stands étaient en mauvais état. Les bâches étaient trouées. Les locaux de Jean La Gaufre n'étaient pas adaptés. Il y a eu des problèmes avec la patinoire. Le moment ne serait-il pas venu de tout revoir?*
*La situation était malheureuse et n'a pas donné une bonne image de Differdange. Serge Goffinet voudrait que le plus ancien marché de Noël du pays retrouve de sa splendeur.*
*(Interruption)*

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK)** *rappelle que la commune a loué le local de l'ancien Ikkuvium il y a un an. Or il semble déjà fermé. Que se passe-*

fir Froen ze stellen. Respektiv, wann nach aner Froen do sinn, ganz gären.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Här Buergermeeschter, Merci. Eng Fro un de Schäfferot. Et ass mer zu Ouere komm, dass e Projet am Science Center wär, wou am Fong eng Formatioun, also eng Initiatioun fir d'Metiere sollt gemaach ginn. Dat heescht, dass eis Jugendlech kéinte feststellen, wat e Metier iwwerhaapt ass, wat do vu praktesche Kompetenzen oder aneren Initiative verlaangt ginn.

Am Science Center ass awer keng Plaz méi, fir an de bestoende Lokalitéiten esou eppes ze integréieren. Do sollt gefrot gi sinn, fir eventuell de Science Center ëm eng Annexe ze erweideren. Ech wollt froen: Wéi ass d'Positioun vum Schäfferot dozou? Ech fannen, dass dat super passt op e Site, wou eng Léierbud war. Wou elo soll erëm eng Initiativ geholl ginn.

Mir hu selwer erausfonnt, dass mer um Niveau vun den Ingenieuren e Besoin hunn. Mir hunn och um Niveau vun den Artisanen e grousse Besoin, also vun den handwierklechen Tätegkeeten. E grousse Besoin. A wann esou eng Initiativ hei op Déifferdeng kéim, da wär ech ganz frou, oder mir als LSAP.

Duerfir wollte mer emol froen: Besteet do eng Chance? A wéi gedenkt de Schäfferot, där Initiativ do entgéintzekommen? Also derfir ze wierken, dass déi Initiativ kéint konkret realiséiert ginn hei zu Déifferdeng? Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Nach eng Fro? Här Bertinelli, w.e.gl.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech hätt eng Fro un eise Kulturschäffen. Mir wësse jo, wat e sech déi lescht Joren geiergert huet. All zweet Gemengerotssitzung huet e gesot, datt e keng Sue vum Kulturministère géif kréien.

Vu datt ech gelies hunn, datt eng Entrevue am Schäfferot mat der neier Kulturministesch war, wollt ech froen, wat dobäi erauskomm ass. An ob mer dann elo net méi esou traitéiert ginn, datt mer verschidde Saachen, wat eis Kultur ugeet, hei net matfinanzéiert kritt hunn.

Et interesséiert mech, vu datt mir riicht op 2022 duerginn. An och am Hibléck op déi Aktivitéiten, déi d'Gemeng u sech am kulturelle Plang hat, ob déi elo besser géife remuneréiert ginn, wéi dat virdrun de Fall war.

Dofir meng Fro un de Kulturschäffen, wat dann do passéiert ass an där Reunioun. Do war jo just de Schäfferot dobäi. Ob en eis do kéint kunddoen, ob mer elo besser behandelt ginn, wéi dat virdrun de Fall war?

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Den Här Goffinet, w.e.gl.

**SERGE GOFFINET (LSAP):**

Ech wollt eppes froen zum Chrëschtmaart, besonnesch zu dësem Chrëschtmaart, dee mer elo haten. Ech hat eis Bude gesinn, an den Zoustand, an deem déi waren. Déi waren uewe mat Baatschen zou. Déi hate Lächer. Ech hat dem Jean la Gaufre seng Gebailechkeet gesinn, déi net grad glécklech war. Mir hate Problemer mat der Äispist, wat och ongllécklech war.

Ass et net vläicht elo um Punkt, emol eng Kéier dat Ganzt ze iwwerdenken? Dat dote war wierklech keng glécklech Situatioun. An et huet och kee besonnesch flott Bild vun der Gemeng ofginn. Ech wier op jidde Fall frou, wann den eelste Chrëschtmaart am Land mol erëm e gewëssene Stellewäert hätt. Deen dote war op jidde Fall net dat, wat mir eis esou virgestallt hunn als LSAP. Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci och. Nach eng Fro? Här Diderich, w.e.gl.

**GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):**

Ech wollt froe bezüglech der Maartplaz, do hate mer virun engem klenge Joer dat Gebai verlount, wat soss den Ikkuvium war, wat mer kaf hunn. Dat ass elo, sou wéi et ausgesäit, zou oder schonn Deeglaang zou. Do wollt ech nofroen, wat do elo ass. Wéi dat do weidergeet? Ob do awer d'Loyere bezuelt si bis dato? A wéi dat an Zukunft weidergeet, wann dann net op ass?

Well de Kontrakt leeft op siwe Joer. No fënnef Joer kann e resiliéiert ginn, virdru just de commun accord. Dat ass natierlech schued fir eis Maartplaz, wann dat elo laang esou géif bleiwen.

Elo ass deen een emol endlech rëm op. Deen huet zwar näischt mat der Gemeng ze dinn, mä dee war elo esou laang zou, dass en eng ganz grouss Baatsch brauch, fir dass ee matkritt, dass deen op ass.

An dann och d'Fro, do ware ganz spezifesch Installatioune gemaach gi fir dee Restaurant. Ech ginn dovun aus, dass dat vum Locataire gemaach ginn ass, an dass de Locataire dat, souzesoen, erëm muss mathuelen oder erëm muss ofmontéieren?

A falls net, ass dat vun der Gemeng bezuelt ginn? Wéi vill Käschte si vun der Gemeng do investéiert ginn, fir dat Konzept ëmzesetzen, sou wéi et do war a wéi et elo riskéiert, gescheitert ze sinn? Sou wéi ech dat och am Fong scho bei der Selektioun dovunner ganz staark bezweifelt hat.

Jiddefalls hoffen ech, dass an dësem Fall elo net deen, deen et benotzt, e Fonds de commerce wëll nach verkafen an et dorunner wäert hänken, wien do erëm wäert drukommen.

Dir hutt haut dovunner geschwat, dass déi Commission économique an Ausaarbechtung ass. Ech hoffen, dass déi Ausaarbechtung schnell weider geet, fir dass mer eis Käpp an deem néidege Kader kënnen zesummestrecken, fir ze iwwerleeën, wéi mer esou Situatiounen an Zukunft evitéieren. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Merci. Här Kulturschäffen, fänkt Dir un?

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Zum Här Bertinelli, dee mech gutt kennt. Dee weess, dass ech net laang gewaart hunn, bis d'Madamm Tanson am Amt war, bis mer hir eng Demande gemaach hunn – déi mer all Joers gemaach hunn –, fir ze soen, mir hätte gär e Subsid. Si war beim Här Buergermeeschter, deen hir alles gewisen huet.

Den Här Buergermeeschter setzt sech vill dofir an, dass mer e Subsid, zumindest fir eise Programm, kréien. Ech mengen, mir mussen der Madamm Tanson emol d'Chance ginn – si huet de Bréif viru sechs Wochen ongeféier kritt –, sech an den Dossier eranzeschaffen. Ech wäert awer net opginn, fir ze kucken, dass an Zukunft all d'Kulturhaiser d'selwecht behandelt kënne ginn. Respektiv dass Kritäre solle virleien, firwat deen een et kritt an déi aner net. Wat bis elo net de Fall war.

Den Här Goffinet huet de Chrëschtmaart ugeschwat. Ech sinn 100% Ärer Meenung. Mir hate ganz direkt reagéiert. De Chrëschtmaart war dëst Joer, kann ee soen, e bëssen eng Katastroph. Éischtens huet d'Wieder net matgespillt. Dat muss ee soen, ass och e Facteur, dee matspillt.

Zweetens hat déi Äispist praktesch d'Halschecht vun der Zäit net fonctionnéiert. Wou mer higaange sinn an deem Mann geschriwwen hunn, dass et net kéint sinn, dass mir dat géife bezuelen. Am Fong misste mir hie Schuedenersatz froen, well mer doduerch esou vill Verloscht haten.

Mä mir sinn eis bewosst, dass déi Buden, déi mer de Moment hunn, kengem richtege Standard méi entspriechen. Entweder reent et eran, oder d'Dier geet net zou, oder d'Klapp geet net zou. Dat ass alles vereelzt. Mir hu schonn Devisen erageholl, fir nei Buden ze kafen. Déi Bude wäerten an Zukunft awer nëmmen exklusiv fir de Chrëschtmaart genotzt ginn.

*t-il? Les loyers ont-ils été payés? Le contrat porte sur sept ans et peut être résilié au bout de cinq ans. Gary Diderich trouverait dommage que ce local reste fermé aussi longtemps.*
*L'autre local, en revanche, a rouvert. Mais comme il a été fermé longtemps, une bâche est nécessaire pour attirer l'attention des clients.*
*(Interruption)*
*Gary Diderich se souvient que le restaurant avait demandé des installations spécifiques. Le locataire va-t-il devoir tout démonter? À moins qu'elles n'aient été payées par la commune? Combien la commune a-t-elle investi dans ce concept qui semble voué à l'échec? Gary Diderich rappelle qu'il avait des doutes dès le départ.*
*Le bourgmestre a dit qu'une commission économique était en train d'être créée. Gary Diderich espère que les travaux avancent rapidement pour éviter ce type de situations à l'avenir.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale qu'il n'a pas attendu longtemps avant d'adresser une demande de subside à Mme Tanson. Celle-ci a rencontré le bourgmestre, qui lui a tout montré. Le bourgmestre fait son possible pour obtenir un subside pour la programmation culturelle.*
*Mme Tanson a reçu la lettre de la commune il y a six semaines. Il faut lui laisser le temps d'étudier le dossier. Tom Ulveling souhaite que les centres culturels soient tous traités de la même façon, et ce, d'après des critères précis.*
*M. Goffinet a mentionné le marché de Noël. Il a raison à 100 %. L'édition de cette année s'est révélée catastrophique. Il a fait mauvais. La patinoire n'a pas fonctionné la moitié du temps. La commune a d'ailleurs écrit à l'exploitant, car elle ne veut pas payer pour quelque chose qui n'a pas fonctionné. Elle devrait même demander des dommages.*
*Le collège échevinal sait que les stands sont en mauvais état. Soit il y pleut, soit la porte ne se ferme plus, soit la fenêtre reste ouverte… Le collège échevinal a demandé des devis. Les nouveaux stands ne seront utilisés que pour le marché de Noël.*

*La commune est aussi en train de développer un nouveau concept.*
*Hier, Tom Ulveling a appris que le chalet ne correspond pas aux normes de sécurité. Il ne sait plus d'où il provient.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *explique que la commune l'a acheté à la Ville d'Esch.*

**TOM ULVELING (CSV)** *constate qu'il faudra en acheter un autre. La porte de celui-ci n'est pas assez grande en cas d'incendie.*
*Tom Ulveling a demandé au nouveau placeur de rencontrer les forains et les associations participant au marché de Noël et d'écouter leurs doléances. Le nouveau marché de Noël devra être plus agréable et plus convivial.*
*Tom Ulveling regrette aussi que le dos des stands donne sur la rue créant une espèce d'écran.*
*La pyramide de Jean La Gaufre était une bonne idée. Malheureusement, elle donnait l'impression d'être assemblée à partir des restes de trois planches.*
*Dès que la commission culturelle et la commission des festivités feront des propositions, le collège échevinal les communiquera au conseil communal.*

**ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)** *a un rendez-vous avec la société exploitant le local de la place du Marché. Tous les loyers ont été payés, mais le local est effectivement fermé. Des rumeurs circulent, mais Roberto Traversini ne sait pas avec certitude ce qu'il en est.*
*Le gros des travaux a été réalisé par le locataire. La Ville de Differdange n'a donc pas investi grand-chose dans ce projet.*
*En ce qui concerne le centre culturel, jusqu'à présent, le ministère versait ses subsides sans critères. Or il est difficile de remplir des critères qui n'existent pas. L'enveloppe budgétaire était simplement distribuée. Le ministère a promis au collège échevinal qu'il recevrait des critères prochainement.*
*Pour ce qui est du Science Center, le collège échevinal souhaite charger un urbaniste de l'aménagement du site de l'école professionnelle et du carrefour. Le Science Center doit*

Mir sinn och am Gaangen, en neit Konzept fir de Chrëschtmaart ze developpéieren. Net méi spéit wéi gëscht krut ech déi flott Hiobsbotschaft, dass eise Chalet, dee mer do hunn, kenger Sécherheetsnorm méi entsprécht. Ech weess net méi, wéini a wou mer dru komm sinn, mä …

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Mir haten deen Esch ofkaf.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

… deen entsprécht kenger Sécherheetsnorm méi. Soudass mer mussen op de Wee goen, wahrscheinlech eppes Neies ze kafen. En ass anscheinend net héich genuch, d'Dier ass net grouss genuch, wann e Feier géif entstoen, dass een eraus kéim. Dat ass schonn e Problem. Soudass mer kucken, wéi mer do elo agéieren.

Dofir hunn ech eisem neie Placeur den Optrag ginn, direkt nom Chrëschtmaart, dass e sech mat deene Leit, déi um Chrëschtmaart waren, sief dat d'Forainen, sief dat d'Leit vun de Veräiner zesummesetzt. Net mat jiddwerengem, mä erausgepickt. Dass e sech mat deenen un en Dësch sëtzt, a kuckt, wéi déi dat gesinn, wat fir eng Doleancen déi hunn.

An da wäert en eis en neit Konzept ausschaffen, fir e Chrëschtmaart reloaded, géif ech soen. Well dat ass jo modern. Dass dat e bësse méi convivial an e bësse méi flott ausgesäit wéi dëst Joer. Ech ginn Iech ganz recht, et war e bësse lieblos. Och fannen ech et net gutt, dass déi Bude mam Réck zur Strooss stinn, wat praktesch esou en Ecran mécht, wou kee gesäit, wat richteg leeft.

Op där anerer Säit, dem Här Jean la Gaufre, vu dass en ugesprach ginn ass, seng Pyramid war gutt geduecht. Mä et hat wierklech e bëssen ausgesinn, wéi wann en aus Reschter vun dräi Paletten, déi en iergendwou opgeraf hätt, do schnell eppes zesummegezëmmert hätt. Mir musse kucken, dass mer do e gewëssene Kritär och vu Qualitéit vun esou Buden erakréien.

Wéi gesot, mir iwwerschaffen dee ganze Chrëschtmaart. A soubal mer konkret Propositioune hu vun de verschiddene Kommissiounen, sief et d'Kulturkommissioun, sief et d'Commission des festivités, komme mer op Iech duer, fir Iech eis Konklusioune matzedeelen, wéi mer dat an Zukunft wëllen ugoen a wou mer dat an Zukunft installéiere wëllen.

**BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):**

Et bleiwen nach zwou Froen. De Bistro op der Maartplaz. Ech hu muer Rendez-vous mat der Societéit. D'Loyere si bis elo nach ëmmer bezuelt ginn. Et ass net, datt mer do e Réckgang vun engem Loyer hätten. D'Gemeng kritt all Mount d'Loyeren iwwerwisen.

Mä natierlech ass et mir och opgefall, wéi Iech all, datt et am Moment zou ass. An ech hu muer oder iwwermuer Rendez-vous mat der Gesellschaft, fir ze kucken, wat déi elo do wëlles hunn. Et héiert ee lénks a riets – mä dorobber kann ee jo näischt ginn –, wat se do da wëlles hunn.

Déi meescht Aarbechten, déi dra gemaach gi sinn, si vum Locataire gemaach ginn. Wann Aarbechten an engem Lokal gemaach ginn, dann ass dat dem Proprietär seng Aarbecht gewiescht, wéi et an enger Location de bail souwisou virgesinn ass. Dat heescht, do huet d'Stad Déifferdeng net weider vill dran investéiert.

Zum Kulturhaus wollt ech nach präziséieren, wann dat vläicht net richteg verstane ginn ass: Bis elo sinn d'Sue verdeelt gi vum Kulturministère un d'Kulturhaiser ouni Kritären. Da brauch ee sech jo och net ze wonneren, datt et schwéier ass, Kritären ze erfëllen, wa keng do sinn.

Dat heescht, déi sinn esou verdeelt ginn. Et ass eng Enveloppe budgétaire gemaach ginn an déi ass da verdeelt ginn. A fir eis war keng do. Dofir hu mer keng kritt. Mir hu versprach kritt, datt mer an nächster Zäit Kritäre wäerte kréien. An da kucke mer, ob mer dann dobäi sinn oder net.

D'Fro vum Science Center, déi hate mer am Schäfferot beschwat. De Schäfferot

ass der Meenung, datt mer sollen en Urbanist beoptragen, fir déi dräi Plazen: d'Plaz virun der Léierbud an déi zwou Plaze vun där neier Kräizung. Den Urbanist soll eis do beroden, wat mer solle maachen.

A mir stiechen eis ganz Energie dran, datt de Science Center esou schnell wéi méiglech déi aner Säit vun der Strooss kënnt, an dat grousst Gebai. An do ass de Schäfferot hannendrun. Och wann en heiansdo vläicht virgeworf kritt, e wéilt en net an hei an do, kann ech Iech soen, datt dat absolutt net de Fall ass.

Ech hu schonn an de verschiddene Ministèren intervenéiert, datt mer do solle weiderkommen. Well 2022 steet virun der Dier. Wa mer do wierklech eppes wëlle maachen, da musse mer all eis Energie dorunner setzen. Dofir si mer der Meenung, datt mer eis Energie sollen do dra stiechen an net nach erëm e Container virun e Container maachen.

Well et muss een och bedenken, datt et eng Entrée en ville ass. An ech hunn d'Erfarung gemaach, wann op eemol eppes do steet, ass et ganz, ganz schwéier, fir dat erëm ewechzehuelen. Dofir soll de Science Center esou schnell wéi méiglech déi aner Säit ufänken. An e soll do net nach méi grouss wuessen, wéi en elo schonn ass. Dat ass eng Entscheedung vum Schäfferot.

Da géife mer déi ëffentlech Sitzung zoumaachen.

*emménager dans un bâtiment plus grand de l'autre côté de la rue aussi vite que possible. Roberto Traversini est intervenu auprès de plusieurs ministères, car 2022 approche à grands pas.*
*Il ne pense pas qu'il faille investir dans des conteneurs. Il est question de l'entrée en ville et l'expérience montre qu'une fois quelque chose aménagé, il est difficile de s'en débarrasser. C'est pourquoi le nouveau Science Center doit être construit aussi rapidement que possible.*
*Roberto Traversini clôture la séance.*

# DÉMARCHES ADMINISTRATIVES

## CHANGEMENT D'ADRESSE

Le changement d'adresse doit se faire dans les huit jours de l'arrivée sur le territoire de Differdange. Les documents à présenter dont :

- une pièce d'identité valable ;
- l'attestation d'enregistrement, l'attestation de séjour permanent ou la carte de séjour ;
- les actes de naissance des enfants (ou le livret de famille) ;
- le livret de famille ou l'acte de mariage ;
- la preuve écrite d'un logement (contrat de bail/autorisation d'habitation).

Après la déclaration d'arrivée, veuillez vous présenter auprès du service clients pour faire la demande pour les poubelles ainsi que pour l'obtention d'une carte de recyclage.

Les détenteurs de chien doivent obligatoirement déclarer leur chien auprès du service clients. Le certificat d'une compagnie d'assurance attestant la couverture des garanties de responsabilité civile ainsi que le certificat d'un vétérinaire agréé sont nécessaires pour la déclaration. Pour la déclaration des chiens susceptibles d'être dangereux et reconnus comme tels par la loi, une procédure spéciale règle la déclaration en deux phases.

## CHANGEMENT D'ADRESSE SUR LE TERRITOIRE DE DIFFERDANGE

Tout changement de résidence à l'intérieur de la commune de Differdange est à déclarer impérativement au service Biergeramt sur présentation d'une pièce d'identité valable, le cas échéant, de l'attestation d'enregistrement respectivement de la carte de séjour de membre de famille d'un citoyen de l'Union européenne, et d'une preuve écrite de logement (contrat de bail/autorisation d'hébergement).

À noter que pour un déménagement à l'étranger, la déclaration de départ dans notre commune reste obligatoire.

# « ARLETTE, L'ULTIME COMBAT »

# ZIDANI




## 17 MAI 2019
**20H00 | 25 €**

**AALT STADHAUS**
**DIFFERDANGE**

CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT STADHAUS
Differdange

**WWW.STADHAUS.LU**


HELLO
LUXEMBOURG.
SUGAR SAMMY
SHOW IN ENGLISH
MAY 21ST, 2019
8:00 PM | 35 EUROS
AALT STADHAUS
DIFFERDANGE
WWW.STADHAUS.LU
CENTRE CULTUREL RÉGIONAL
AALT
STADHAUS
Differdange